




GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 13.11.2020





SOMMAIRE

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	03
1. CORRESPONDANCE	
2. APPROBATION DU TABLEAU DE PRÉSEANCE DES MEMBRES DU CONSEIL COMMUNAL	07
3. CIRCULATION - CONFIRMATION D'UN RÈGLEMENT D'URGENCE TEMPORAIRE DE LA CIRCULATION – RUE JEAN JAURÈS	07
4. FINANCES COMMUNALES	08
4.1. Approbation de la modification à apporter au chapitre XXVIII – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général – vente du livre « Dudelage – Gësch an haut »	
4.2. Approbation du plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2021	
4.3. Approbation de la convention d'échange de terrains avec Monsieur Marc Hoferlin	
4.4. Approbation de l'acte de vente avec la société à responsabilité limitée 17B S.à r.l.	
4.5. Approbation de la convention avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg, pour la mise en place de deux classes du Centre de Logopédie à l'école fondamentale « Lenkeschleé »	
4.6. Approbation du contrat de prêt à usage ou commodat avec le Fonds du Logement pour le site NeiSchmelz	
4.7. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la détection incendie et de l'éclairage de secours au Centre d'Intervention de Dudelage (CGDIS)	
4.8. Approbation du devis estimatif relatif à l'acquisition de 5 maisons unifamiliales « Op Lenkeschleé » en vue de l'aménagement de logements sociaux	
4.9. Approbation du devis estimatif relatif au renouvellement de la toiture et de la façade de la maison, sise 102, rue de l'Hôpital	
4.10. Approbation de l'état des recettes restant à recouvrer	
4.11. Allocation de subsides extraordinaires	
5. ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE – APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE DÉFINITIVE DE L'ÉCOLE DE MUSIQUE 2020/2021	31
6. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE DÉFINITIVE 2020/2021	34
7. APPROBATION DES NOUVEAUX STATUTS DU SYNDICAT DE COMMUNES RÉGIONAL POUR LA PROMOTION ET LE DÉVELOPPEMENT DE LA RÉGION DU SUD « PRO-SUD »	43
8. APPROBATION DES CHANGEMENTS À APPORTER À LA COMPOSITION DES COMMISSIONS CONSULTATIVES	44
9. PERSONNEL	47
9.1. Approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite	
9.2. Création d'un poste d'employé communal, groupe d'indemnité A1 (service communication et relations presse)	
9.3. Création d'un poste de salarié en vue d'engager un chômeur longue durée	
10. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	50

Éditeur responsable : Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelage

Résumé français: Patrick Bausch

Retranscription: Rita Schmit

Photos: Ville de Dudelage

Impression: Imprimerie Mechtel

n°8 / 2020 - Parution: février 2021





RAPPORT SOMMAIRE

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 13.11.2020

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement, Jean-Paul Friedrich ; Madame Romaine Goergen ; Monsieur Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen (à l'exception du point numéro 4.4 de l'ordre du jour), Michèle Kayser-Wengler (à l'exception du point numéro 4.7 de l'ordre du jour) ; Messieurs Claude Martini, Jos Thill et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Vote par procuration : Madame Emilia Oliveira, conseiller communal, a donné procuration à Madame Martine Bodry-Kohn pour voter en son nom.

Visioconférence : Monsieur Jean-Paul Gangler, conseiller communal, assiste à la réunion publique par visioconférence.

Absente : Madame Emilia Oliveira, conseiller communal, excusée.

Début de la séance publique à 8.00 heures. M. le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Suit la liquidation de l'ordre du jour.

1 – CORRESPONDANCE

Les informations suivantes sont portées à la connaissance des conseillers communaux et du public :

- le compte provisoire de l'exercice 2019 de l'administration communale clôture avec un boni de 31,1 millions d'euros tandis qu'un boni de 19,5 millions d'euros était prévu au budget rectifié de l'exercice 2019 ;
- les efforts pour combattre le virus Covid-19 au sein de l'administration communale ont été renforcés et les services communaux ont été mis en vigilance accrue, notamment par l'observation stricte du plan de continuité des activités et par le recours augmenté au télétravail pour les agents communaux ;
- le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg a annoncé vouloir intégrer la Galerie d'Art Nationale sur le site NeiSchmelz comme projet d'envergure de l'Etat ;
- les sacs bleus de recyclage « Valorlux » ainsi que les sacs poubelles gris pour déchets de ménages seront dorénavant dotés de numéros d'identification, pouvant être utilisés à identifier les acquéreurs des sacs poubelles.

2 – TABLEAU DE PRÉSENCE

Le conseil communal arrête à l'unanimité le tableau de présence du conseil communal, comme suite à l'entrée en fonctions de M. Alain Clement comme conseiller communal. Le tableau de présence détermine l'ordre dans lequel les conseillers remplacent, le cas échéant, les bourgmestre et échevins. Il est dressé conformément aux dispositions de l'article 11 de la loi communale et se présente comme suit pour la Ville de Dudelange : Mme Michèle Kayser-Wengler, Mme Romaine Goergen, M. Bob Claude, M. Jean-Paul Gangler, M. Jean-Paul Friedrich, M. Vic Haas, Mme Emilia Oliveira, Mme Martine Bodry-Kohn, M. Romain Zuang, Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Claude Martini, Mme Monique Heinen, M. Jos Thill et M. Alain Clement.

3 – CIRCULATION

Le conseil communal confirme à l'unanimité le règlement d'urgence temporaire de la circulation édicté à l'occasion des travaux de construction d'une résidence, 19, rue Jean Jaurès.

4 – FINANCES

Les décisions sub points 4.1. à 4.8. sont prises à l'unanimité.

1. la modification du chapitre XXVIII – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général – pour la vente du livre « Dudelange – Gëscht an haut ». Aux termes de cette décision, le prix de vente du livre est fixé à 44€ pour les particuliers et à 36€ pour les revendeurs ;

2. le plan de gestion annuel des forêts de la Ville de Dudelange pour l'exercice 2021, présenté par l'Administration de la nature et des forêts et résumé comme suit :

FORÊT SOUMISE AU RÉGIME FORESTIER D'UNE CONTENANCE DE 306 HA	INVESTISSEMENTS (EUR)			REVENUS (EUR)	
	Salaires	Factures	Total	Recettes	Total
Gestion durable des forêts	125 050	88 000	213 050	28 500	28 500
Protection de la nature	13 000	7 500	20 500		
Sensibilisation	36 500	15 500	52 000		
Ressources cynégétiques	1 000	2 000	3 000	3 000	3 000
Surveillance et Police	500		500		
Logistique et personnel	66 000	67 000	133 000		
Grand total:	242 050	180 000	422 050	31 500	31 500

SYNTHÈSE DES RÉCOLTES DE BOIS	VOL SUR ÉCORCE EN M³		
	Grume	Trituration	Total
Hêtres		270	270
Chênes	30	50	80
Autres		110	110
Grand total:	30	430	460



3. la convention d'échange de terrains avec M. Marc Hoferlin. Cette convention d'échange de terrains sans soulte est conclue en vue de permettre la construction des nouveaux bâtiments pour les besoins du service municipal « Gestion et maintien du patrimoine » ;

4. l'acte de vente avec la société à responsabilité limitée 17B S.à r.l. avec siège social à Bergem, aux termes duquel la Ville de Dudelange vend à ladite société deux parcelles de terrain sises dans la rue de la Libération pour le prix de 4'000€ ;

5. la convention avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg, pour la mise en place de deux classes du Centre de Logopédie à l'école fondamentale « Lenkeschléi ». La convention prévoit : « un des objectifs à atteindre par la Convention des Nations Unies relative aux droits des personnes handicapées est la prise en charge des personnes concernées près de leur domicile pour favoriser l'intégration sociale et culturelle. Un des facteurs de leur intégration sociale et culturelle est l'inclusion scolaire. Dans ce contexte, afin de favoriser l'inclusion scolaire, les différents Centres de compétences sont amenés à dispenser un enseignement différencié et individualisé en fonction des besoins spécifiques des élèves, sur base de la loi du 20 juillet 2018 portant création de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire. Dès lors il est envisagé de mettre en place au sein de l'École fondamentale Lenkeschléi, 23, rue Milly Steinmetz-Ludwig, L-3517 Dudelange, deux classes du Centre de Logopédie qui répondent aux besoins spécifiques d'élèves présentant des troubles spécifiques du développement du langage. Une telle structure permet d'une part une coopération multi-professionnelle à travers l'échange entre le personnel enseignant de l'École fondamentale et le personnel spécialisé du Centre de Logopédie au profit des élèves concernés et d'autre part de réduire le temps de transport pour les élèves concernés qui continuent à profiter d'une scolarisation dans une classe régionale. »

6. le contrat de prêt à usage ou commodat avec le Fonds du Logement pour le site NeiSchmelz. Ledit contrat est conclu en vue de permettre à la Ville de disposer, à titre de prêt à usage, la partie dite à « usage mixte » soit les bâtiments « wagonnage-vestiaires » et « atelier des locomotives » situés sur le site NeiSchmelz, ainsi que les espaces extérieurs périphériques, y inclus l'emprise à usage public pour des activités culturelles, sociales et sportives et l'emprise de la piste pour cycles créée en juin 2020 en vue d'y réaliser des activités culturelles, sociales, ou autres organisées dans le cadre des activités Esch 2022 - Capitale Européenne de la Culture et de la région Sud ;

7. le devis estimatif pour un montant de 40'000€, relatif au remplacement de la détection d'incendie et de l'éclairage de secours au Centre d'Intervention de Dudelange (CGDIS) ;

8. le devis estimatif pour un montant de 3'640'000€, relatif à l'acquisition de 5 maisons unifamiliales « Op Lenkeschléi » en vue de l'aménagement des logements sociaux ;

9. le devis estimatif pour un montant de 130'000€, relatif au renouvellement de la toiture et de la façade de la maison, sise 102, rue de l'Hôpital est approuvé avec 18 voix et une abstention ;

10. l'état des recettes restant à recouvrer est approuvé à l'unanimité ;

11. finalement, les subsides extraordinaires suivants sont alloués avec les voix de tous les conseillers communaux : 750€ pour soutenir le travail de prévention en 2020 de l'a.s.b.l. « Sécurité Routière » ; 150€ à l'a.s.b.l. « Association nationale des victimes de la route (AVR) » en tant que cotisation « Commune-membre ».

5 – ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire définitive de l'Ecole régionale de musique de la Ville de Dudelange pour l'année scolaire 2020/2021. Présentation sommaire :

ÉLÈVES		ENSEIGNANTS	
Inscriptions	1360	Total enseignants	55
- dont masculins	566	- à tâche complète (22h)	17
- dont féminins	794	- à tâche partielle	38
Nouveaux élèves 2020/2021	356	CDI	44
Élèves résidents	1151	CDD	11
- de Dudelange	509	Statut d'employé communal	16
- de Bettembourg	291	Statut de salarié	39
- de Roeser	149	Nouveaux engagements 2020/2021	6
- de Weiler-la-Tour	110	Total d'heures d'enseignement hebdomadaire	900
- de Kayl/Tétange	92	Total d'heures contractuelles hebdomadaires	828
Élèves non-résidents	209		
- autres	189		
- étrangers	20		
Élèves (0-17 ans)	1113		
Élèves adultes >18ans	247		
Inscription en filière adulte	40		
Liste d'attente	103		
Total cours	2517		
- Cours collectifs	1120		
- Cours individuels	1062		

6 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire définitive de l'enseignement fondamental de la Ville de Dudelange pour l'année scolaire 2020/2021.

7 – PRO-SUD

Le conseil communal approuve à l'unanimité les nouveaux statuts du syndicat de communes régional pour la promotion et le développement de la région du sud « PRO-SUD ». Les modifications et adaptations sont nécessaires pour prendre en compte l'évolution du syndicat au cours des dernières années ; que les communes syndiquées puissent être représentées dans les organes des comité et bureau du PRO-SUD selon leur juste proportion ; que l'établissement du budget puisse être assurée et rendue plus équitable.



8 – COMPOSITION DES COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES

Le conseil marque, avec 11 voix contre 5 et 3 abstentions, son accord aux modifications suivantes à apporter à la composition de différentes commissions communales :

- Commission de l'égalité des chances et la non-discrimination: M. Alain Clement remplace Mme Martine Kohn en tant que président ; M. Joël Reisdorf remplace Mme Anola Bracaj ; M. Alain Klein remplace M. Ivan Cacao ; M. Thierry Winckel remplace Mme Tania Schmit-Benassuti ;
- Commission de la Sécurité publique: M. Romain Zuang remplace M. Glesener en tant que président ; M. Henri Glesener remplace M. Conny Théobald ;
- Commission du Jumelage et du Tourisme: M. Henri Glesener remplace M. Conny Théobald ;
- Commission des Subsidés pour Études secondaires et post-secondaires: M. Bob Claude remplace M. Romain Zuang en tant que président ; M. Romain Zuang remplace M. Bob Claude ; Mme Anne-Marie Dentzer remplace Mme Aline Pacheco Miguel ; Mme Nadia Schubert-Bologna remplace M. Ivan Cacao ;
- Commission des affaires culturelles: M. Eric Antoine remplace M. François Klein ;
- Commission de la Circulation et de la Mobilité: M. Claude Zieger remplace Mme Tania Schmit-Benassuti ;
- Commission des nouveaux médias: Mme Josiane Di Bartolomeo-Ries remplace M. Bob Claude en tant que président ;
- Pool de remplacement (sont nommés membres pour le parti LSAP) : Mme Claudia Steffen ; M. François Klein.

9 – PERSONNEL

1. le conseil communal approuve à l'unanimité le relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et le relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite. Montres pour 20 ans de bons et loyaux services d'une valeur de 1'000€ : M. Hubert Braquet, membre de commissions consultatives, M. Jean Engel, membre de commissions consultatives, Mme Monique Heinen, membre de commissions consultatives, M. Raymond Schmit, membre de commissions consultatives, M. René Schubert, membre de commissions consultatives, Mme Viviane Serughetti, membre de commissions consultatives, M. Nico Steffen, membre de commissions consultatives, Mme Chantal Steffen-Lahure, membre de commissions consultatives, Mme Tania Gaasch, membre de commissions consultatives, Mme Manuela Barone, employée communale, M. Pierre Christen, chargé de cours – école régionale de musique, M. Jean-Marie Cirelli, chauffeur, M. Laurent Felten, directeur adjoint – école régionale de musique, Mme Corinne Gerend, chargée de cours – école régionale de musique, Mme Manon Haag, assistante d'hygiène sociale, M. Guy Plein, agent polyvalent, M. Patrick Schmitt, agent polyvalent, M. Aldo Spina, concierge, M. Jean-Marie Stemper, agent polyvalent, Mme Tammy Théobald, employée communale, Mme Martine Bemtgen, institutrice, Mme Myriam Dury, institutrice,

Mme Caroline Ourth, institutrice, M. Cliff Schroeder, instituteur, Mme Nadine Thill, éducatrice, M. Gilles Loes, instituteur, M. Bernard Deorazio, ambulancier ; Bon d'achat d'une valeur de 200€ aux personnes parties à la retraite en 2020 : Mme Joëlle Adler, employée communale, Mme Doris Barone, aide-éducatrice, M. Romain Barthelmy, chef d'équipe, Mme Danielle Bausch, agent de nettoyage, Mme Sonja Blang, agent de nettoyage, M. Carlo Bodry, chef d'équipe, Mme Zulmira Carneiro, agent de nettoyage, M. Pierre Christen, chargé de cours – école régionale de musique, M. Georges Facchini, agent polyvalent, M. Pascal Goetzinger, artisan, Mme Romaine Jung, agent de nettoyage, Mme Angèle Klein, employée communale, M. Marco Kowa, chauffeur, M. Richard Marx, assistant social, Mme Josiane Origer, aide-éducatrice, Mme Monique Petesch, aide éducatrice, M. Gilbert Schaack, chef d'équipe, M. Claude Schaal, expéditionnaire technique, M. Aldo Spina, concierge, Mme Antonia Tinelli, agent de nettoyage, M. Mario Urso, chauffeur, M. Claude Zieger, chef d'équipe, Mme Chantal Bertrang, chargée de cours, Mme Elisabeth Hilgert, institutrice, Mme Chantal Lehmeier, institutrice.

2. avec 14 voix et 5 abstentions, le conseil approuve la création d'un poste d'employé communal, groupe d'indemnité A1 pour le service communication et relations presse ;

3. la création d'un poste de salarié en vue d'engager un chômeur longue durée est approuvée à l'unanimité.

10 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Des questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « déi gréng » au sujet de l'organisation de la chasse sur le territoire communal. Il est répondu aux questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos. Des décisions relatives à l'organisation de l'enseignement fondamental et au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos.

Fin de la séance vers 13.30 heures.



Gemengerotssëtzung vum 13. November 2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Léif Kollegen a Kolleginnen, ech géif lech hei begrëssen an eise Gemengerot, deen och komplett ass, éischtmoleg zënter deem d'Gesetz jo a Kraaft getrueden ass, wou den Diddelenger Gemengerot jo de Gemengerot iwwer Visiokonferenz ofhält, respektiv mam Gangler Jean-Paul, deen aus sanitäre Grënn am Butschebuerger Exil sëtzt a vu Wäitem awer ganz no alles suivéiert. Op alle Fall och der BCE Merci, dass mir hei iwwer Videokonferenz de Gemengerot kënnen ofhalen. D'Gesetz gesäit jo fir dass an der Séance publique d'Videokonferenz méiglech ass a beim Huis clos dat awer net méiglech ass, dat ass de Kader, an deem mir eis beweegen.

Dat mol als éischt Remarque, dann déi zweet Remarque, déi ech hei wëll maachen, och do solle mir ganz kloer d'Gesetz respektéieren. Jiddereen, deen heibanne sëtzt, muss d'Mask undoen ausser dee Moment wou e schwätzt, dierf e seng Mask ausdoen. Och dee Prinzip ass an dëser Enceinte ze wahren. Dat zu de Formularen, déi awer net onwichtig sinn, fir dass mir kënnen en bonne et due forme dëse Gemengerot ofhalen. Da wollt ech och nach zu de Formulare soen, dass d'Emilia Oliveira entschëllegt ass an dem Martine Bodry-Kohn Procuratioun ginn huet, esou dass mir an deem Sënn komplett si par rapport zu de Formularen. Da géif ech iwwergoen op d'Korrespondenz, respektiv d'Kommunikatioun,

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Ënner dem Punkt Korrespondenz, respektiv Kommunikatioun, sinn e puer Elementer, déi mir awer hei dem Gemengerot wollt matdeelen. Engersäits eng Kommunikatioun ronderëm de Kont 2019, deen zimmlech gutt ausfällt, wou mir en definitive Boni maache vun 31,1 Milliounen Euro am Rectifié 19 war et e Boni définitif vun 19,5 Milliounen Euro. Wann een elo bësse méi am Detail kuckt, um Niveau vun de Recetten am ordinäre Beräich, sinn et 100 Milliounen Euro, bei den Depensé sinn et 79,1 Milliounen Euro, also hu mir e Boni am Ordinäre vun 21 Milliounen Euro wou am Rectifié der 19 waren. Mir hu vum Kont 2018 e Boni gemaach vun 21,7 Milliounen Euro. Wann ee kuckt, am extraordinäre Beräich, do hu mir Recettë vun 9,2 Milliounen Euro an Depensé vun 20,8 Milliounen Euro stoen. Wann een dat dann zesumme kuckt, dass mir en definitive Boni hu vun

31,1 Milliounen Euro, dat ass ganz positiv an och net onwichtig wann ee weess wéi duerch déi ganz Covidkris generell déi finanziell Situatioun beim Staat ass, wann een och weess, a mir haten och kierzlech eng Finanzkommissioun an Dir hutt och alleguerten als Gemengeconseilleren déi Circulaire kritt fir de Budget rectifié an och de Budget initial, wou mir wäerten am Dezember Budgetdiskussiounen féieren, wat dat vu manner Einnahme generell fir d'Gemeng heescht, dann ass dat heiten eng gutt Ausgangspositioun notament och fir de Rectifié 2020, dee mer sécherlech mat eriwuerzuehlen op den Initial 2021. De Kont ass ageschéckt gi bei den Innenminister, dee muss dat iwwerpräiwen an da wäerte mir och den definitive Kont mat de Remarques oder ouni Remarque vum Ministère de l'Intérieur hei am Gemengerot d'nächst Joer um Ordre du jour hunn. Dat war mol déi éischt Kommunikatioun, déi ech wollt maachen.

Dann awer och, well ech e bëssen iwwert d'Gemengefinanze geschwat hunn am Kader vun der Covidkris, do war och eng Circulaire komm, dass d'Gemeng natierlech och der ganzer Covidkris soll Rechnung droen, wéi se sech soll opstellen och mat hirem gesamte Personal fir de Plan de continuité kënnen ze garantéieren. Dat hu mir och erëm agefouert fir dass eis Servicer en bonne et due forme kënnen funktionéieren an et ass och verstärkt, nach méi wéi am März, op Teletravail gesat ginn, och do ass eng Circulaire komm – just als Informatioun, dass mir à ce stade 60 Leit hunn, déi am Teletravail sinn an och do huet de Chef de service gekuckt mat senger Mataarbechter, wéi een dat kann am beschten organiséieren. Op alle Fall hu mir do eis Mataarbechter a Mataarbechterinnen aus de jeeweilege Servicer, déi op déi dote Form vun Aarbecht zeréckgräifen. Dat war déi zweet Kommunikatioun.

Dann déi drëtt Kommunikatioun, déi ech maache wollt, Dir hutt och schonn deelweis an der Presse matkritt, sief et an der Presse audiovisuelle, sief et och an der geschriwwener Presse, mir hate jo méi wéi eemol hei am Gemengerot doriwwer eng Diskussioun, dat ass mam Projet Neischmelz, mat där ganzer Diskussioun ronderëm d'Filmindustrie, mat deem Projet, wou näischt ginn ass, wou mir och bei der Regierung gesot hunn, dass et wichtig wier, en alternative Projet ze kréien, dass d'Regierung do vis-à-vis vun der Stad Diddeleng an der Bréngschold ass an Dir hutt jo matkritt, dass schlussendlech ganz kloer d'Iwwerleeung besteet, dass d'Nationalgalerie, d'Galerie d'Art moderne soll op Diddeleng op Neischmelz kommen. Dëse Projet, dee steet och am Koalitiounsaccord, dat als Kompensatioun well d'Filmindustrie sech hei net konnt niderloossen. Initial war jo geplangt, dass d'Nationalgalerie sollt an déi fréier Nationalbibliothék kommen, wou jo elo d'Gerichtsbarkeeten hikommen, dat soll och eng Galerie si fir Lëtze-



buerger Kënschtler, et soll awer och en Depot sinn, et soll och en Dokumentationszentrum sinn. Dat heite schreift sech och ganz kloer an an eng Dezentralisatioun vun der Kultur an, och Kulturinstituter, dat ass keen neie Moment fir Diddeleng mee méi eng Ausweidung well mir och mam regionale Kulturzenter an och mat der regionaler Museksschoul den Optrag hunn als Stad Diddeleng par rapport zu der Dezentralisatioun vun der Kultur.

Wéi gesot, déi Decisioun huet d'Regierung geholl, am Staatsbudget 2021 fënnt een och schonn éischt Kreditte fir Etuden ze maachen, fir an den Detail dann ze goen. Op alle Fall ass dat heite positiv ze begrëssen, well et och ganz kloer der Stad Diddeleng als Kulturstad Rechnung dréit fir alleguerten déi Efforten, déi mir iwwer déi lescht 30 Joer gemaach hunn. Dat heiten ass also, wéi gesot, engersäits eng Decisioun, déi geholl gouf, nach sinn eng ganz Rei Etuden ze maachen a mir wäerten do och natierlech am Kader, generell vun der Evolutioun vum Projet Neischmelz - dat wäert eis och nach beschäftegen - och nach de Gemengerot iwwer de Verlaf vun der Diskussioun ronderëm deem heiten nationale Projet au courant halen.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN) : Merci, just ganz kuerz als Info fir de Gemengerot am Ufank Oktober hu mir hei op Bannent, net wäit ewech vun hei 28 gro Mülltute fonnt vun der Gemeng Diddeleng an eise Bannhider geet jo ëmmer da kucken op een eng Trace dra fënnt vun enger Identifikationsnummer oder e Courier oder esou weider. Den Inhalt vun dëse Poubellë war awer esou desolat, dass dat net méi konnt gemaach ginn, respektiv och a Covidzäiten ass et net méi grad gutt, an den Tuten ze wullen. Dunn hu mir als Schäfferot decidéiert, dass an Zukunft all eis Tuten, sief et déi gro Poubellestuten, respektiv déi blo Valorlux Tuten, wäerten nummeréiert ginn, vun der Fabrik aus direkt. Dat heescht, all Bierger deen esou e Rouleau Valorlux-Tute siche kënnt, respektiv déi aner Tut kafe kënnt, do ass eng Nummer op där Tut, esou dass mir kënnen och ouni Problem an ouni dra wullen ze goen, kënnen déi Tuten identifizéieren an dee wou déi Tut kaf huet, kritt dann déi Taxe vu 75 Euro ze bezuelen respektiv och déi Strof fir d'Entsuergung. Da wësst Dir Bescheid wann d'Leit lech drop uschwätzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Dem René Manderscheid Merci fir déi dote Kommunikatioun. Domat hätte mir dëse Punkt ofgeschloss an ech schloe fir, dass mir op den zweete Punkt iwwerginn.

2. APPROBATION VUM TABLEAU DE PRÉSEANCE VUN DE GEMENGEROTSMEMBEREN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Den Tableau de préséance vum Gemengerot, deen huet bësse gewiesselt, dat hate mir déi lescht Kéier vergiess op den Ordre du jour ze setzen. No der Vereedegung vun engem neie Member changéiert deen och an, wéi gesot, et ass eng reng formell Mise à jour.

Ass de Gemengerot mam Tableau de préséance averstannen ? **Dat ass unanime.** Merci. Da gi mir iwwer op d'Circulatioun an der Rue Jean Jaurès an ech ginn do dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

3. VERKÉIERSREGLEMENTER - BESTÄTEGUNG VUN ENGEM PROVISORESCHEN DRÉNGENDE VERKÉIERSREGLEMENT AN DER RUE JEAN JAURÈS

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN) : Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, mir hunn e Règlement d'urgence, wat mir guttzeheeschen hunn an zwar huet den November d'Entreprise ugefaange mat schaffen, d'Haus Nummer 19 an der Rue Jean Jaurès ofzerappen. Niewendrun op 9 Place de l'Hôtel de Ville, dat hutt Dir villäicht gesinn, do steet eng Stee, déi d'Fassad vun deem Haus unhält well déi Fassade ënnert Denkmalschutz steet an déi muss erhale bleiwen. Déi 2 Haiser sinn Deel vun engem Projet, dee virgesäit, eng Residence do ze bauen an déi ganz Aarbechte wäerten eis viraussichtlech 2 Joer begleeden. Fir dass mir awer an der Zäit Sécherheet um Chantier a fir d'Foussgänger garantéiere kënnen, muss während der gesamter Bauzäit den Trottoire virun de betreffenen Haiser fir de Public gespaart ginn.

Fir dass d'Foussgänger dann awer sécher laanscht kommen hu mir 2 provisoersch Zebrasträifen installéiert, eemol op der Héicht vum Haus 13 an der Rue Jean Jaurès an ee Mol op der Héicht vum Haus Nr. 17 Place de l'Hôtel de Ville. Dann ass zäitweis, also net permanent, mee wann de Chantier et erfuerdert, zum Beispill wann se mussen eppes geliewert kréien, da muss de Bypass tëschent der Rue Jean Jaurès an der Place de l'Hôtel de Ville gespaart ginn. Wéi gesot, just dann, wann et néideg ass. Déi Spärung ginn dann och ëmmer am enke Kontakt vum Entrepreneur mat eise betrefene Servi-



cer gemaach fir dass se esou kuerz wéi méiglech gehale ginn. Voilà, dat war et wat ech dozou ze soen hat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci Claudia Dall'Agnol fir dës Erklärungen. Si Froen zu deem dote Verkéiersreglement? Dat ass net de Fall, da stëmme mir of. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.**

4. GEMENGEFINANZEN

4.1. APPROBATION VUN DER ÄNNERUNG VUM KAPITEL XXVIII - VERKAF VUN DROCKSAACHEN, AUDIO- A VIDEOKUMENTER VUN DER ALLGEMENGER STEIERUERDUNG - VERKAF VUM BUCH "DUDELANGE – HIER ET AUJOURD'HUI (DUDELANGE - GËSCHT AN HAUT)"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Da gi mir iwwer op den nächste Punkt, dat sinn d'Gemengefinanzen, do geet et ëm d'Approbation par rapport zu engem Buch, dat editéiert gouf : „Diddeleng - Gëschte an haut“ mat Fotoe vun Diddeleng, gëschte an haut, e bëssen d' Stad am Wandel, dat Buch ass a Biller verfaasst, d'Editioun Schortgen, déi dat Buch gemaach huet mat engem professionelle Fotograf vun hinnen, an awer och mat der Diddelenger Mémoire collective, respektiv awer och mat eise Mataarbechter aus dem Sekretariat, dem Claude Kugener. Dat ass eng Publikation, vun där 1500 Exemplare gedréckt goufen an déi d'Editioun Schortgen an der Vente huet. Mee et geet awer och drëms, dass mir als Stad Diddeleng et op den usuellen Plaze verkafe kënnen, sief et am Gemengenhais, sief et an der Bibliothék, sief et am Centre regional Opderschmelz - CNA, sief et an eise Tourist Info Center an der Rue du Commerce.

Fir dat awer en bonne et due forme ze maachen, musse mir hei eng Taxe stëmmen an do ass hei d'Iwwerleeung, dass mir eis alignéieren un e Präis, deen och d'Editioun Schortgen huet am fréiere Verkaf, dat si 44 Euro fir de Particulier a fir de Revendeur, dat heescht wann eng Librairie eng ganz Rei géif kafen, dass mir do de Präis op 36 Euro géife setzen. Et ass esou, datt dat Buch den Eventail vun de Publikatiounen iwwer d' Stad Diddeleng ganz kloer erweidert an och e Brin vun Nostalgie fir déi, déi Diddeleng fréier an haut kennen, matbréngt. Och fir déi nei Generatioun ass et eng Méiglechkeet fir ze gesinn, wéi Diddeleng gëschte ausgesinn huet am Verglach zu haut. Voilà, dëst gesot ass d'Diskussion op, falls ee wëll Stellung huelen éier mir zum Vote iwwerginn. Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Wien ass mat deenen zwou Taxen averstanen? **Dat ass unanime.** Merci un de Gemengerot an da gi mir op deen nächste Punkt iwwer, dat ass de Forstplang.

4.2. APPROBATION VUM JÄRLECHE FORSTPLANG FIR D'FINANZJOER 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Fir d'Approbation vum järeche Forstplang soll eise Fierschter, de Guy Netgen, dobäi sinn. Da géif ech dech bieten, Plaz ze huelen, fir dass mir den alljärechen Exercice kënnen maachen, iwwer de Forstplang ze schwätzen, an ech géif hei dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN) : Jo, ech ka mech hei ganz kuerz faassen, Dir wësst dass mir all Joer traditionsgeméis am Hierscht de Forstplang um Ordre du jour hunn, esou och dëst Joer a wéi ëmmer am Virfeld vum Forstplang hu mir eng Visite des lieux gemaach mat der Ëmweltkommission, wou jo och de Gemengerot ageluude war. Dat war dëst Joer den 29. Oktober, wou mir um Gehaansbierg waren a wou de Fierschter eis do op där Plaz ënnert anerem och nach eemol de Forstplang virgestallt huet an do huet hien eis e Koup interessant Detailler iwwer den Zoustand vun eise Bësch geliewert an dat wäert hien haut de Moien dem Gemengerot an enger light Versioun nach eemol nobréngen.

GUY NETGEN (FIERSCHTER VUN DIDDELENG) : Dir Dammen an Dir Häre vum Gemengen- a Schäfferot, fir d'éischt wëll ech en décke Merci un d'Gemeng fir all déi Joere ginn, well hei ass mäi leschte Forstplang, deen ech virstellen an ech wäert en net méi ganz ëmsetzen, dofir wollt ech Merci soe fir all dat Vertrauen an all deene Joeren an déi gutt Zesummenaarbecht zwëschent der Gemeng an der Verwaltung well ouni déi Hëllef vun der Gemeng wier et schwierig gewiescht, ze schaffen, well déi Ënnerstëtzung vun der Verwaltung wat d'Material an d'Aarbechtsgefierer an d'Atelieren ugeet, relativ minimal ass, ouni d'Hëllef an Ënnerstëtzung vun der Gemeng géif de Service vill méi schwéier a vill méi schlecht funktionéieren.

Fir elo dann nach eemol op de Plang vun 2021 an ze goen, den Haaptpunkt, villäicht wéi Dir och scho gesinn hutt, dat sinn d'Couppen, wou mir relativ wéineg haen, bedéngt duerch de Gesondheitszoustand vum Bësch. Wat déi lescht Joeren ugeet, do huet de Bësch immens vill gelidden, bedéngt duerch d' extrem dréche Summeren an dee wéinegen Nidderschlag si verschidde Baumarten, déi net nëmmen hei zu Diddeleng mee allgemeng duerch dat ganz Land oder hei a Westeuropa an a Mëtteleuropa ganz vill Problemer kritt hunn, ënnert



anerem d'Fichten. Dat ass hei zu Diddeleng elo net esou problematesch gewiescht, well mir e relativ klenge Prozentsaz vu Fichten am Gemeindebësch haten, mee och déi sinn alleguerter futti gaangen, mir haten elo nach viru kuerzem wou mir hu missten niewent dem Bëschkierfecht eng kleng Parzell Fichten ewechhaen, well se vum Borkenkäfer betraff waren. Ënner anerem méi grouss Plaze waren hannert dem Scoutshome vun de Peaux Rouges, wou mir och relativ vill Borkenkäfer haten, do stoungen nach Fichten, dat war e Fichtebësch, wou d'Gemeng viru Joere vun enger Privatpersoun kaf hat an e puer méi Parzelle verdeelt am Bësch.

Deen aneren, méi grouss Problem, dat sinn d'Buchen. Virun allem d'Buchen hu mat där Dréchent gelidden a sinn an engem relativ schlechten Zoustand wat de Belafungzoustand an d'Kroun ugeet an dofir hu mir hei am Plang virgesinn, nëmmen déi Buchen ze haen, déi wierklech schlecht sinn an eng Gefor duerstelle laanscht d'Weeër oder d'Stroossen oder laanscht Trëppelpied. Do mussen mir da kucken, wéi se sech verhalen, do wou een elo géif gesinn, datt déi wierklech schlecht sinn a laanscht d'Weeër stinn, déi géif een ewechhuelen an déi aner loosse mir stoen an da géif ee kucken, wéi se sech an deenen nächste Joeren entwéckelen, oft gesäit een de Schued vun esou dréchene Joeren net direkt am selwechte Joer mee eréischt e puer Joer méi spët. Elo muss ee kucken, wéi déi Buchen elo am Fréijoer ausgesinn, wann dat neit Laf soll kommen, ob se nach eemol Gréng ginn an a wéi engem Empfang hir Kroun sech nach eemol regeneréiert. Et ass méiglech dass déi eicht Äscht uewen ofstierwen an dann an der Stresssituation eng méi nei Kroun e bësse méi ënne maachen, dat heescht dass de Bam zwar iwwerleift mee en ass da geschwächt an déi iewescht Kroun stierft awer of.

Mir haten net virgesi fir ze haen, ausser am Wal, fir do ze verjéngen an och unzeplanzen, do steet eng Estimatioun dobäi, 250 Meter, an den "Abattage sera seulement réalisé si nécessité réelle". Ech géif éischter mengen, dass mir manner haen, dofir sinn och an deene leschte Joeren d'Recetten nach weider erofgaangen, dëst Joer hu mir am ganzen eng Recette vu knapps 28 000 Euro, dat heescht, den Defizit wat de Bësch ubelaangt, ass och deementspreechend, well de Bësch jo soss net vill aner Funktiounen erfëllt, déi eben an der Berechnung net mat dra kommen. Deen ass hei zu Lëtzebuerg och nach ni taxéiert ginn, mee den Erhuelungswäert, wat dat wäert ass am Bësch, dat hunn se an anere Länner jo mol probéiert, mee bon, also dofir ass deen Defizit op deenen anere Wäerter vum Bësch héich opzerechnen. Soss ass am Fong méi de ganze Forstplang, do gesitt Dir oft am "Plan 2: Plan durable et protection de la forêt", et ass relativ vill am jonken Holz wou geschafft gëtt, respektiv Läuterungen, dat ass well mir wëllen drop hikommen, wéi de Bësch jo och schonn deelweis ausgesäit ronderëm de Sender, dat heescht, dass mir aler a jonker stoe loosse, all Duerchmiesserklassen, all Holzarten an dass dofir de Bësch héchstwahrscheinlech am beschte gewappnet ass fir de Changement climatique, deen sech jo ugedeit huet an de leschte Joeren a bestätegt gëtt vun de Fachleit an de Wëssenschaftler, dofir hu mir den Alter vum Bësch, dee verjéngt gëtt.

eropgesat a mir probéieren esou wéineg wéi méiglech de Bësch opzerappen an ze haen, mat der Iddi, datt en zouene Bësch, wou net esouvill Luucht erakënnt, besser ass fir dee Changement climatique ze erdroen a mir probéieren dann op dee Wee ze goen, dass mir déi Bëscher esou geréieren, dass de Bësch doduerch besser fir dat neit Klima mat héije Sommertemperaturen a manner Nidderschlag gewappnet ass, esou dass mir an deem jonken Holz schaffen an och déi Staangen dotéschent eropkommen.

Do hu mir nach de Problem dobäi, dass och relativ vill Eschen an eise Gemeindebëscher sinn an och ronderëm de Sender, do sti relativ vill Eschen, dat ass eng vun den Holzarten, déi gutt vertraueden ass an do ass an de leschte Joeren och aus dem Ausland, aus dem Osten e Pilz ageschleeft ginn, dat ass d'Eschentriebsterben an och déi sinn all amgaange futti ze goen. Och do maache mir et wéi bei de Buchen, all déi wou laanscht d'Weeër stinn, wou ufänken, geféierlech ze ginn, déi géife mir ewechhuelen an déi am Bësch loosse mir stoen, déi stierwen dann natierlech of an da muss ee kucke mat der Zäit, dass sech do eng Resistenz erausbilt bei den Eschen dass eng Partie dee Pilz iwwerliewen an dass doduerch villäicht de Bam erhalte bleift an de Bëscher. Dat ass den Challenge vun den nächste Joeren, fir ze kucken, wéi de Bësch reagéiert op all déi biotesch an abiotesch Facteuren, wou een net vill Afloss huet ausser, dass een hannendrunner ka reagéieren a Beem ewechhaen, déi et net méi packen, soss kann een net vill maachen, ausser duerch dee Waldbau, wou een en esou reagéiert fir de Bësch e bësse méi zouzeloossen, fir dass manner Luucht op de Buedem kënnt an dass duerch de Mikroklima, deen an engem geschlossene Bestand herrscht, dass d'Beem do besser op déi klimatesch Verännerungen reagéieren.

Wat nach an deem Plan de gestion ass, do kënnt nach wat mir gemaach hunn, de Plan de sensibilisation et d'information du public, dat ass alles dobausse wéi de Kannerwanderwee, deen elo e bësse soll a Stand gesat ginn, de Buerfousspad ze ënnerhalen an ze flécken, wann eppes futti ass, do soll och nach e klengt Bëschhäischen opgeriicht ginn, wat schonn eemol do stoung, mee wat mir missten ewech huele fir d'Schoulkanner op der Haardt, dat ass och mat abegraff an deene Faisen D'Haischen hu mir nach, dat muss just opgeriicht ginn an ënnerhale ginn, wéi och dann um Bëschkierfecht dat Haischen, de Pavillon mat de Panneauen, dat ass alles do abegraff an där Classe de prestations et infrastructures.

Wéi gesot, et geet net ëmmer ganz kloer eraus aus dem Plan de gestion wat et ass, well et eng relativ oniwiersichtlech Opstellung ass an effektiv war et méi oft scho gesot ginn an der Verwaltung, dass mir probéieren do och Kaarten derbäizekréien, mee dat ass net de Fall, dofir ass et dann och immens schwéier fir ëmmer feststellen, wéi eng Aarbechte wou ze maache sinn. Dofir steet dann och ëmmer just de Lieu-dit do a fir sech do wierklech kënne virstellen, wat wou gemaach gëtt, ass dann natierlech net ëmmer einfach. Fir de Rescht ass an deem Plan de gestion näischt Aussergewéin-



leches dran, wou mir vill géifen haen oder soss eppes Grousses schaffen. Ënner anerem steet do, dass mir an der Le'h eng Partie Beem fortmaachen, och do sinn der futtigaangen duerch d'Dréchent an anerer géife mir ewechmaachen, déi op ganz exposéierte Plaze stinn, wou mir dann all Joer relativ vill Problemer mam Eecheprozeessiounsspänner hunn, och do waarde mir op deen Aktionsplang vum Ministère, dee mir elo schonn e puer Joer ugekënnegt kruten, deen nach ëmmer net kënnt, wou mir och net wëssen, wat erlaabt ass, wéi een dierf déi Raup do bekämpfen.

Am Moment maache mir dat nach ëmmer nëmme manuell mat der Nacelle a mam Staubsauger fir se ewechzehuelen an et ass awer problematesch well mir hu verschidde Beem, déi e puer Mol hannertenee gebotzt ginn, well sech déi Raup als éischt an der Kroun als Ee an duerno als kleng Mued entwéckelt, dass déi sech och net alle guerte mateneen entwéckelen, mee dass se zäitversat an de Stadium kommen, wou se geféierlech ginn an da si verschidde Beem, déi een e puer Mol muss botzen an do hate mir och nach ëmmer heiansdo Fäll, dass Kanner oder Leit awer herno voll vun deene Pustele waren, well se am Kontakt mat de Raupe waren oder esou an dofir hate mir wëlles, an dat ass dann och am Plang hei mat dran, dass mir op exposéierte Plazen, wou da relativ vill Schoukanner laanscht ginn oder no beim Restaurant an no bei der Spillplatz, dass mir do vläit verschidde Beem, déi exposéiert sinn, an déi all Joer voll voll vun deene Raupe sinn, ewechmaachen an duerch nei Beem ersetzen, wat dann och noutgedronge keng Eeche wiere well esoulaang mir keng aner Saache kënnen asetze fir d'Bekämpfung vun der Raup kënnt de Problem jo ëmmer erëm. Dat heescht, wa mir eng jonk Eech dohinner setzen, dann hu mer de Problem ëmmer nees erëm.

Natierlech ass d'Eech d'Haaptbamaart vun der Le'h an och ee vun den Emblemer vum Land niewent der Buch. Mir géifen natierlech d'Eech net esou suppriméieren, dass keng méi do ass, mee just op deene Plazen, wou mir festgestallt hunn, dass all Joer erëm Problemer si mat där Raup, fir do eben d'Eech duerch eng aner Holzart z'ersetzen.

Ech mengen, ech wär elo doduerch, wa Froe sinn oder wann ech op deen een oder anere Punkt nach soll méi agoen, da géif ech dat maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Guy Netgen, de Jean-Paul Gangler freet d'Wuert.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) : Merci Här Buergermeeschter, och dëst Joer hat de Fierschter d'Ëmweltkommissioun zu senger Bëschbegehung invitéiert fir bei där Geleeënheet de Forstplang vum nächste Joer virzestellen. Wéi all Joer waren dem Fierschter seng Ausféierunge ganz interessant, och wann se dëst Joer erëm emol net ganz erbauend waren a vill zum Nodenke bruet hunn. An der Kontinuitéit vun de leschte Joeren hu mir e Bësch virfonnt, dee vu Schädlinge befall a geschiedegt gëtt. Do kënnt dee Pilz vum Eschestierwen, d'Eschentriebsterben aus Asien. Mir hu jo dëst Joer gesinn, dass net alles wat aus Asien kënnt, gutt ass.

Dann hu mir de Borkenkäfer un de Fichten, den Eecheprozeessiounsspänner un den Eechen an dëst Joer nei derbäi koum d'Russrindenkrankheet beim Ahorn wéinst engem Pilz, dee geféierlech Spore fräisetzt. Dat alles gëtt dramatesch verschlëmmert iwwer déi grouss Dréchent iwwer e groussen Deel vum Joer, déi elo schonn 3-4 Joer unhält. De Bësch erhëlt sech ëmmer manner gutt dovun an de Fierschter steet ënner Drock. Engersäits gëtt et do en Amenagementsplang 2015-2024, deen e minimalen Hiebsaz virschreift, anerersäits kann net an deem Mooss wéi gefuerdert gehae ginn, well soss de Bësch sech guer net méi erhuele kann.

Et ass eis opgefall, dass dëst Joer d'Eechen immens vill Eechelen an d'Buchen immens vill Buchecker produziéiert hunn, wat eng Stressreaktioun op d'Dréchent an en Ausdrock vum Erhaltungstrieb ass. De Forstplang gëtt dat alles erëm, d'Efforte fir den Bësch gesond ze hale fuerderen ëmmer méi héich Investissementer, awer de Revenu vum Holz gëtt all Joer méi kleng. War den Hiebsaz d'lescht Joer nach 635 Kubikmeter, esou sinn et der am neie Forstplang just 460. Dozou kënnt, dass et kee Maart méi fir Holz an Europa gëtt. Et si keng Abnehmer méi an Europa, dee gréissten Deel vum gehaenen Holz muss dofir an Asien verkaf ginn. De Fierschter steet bei der unhalender Dréchent viru folgender Alternativ: Entweder just e puer Beem de Virzug ginn a vill anerer hae fir dass dat bësse Waasser, wat nach do ass, wéinstens déi puer Reschtbeem erhale kann, oder zweetens de Bësch a Rou loossen a kucken, wéi en sech selwer erhëlt. Dëst verhënnert ënnert anerem, dass bei intensiver Bewirtschaftung och vill nei Schëtz géife futtigemaach ginn. Esou ass et am Endeffekt déi zweet Méiglechkeet, déi hei verfollegt gëtt. D'Konzept ass fir am Bësch all Alter, Holzaart a Duerchmiesserstäerken ze erhale fir de Bësch esou méi resistent ze maachen. Ausserdeem gëtt schonn zanter enger Zäit probéiert, nei Holzarten unzeplanzen, déi méi drécheresistent sinn. Dat konnte mir d'lescht Joer um Rondgang um Ginzebiërg gesinn an op Nofro konnt de Fierschter versécheren, dass déi nei Zorte gutt ukommen.

Et ass alles nach ze fréi fir mëttel- a laangfristeg Erfarungen eranzezéien, zum Beispill wieren d'Douglasien esou eng Ersatzsort, mee dëst Joer konnte mir um Gehaansbiërg gesinn, dass och déi plazeweis ufänken, Haarz fléissen ze loossen, wat eventuell eng Indikatioun kéint sinn op e Befall vum Borkenkäfer, genau esou wéi bei de Fichten.

Bei der Bëschbegehung vum nächste Joer misst also Kloeerheet kommen, och wann de Guy Netgen eis da villäicht net méi ka mat senge kompetenten Ausféierunge leede kann, well hien en Nofollger sicht fir kënnen a seng wuelverdëngte Pensioun ze goen. Eise Rondgang duerch de Bësch huet beim Bëschkierfecht ugefaang an opgehal. An deem Kontext huet de Fierschter duerchblécke gelooss, dass eis Gemeng Efforte maache wäert fir där Platz erëm déi Wüerd zoukommen ze loossen, déi engem Kierfecht zousteet, andeems se déi lästeg Partyen, déi do Anzuch gehalen haten, vermeide wëllt. Ech hat dat schonns e puer Mol op dëser Platz gefuerdert a sinn elo immens frou, dass e Schëld opgeriicht gouf, wat zum



néidege Respekt oprifft, an dass zousätzlech virgesinn ass, déi Holzkonstruktioun am Agang vum Bëschkierfeg mat engem Metallgitter ze versiegelen. Ech begrëssen dat explizit a begléckwënschen déi Verantwortlech zu deem Entschluss.

Als Fazit bleibt ze soen, dass d'CSV dem Fierschter a senger Ekipp hir Efforten zum Erhalt vun eisem Bësch begrësst a respektéiert, dass mir dem Fierschter e grouse Merci a Luef ausdrécke fir alles wat hie bis elo fir den Diddelenger Bësch gemaach huet an nach mécht a mir him bis dohin, wann et esou wäit soll sinn, eng schéi Pensioun wënschen. An deem Sënn stëmme mir de Forstplang 20/21 mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci dem Jean-Paul Gangler. Sinn nach weider Stellungnamen? Madamm Heinen an dann den Här Thill.

MONIQUE HEINEN (DÉ GRÉNG) : Merci fir d'Wuert a Merci dem Här Netgen fir déi vill Informatiounen haut an och während dem Tour um Gehaansbiërg. An eiser Stellungnam wëlle mir net nach eemol all déi Problemer opzielen, déi de Klimawandel an d'Dréchent vun deenen dräi leschte Summer mat sech bruecht hunn an och an Zukunft zimmlech sécher nach weider mat sech brénge wäerten. Mir kucke léiwer op déi verschidden Handlungsstrategien, déi de Fierschter genannt huet am Kader vun der Gestiou vum eisen 306 Hektar Bëscher. E gesonde Mix u Laf- an Nolebeem, e gesonde Mix u déckstämmege Beem an anere Gehölzer, e gesonde Mix u jonken an och eelere Beem, dat wier eng Strategie fir de Bësch méi robust ze maache géint d'Dréchent a Schädlingen. Et géif nëmme gehae ginn, wat onbedéngt noutwendeg ass. Dobäi géife méi klimaresistent Aarte geplanz ginn. lesskäschten, Douglasien, Lannen, Nës-serten, Elsbeeren a Wäissdannen als Beispill.

Wann nei Beem geplanz ginn, kënnen se an dréchene Perioden net permanent genätzt ginn, esou dem Fierschter seng Erklärungen. A just heiansdo nätze géif méi schuede wéi netzen, esou dass net all nei geplanzte Bam iwwerleift, et ass un der Natur, déi dat da reegele muss. Wou d'Waasser hierkéim fir am décke Summer ze nätzen, a wann et keen Drénkwaasser sollt sinn, dann ass dat nach en anere Problem. An der Le'h sinn e puer Plazen zimmlech plakeg ginn. An anere Wieder, Plaze wou gehae gouf dëst Joer, zum Beispill beim Rondel. Um Plang fir 2021 si weider Coupe virgesinn an der Le'h, wa mir dat richtig verstanen hunn.

Dofir eng éischt Fro: Sinn op esou Plazen, wou nach just vereenzelt héich Beem stinn, déi jonk Beem an nei geplanzte Beem net ze vill der Hëtzt exposéiert a risquéieren doduerch net unzekommen? De Fierschter huet jo och gemengt, dass eng gewëssen Dicht u Beem a Bamkroune gebraucht gëtt fir de Mikroklima Bësch ze garantéieren an domat d'Erhale vun der Biodiversitéit an deem Liewensraum. Ass et net och esou, dass den Eecheprozessiounsspänner léiwer op Beem geet, déi aleng stinn a wou dann och d'Sonn besser drükënt? Mat de wichtege Funktiounen, déi de Bësch huet am Kader vum Klimawandel a Liewensraum fir Aarteveelfalt

réckelt dat Kommerziell vum der Forstwirtschaft an den Hannergrond.

Obschonns mir de Wood Cluster hunn an d'Material Holz och perfekt fir d'Kreeslafwirtschaft ass, géif de Verlaf vum Holz net vill erabréngen, esou de Fierschter. De Buerfousswee, deen immens flott ginn ass an och e grouse Succès huet, ass haaptsächlech aus Holz. Eis Fro: Kënn dat Holz aus eise Bëscher a gëtt eis dësse Projet beim Klimapakt ugerechent?

Fir 2021 sinn nach aner didaktesch a rekreativ Installatiounen geplangt, de Fierschter huet der jo elo e puer opgezielt. Vill méi wichteg wéi de kommerziellen Aspekt ass den Aspekt vum nohaltege Wirtschaften an dem Naturschutz. Grad esou wichteg ass d'Sensibiliséierung vun de Bierger a Biergerinnen, ugefaangen an de Schoulen a Maison Relais bei deene Klengsten. Während dem Lockdown konnt ee feststellen, dass net all Bierger a Biergerinnen sech respektvoll an der Natur beholl hunn. Mol ofgesinn dovun, dass et begrëssenswäert ass, dass méi Leit de Wee an de Bësch erëmfonnt hunn. D'Naturverwaltung hat an deem Sënn op de soziale Medien an d'Regelen am Bësch an den Naturschutzgebäidder erënnert, et ass deemno en nationale Problem an och d'Sanktionéiere fält ënnert d'Kompetenz vun der Police awer och de Bannhider hätt do Méiglechkeeten.

D'Nouvelle vun der Nummeréierung vun de Poubelles-tuten, déi kënnt genau richtig haut an dat ass eng gutt Iddi fir déi puer schwartz Schof ze identifizéieren. Den Erhuelungswäert an och de Gesondheetswäert vun de Bëscher sinn net an Zuelen oder Euro ze chiffrieren. Dat hält eis elo net dovunner of fir de Forstplang 2021 ze stëmmen. Et bleibt eis nach, dem Här Netgen Merci ze soen an eng wuelverdängte Pensioun ze wënschen a ganz entspaant Spadséiergänger am Bësch.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci dem Monique Heinen an da ginn ech d'Wuert weider un de Jos Thill.

JOSEPH THILL (DÉ LÉNK) : Merci dem Här Netgen fir d'Aarbecht, déi hie geleescht huet an och fir déi ganz interessant Visite, déi d'Ëmweltkommissioun hat um Gehaansbiërg Enn Oktober. Meng Virriedner hunn et scho gesot, ech muss och soen, ech war zimmlech katastrophiéiert iwwer dat wat ech do gesinn hunn an ech denken, bis elo huet een de Klimawandel zu Lëtzebuerg gesinn, wann ee ganz gutt opgepasst huet, verschidden Insekten, déi aus méi waarme Regiounen kommen, fënnt een elo och zu Lëtzebuerg, mee ech mengen, esou massiv wéi een de Klimawandel elo scho gesäit, war et bis elo nach net de Fall. Ech denken, dass nom Tornado zu Péiteng a Käerjeng, eis Bëscher wierklech weisen, dass eppes geännert huet an dass dee Klimawandel net nëmme wäit entfernt Entwécklungslänner betrëfft, mee och hei zu Lëtzebuerg ukomm ass.

Den Här Gangler huet et schon opgezielt, eis Hauptbeem sinn d'Eechen an d'Bichen, d'Beem gi vu Schädlinge befall, haaptsächlech wann se scho geschwächt sinn a schon an engem méi schlechten Zoustand.



Wann een dann d'Lëscht mécht, d'Eeche sinn ugegraff vum Eecheprozessiounsspänner, d'Biche sinn op méi dréchene Plazen och hei zu Diddeleng amgaang an de Krounen ze verdrénken, d'Fichten, do ass de Befall vum Borkenkäfer wierklech massiv, also et wäerten der net ganz vill iwwereg bleiwen. D'Ulmen an d'Esche si vun engem Champignon ugegraff an och den Ahorn huet d'Russrindenkrankheet. Also, et kann een sech dem Problem net verschléissen an, wéi gesot, ech war ganz erschreckt. Ech war och e bëssen iwwerrascht vum Här Netgen dann ze héieren, dass et op nationalem Niveau nach kee Plang gëtt fir eis Bëscher un de Klimawandel unzepassen, mat entsprecherende Moossnamen, déi virgeschloe ginn an eigentlech och keen nationale Plang fir d'Bränn an de Bëscher ze bekämpfen.

Ech war positiv iwwerrascht vun de Leit, dass mir net schonn an dësem Summer, wéi et immens dréche war, an och eis Bëscher ganz dréche war, et zu Lëtzebuerg nach net zu Bränn komm ass. Mee dat muss net onbedéngt ëmmer esou bleiwen an ech denken, eis Gemengeresponsabel wiere scho gutt beroden, sech elo scho Gedanken ze maachen, wéi se kënnen, wann esou eng Katastrophe eemol iwwer d'Diddelenger Bëscher erabrécht, wéi se dann do en Noutfallplang kënnen hunn, fir dogéint virzegoen. Wat de Forstplang u sech ubelaangt, fanne mir déi Explikatiounen, déi den Här Netgen eis ginn huet, gutt a richtig, also dee Wee mat Aarteivelfalt mat Beem a verschiddene Gréissten, géint dee Klimawandel unzegoen an de Forstplang selwer stëmme mir esou wéi e virgeschloen ass, mat. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci dem Här Thill. Den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP) : Merci Här Buergermeeschter, ech wéilt dann och am Numm vun eiser Fraktioun dem Guy Netgen Merci soe fir d'Opstellen an d'Virdroe vum Forstplang 2021. Schon erëm am drëtten Joer hannertene war et e schwieregt Joer fir eis Bëscher. Op eiser interessanter Begehung um Gehaansbiërg hu mir Beispiller vun de Konsequenze vun der Länner Dréchent gewise krut, d'Bamzorte wéi Buchen a Fichten, déi net méi mat der Dréchent eens ginn, stierwen of, dobäi och vill Beem, well se méi schwach sinn, gi vu Kränken a Pilze befall a schlussendlech war d'Joer 2020 och d'Joer vum Borkenkäfer. Dobäi kënnt nach d'Bekämpfung vum Eecheprozessiounsspänner, besonnesch op deene Plazen, wou sech vill Leit ophalen, wéi zum Beispill an der Le'h, wou nach ëmmer den nationalen Aktiounsplang vum Ministère op sech waarde léisst.

Eis Bëscher, kann ee soen, si plazeweis dach ferm ugeschloen, esou ass och en Ëmdenken an der Gestiou vun de Bëscher an Zukunft verlaangt gëtt, wéi zum Beispill wéineg a geziilt Couppe, beispillsweis nëmme Beem, déi laanscht d'Weeër stinn, ëmhaen, well se eng Gefor duerstelle fir d'Leit, dann d'Bëscherjéngunge méi laang zouzeleossen, kucke wéi sech dat eventuell mat der Entwécklung vun eise Bëscher am Klimawandel auswierke kann. Villes kann ee selwer net bewierken, do kann de Fierschter och net zauberen. Dat eenzegt wat ass, et ass en Ëmdenken an der Gestiou vun de

Bëscher an Zukunft verlaangt. Et ass eng Erausforderung, net nëmme lokal mee och national. Guy, du has et am Ufank gesot, et ass deng lescht Presentatioun vum Forstplang, du gees den nächste Mee an d'Pensioun. Ech wollt dir am Numm vun eiser Fraktioun Merci soe fir deng Aarbecht an deng Bereetschaft, all déi Joeren op d'Bedierfnesser an d'Demande vu Schoul a Maison Relais ze reagieren, sief et duerch Féierungen, sief et awer och fir de Bau vu flotten Holzinfrastrukture fir Schoulkanner awer och fir hir Familljen.

Merci nach eemol dir an denger Ekip fir d'Uleeë vum Buerfousswee an natierlech och fir déi ganz Gestiou vun de Bëscher all déi laang Joeren, wou s de hei zu Diddeleng geschafft hues. Nach awer hues de e puer Méint virun der, wou mir vun dengem Wëssen an denger Erfahrung profitéiere wäerte fir eise Mobilitéitswee unzeleeën, grad wéi d'Renovatioun vum Kannerwanderwee ze maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci Här Zuang. D'Madamm Goergen huet d'Wuert.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG) : Merci Här Buergermeeschter, ech ka mech kuerzfaassen, well d'Madamm Heinen schonn déi wichtegst Saache gesot huet vun eiser Fraktioun, inklusiv de Mercie fir den Här Netgen. Et ass ze begrëssen, dass fir dat nächste Joer wéineg Couppe ze erwaarde sinn an esouguer manner wéi dat wat d'lescht Joer scho virgesi war. Och op anere Plazen am Land gëtt den Holzschlag begrenzt, et sollen also bei de Stämm nëmme 30 Kubikmeter vun Eeche geschloe ginn a guer keng Stämm vu Bichen. Dat ass jiddefalls dat wat an der Synthees erauskënnt. Wa meng Informatiounen richtig sinn, dat wieren dann ongeféier 60 Beem wann een dovunner ausgoe kann, dass en Durchschnittsbam en hallwe Kubikmeter Holz ergëtt. Bei de Biche si guer keng Recolte vu Stämm virgesinn, dofir meng Fro: Wéi sou kann een do esou sécher sinn, dass nëmme Trituratioun - dat heescht Holz wat zerklengert gëtt - ufält? Ginn do nëmme dënn Beemercher gehaen?

Dann hätt ech eng Fro zum Holz vun den Nolebeem, do hunn dëst Joer vill Fichte misse gehae ginn, déi dem Borkenkäfer zum Opfer gefall sinn, do sinn der d'nächst Joer bestëmmt och nach fälleg. Wéi sou gëtt dëst Holz net am Forstplang ugefouert? Weder dëst, nach d'lescht Joer? Jiddefalls bei der Synthees fir d'Recolte. Et ass jiddefalls ze begrëssen, dass op lokalem wéi och nationalem Plang méi eng naturno Bewirtschaftung vun de Bëscher ugestriift gëtt an déi sozial Funktioun vun de Bëscher iwwer de wirtschaftlechen Aspekt gesat gëtt. An deem Sënn kann ech och dem Monique sengem Luef zum Buerfousspad nëmme mech uschlëssen, et bleift mir awer drop hinzewiesen, dass dat intensiiv Tréppele vun de Leit iwwer d'Beschweeër och Schied hannerléisst. Dat wäert net vill ausmaache beim Buerfousspad awer d'Schied an deem Deel vun der Le'h, wou de Kloterpark ass, sinn net ze iwwersinn, dat selwecht gëllt och fir déi betraffe Beem. Gëtt et Iwwerleunge fir zesumme mam Bedreiwer ze kucken, wéi een déi Problemer kéint meeschteren? Dat waren e puer Froe menger-säits. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och der Madamm Goergen. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géif ech d'Wuert weiderginn un eise Fierschter fir op déi verschidde Punkten anzegoen.

GUY NETGEN (FIERSCHTER VUN DIDDELENG) : Fir op déi eenzel Froen anzegoen, den Här Gangler hat ënnert anerem och vum Bëschkierfecht geschwat. Effektiv, do hu mir reegelméisseg déi Problemer, dass do Feiere sinn oder illegal Partyen, déi lescht Kéier war et fir Hallo-ween, do war vill zu Onwee gemaach ginn do uewen am Haischen. Si haten ënnert anerem e puer Plateaue réi Eeër mat eropgeschleeft an hunn déi bannen am Haische widder d'Holzswänn geschoss. Dat ganz Haischen huet du misse vu banne gebotzt ginn a mir hoffen, dass dat an Zukunft, wa mir do déi Paart dran hunn, dass se op d'mannst net méi kënnen erakommen an dass dat dann e bësse méi roueg gëtt.

Wat déi aner Bemierkung vum Här Gangler ugeet fir déi nei Holzarten, effektiv, mir hu probéiert, e bësse mat Lannebeem oder och lesskäschten uplanzen, ob se enger klimatescher Verännerung eventuell besser ugepasst sinn, well se Dréchente besser verdroen. lesskäschte fënnt een der eben net esouvill einheimischer. Lannen hunn den Nodeel, dass dat Holz guer net gesicht ass, wa mir elo Lanne planzen, déi erreechen och eréischt an 150 Joer hir Déckt, wou een se dann och kéint haen a wie weess wéi den Holzmaat an 150 Joer ausgesäit, villäicht ass dann d'Lannenholz dee Moment awer e bësse méi gefrot an an der Verwendung si villäicht dann nei Weeër op, wou een da Lannenholz och kann anescht verwenne wéi et am Moment ebe méiglech ass.

D'Madamm Heinen war op d'Couppen an der Le'h agaan- gen, och dass et plazeweis méi hell ass, dat ass richtig, dat waren Eechen, déi wierklech deelweis ofgestuerwe waren. Plazeweis hu mir se och effektiv nëmmen demon- téiert, dat heescht, dass een an de Bam klëmmt an et schneit ee just d'Kroun of, de Bam schéisst dann nach eemol nei aus. Natierlech gesäit en dann am Mo- ment net esou schéin aus wéi eng al Eech, déi voll Äscht ass, mee dat hu mir haaptsächlech laanscht de Buer- fousswee gemaach oder laanscht d'Weeër, wou Eechen esouwäit ofgestuerwe waren, dass se relativ vill diert Holz oder ofgestuerwen Äscht an der Kroun haten an dass se eng Gefor fir d'Leit duerstellen. Plazeweis hu mir effektiv och e bëssen den Ënnerstand erausgehae fir de Bësch e bëssen ze verjéngen, och op deene Plazen, fir dass jonk Eechen eropkommen. Dat sinn da Plazen, wou net direkt laanscht de Wee sinn, oder wou elo keng Anlage sinn ewéi Spillplazen oder de Buerfousspad, wou mir dann natierlech probéieren, d'Eechen ze erhalen, déi nach ëmmer d'Haaptbamaart vun der Le'h ass an och do probéiere mir dann, jonk Eechen eropzekeréien, fir dass mir do déi al Eeche kënnen stoe loossen, mat ennen drën- ner engem Ënnerbau oder Tëschebau vu jonken Eechen.

Bei Eechen ass et bësse méi schwéier wéi ronderëm de Sender mee bei Eechen, déi brauchen an der Ent- wécklung einfach méi Luucht wéi eng Buch, déi kann am Hallefschiet eropwuesse während eng Eech, wann se net

genuch Luucht kritt, einfach vergeet. Jonk Eechen, déi net genuch Luucht kréien, déi gi schwaach, do gesäit een herno wann se jonk sinn, si kréie Mehltau, d'Blie- der ginn e bësse wäiss an da bauen se net genuch Re- serven op fir iwwer de Wanter ze kommen an dat Joer drop schéissen se zwar aus, mee si sinn awer relativ schwaach a stierwe mat der Zäit of. Dofir muss een ein- fach, wann een Eechebëscher wëll eropkréien, e bësse méi staark dran hae wéi an engem Buchebëscher, bedéngt doduerch, dass d'Eech eng Lichtbaumart ass an d'Buch eng Schattenbaumart. Esou erhole mir dann d'Eechen an der Le'h.

Wat de Wood Cluster ubelaangt, jo, dee ganze Buer- fousspad wéi och déi Haisercher, déi dorëmmer stinn, och um Bëschkierfecht, dat ass alles Holz aus dem Ge- mengebëscher. Dat misst een och beim Klimapakt uge- rechent kréien. Ech géif mengen, och an deem neien Naturpark, deen elo erauskënnt, do muss ee kucke wat een do effektiv alles ugerechent kritt. Mir maachen déi nächst Woch eng Opstellung wat mir alles aus deem Holz aus de Gemengebëscher opgeriicht hunn an da schwätzen ech mam Ëmweltberoder, mam Patrick wéi vill een do ugerechent kritt a wéi vill dat ausmécht. Dat hu mir an deenen nächste Méint wëlles.

Vum Här Thill déi Fro, jo, um nationale Plang fir d'Klima- verännerung, dat gëtt et net, eis Verwaltung huet den Alter vun de Beem, éier se gehae ginn, eropgesat, soss waren dat fir d'Buche 150 Joer fir verjéngt ze ginn, dat gouf och ëmmer esou an den Amenagementspläng zeréckbehalen. Bëscher, déi dann deen Alter haten, déi sollten dann an de Verjéngungshieben duerchgesat ginn, do sinn déi Alteren eropgesat ginn, bei der Buch vun 150 op 200 Joer, bei der Eech sinn se vun 200 op 250 Joer eropgesat ginn, dat heescht, mir hunn national wëlles, eis Beem méi al ginn ze loossen, éier se verjéngt ginn.

An deen zweete Punkt war, dass a Bëscher soll gehae ginn, wou nach méi Holz drasteet, do ass eng Zuel fest- geluecht ginn, bei de Buchen ass et 18 a bei den Eeche 15, dat ass e Plang, deen och an deem Amenagements- oder Inventairesplang drasteet an esoubal d'Bëscher ënnert deem Wäert sinn, géif net dra gehae ginn.

Wat d'Feiergefor ubelaangt, dat ass et wichteg, do gëtt et keen esouwäit ech weess, ech weess net wéi wäit de CGDIS ass, mee mir hunn do nach näischt matgedeelt kritt, dass et do en nationale Plang fir d'Bekämpfung vu Feiergefor oder Bëschfeier ass, ech weess näischt do- vunner. Wat och wichteg ass, duerch d'Drèchent steigt natierlech déi Feiergefor, och eben doduerch, dass mir iwwergaange sinn, plazeweis fir déi ofgestuerwe Beem ënnert anerem och d'Fichten, dass mir déi dann net am Bësch géife stoe loossen, dat ass natierlech méi sé- cher, wat méi Drèchent ass oder dout Holz am Bësch steet, wat d'Feiergefor och méi héich ka sinn. Bis elo ass et esou, dass an de Lafbëscher schwéier oder bal ni Feier ausgebrach ass, einfach well an deene Lafholz- bëscher vill Gréngs ass an och ëmmer eng gewësse Fiichtegkeet dran ass, do hate mir weider nach ni Feier an de Lafbëscher, meeschtens war et, wann et Feier gouf, éischer an Nolebëscher oder mol am Éislek an de



Louhecken, déi dann och méi dicht stoungen a wou dann och relativ vill diert Holz ugefall war. Och do muss ee kucke wat d'Zukunft bréngt, ech huelen un, dass wann d'Gefor vu méigleche Féieren an de Bëscher steigt, dass dann awer och do iergendwéi mam CGDIS gekuckt gëtt wat een do präventiv ka maachen an op wat fir ee Wee ee geet.

Dann, wat d'Interventioun vum Här Zuang ugeet, do kucke mir an nächster Zäit fir och do dee Buerfousspad e bëssen ze ergänzen, dass mir niewendrun och nach e Mobilitéitswee maachen, wat dann awer getrennte Circuite sinn an dann effektiv och dee Kannerwanderwee an der Le'h e bësse méi attraktiv ze maachen an nei Geräter dobäizemaachen, dat musse mir kucken, wat do decidéiert gëtt.

Zu de Bemierkunge vun der Madamm Goergen, effektiv, Stammholz vu Buchen, do ass hei näischt uginn, well dat meescht ofgestuerwe Buche sinn a well mir dovunner ausgaange sinn, dass sech dat am Stamm och zeechent a well mir dann och eng Partie vun deem Holz huelen, effektiv, hei steet Trituratioun, mee dat ass well et am Plang net méiglech ass, Brennholz anzeginn. Mir maache jo relativ vill Brennholz, wat mir och op Mooss geschnitte bei d'Leit féieren, a well net esouvill Brennholz ufält, géife mir déi Beem, déi mir aus Sécherheetsmoosnamen haen, well se ofgestuerwen sinn, zu Brennholz maachen a bei d'Leit féieren. Dofir hu mir och weider elo keng Stammholz vu Buchen uginn, ënnert anerem well déi Buche jo och net hei an der Groussregioun verschafft ginn, mee effektiv dann an Asie gefouert ginn a wann do e puer Stämm ufalen, géife mir déi éischter hei selwer verschaffen, wéi se an d'Ausland ze verkafen.

Ech hat eemol mat eise Gemengeschräiner geschwat a vu dass si selwer och vill Holz an der Schräinerei verschaffen, an dat ëmmer verkafen, ob mir net sollen eist eegent Holz aus eise Bëscher, Eechen, Eschen oder Buchen oder wat soss nach esou ufält, selwer verschaffen, da kéinte mir esou eng mobil See, dat sinn esou Seeën op Rieder, wou een dann op d'Plaz kënnt an op der Plaz déi Mooss schneit, déi ee brauch, esou dass mir d'Méiglechkeet hätten, an der Schräinerei Beem an Holz aus den eegene Gemengebëscher ze verschaffen, wat jo dann och am Klimapakt géif mat ugerechent ginn.

Fichte stinn och keng um Plang, well ausser deenen um Bëschkierfecht hu mir net weider wëlles der ze haen, déi aner wollte mir stoe loossen, wou der e bësse méi gestuerwe sinn, dat ass am Görgebësch, dat ass dee Bësch iwwer der Ponderosa erop an do wollte mir awer elo net dran hae goen, well do och vun den Säite vill Lafholz ukomm ass, jonk Beem, déi ënner de Fichten eropwuessen, dofir wollte mir déi Fichten net ewechhaen, éischters kréie mir am Moment näischt méi fir dat Holz well et ofgestuerwent Holz ass an zweetens well de Maart iwwersiedegt ass vun esou Borkenkäferholz. Et ass weider kee méi do, deen engem dat ofhëlt, deelweis muss een de Firmaen eppes bezuelen, fir dass se dat Holz siche kommen, esou hu mir decidéiert, dass mir dat Holz dann einfach am Bësch stoe loossen, dat

fält lues a lues an de Koup an ënnendrënner entsteet dann en neie Bësch aus Lafholz dat gréisstendeels vun de Säiten, vum Buchaker oder vum Ahornsoom, dee vun de Säiten agedroe gëtt, a wa mir do elo géife schaffen, da géife mir déi Verjüngung mat futtimaachen, well déi Fichte maschinell gehae gi mat engem Prozessor, wou dann net op déi jonk Verjüngung géif opgepasst ginn oder esou. Dofir hu mir weider keng Fichten, déi eenzeg Fichten, déi mir wollten an der nächster Zäit haen, dofir ass dat och net méi am 21 dran, dat wieren déi Fichten uewe beim Bouclubb, déi sinn all futti gaangen, déi si do als Siichtschutz haten, dat sinn der awer net vill, déi géife mir eraushuelen an hannert der Waldschoul am Park Le'h géife mir och do déi Fichten erausschloen a fir de Rescht géife mir an de Bëscher d'Fichten esou stoe loossen, wann se ofstierwen, stierwen se of, esoulaang se keng Gefor sinn, géife mir dat als doudegt Holz lues a lues an de Koup fale loossen.

Wat d'Verdichtung vum Buedem ubelaangt, dat ass effektiv e Buedem, deen immens vill verdicht ass, ob dat elo duerch d'Fuere vu Maschinnen ass oder duerch Trattschied vun Déieren a Leit, dat ass kloer, dass do de Buedem verdicht gëtt, och den Nidderschlag huet Problemer fir eranzezéien, dann ass och den Austrëtt vu Loft duerch d'Wuerzelen net méiglech. Eng Verdichtung vum Buedem huet natierlech schonnegativ Aflëss op de Gesondheitszoustand an d'Entwécklung vum Bësch, dat ass kloer, mee wéi een dat elo an der Le'h an de Grëff kéint kréien, do misst een sech mam Bedreier zesummesetzen, ech gesinn och elo net wat een do ka maachen.

Wat deen zweete Punkt ugeet, wat och ass, déi Plattformen, déi mat héijem Drock ugezu ginn um Bam, do gëtt de Saftfloss vun de Beem natierlech reduzéiert oder deelweis erofgesat well effektiv déi holze Podester, déi esou fest ugezu sinn, déi üben natierlech och en Drock no bannen aus, wou de Saftstrom vum Bam dann ënnerbrach ass. Och do misst ee kucke fir, wa plazeweis Beem futtiginn a mussen ewechkommen, wou dann en Atelier ass, ob een do net einfach en Holzstamm dohinner setzt an den Atelier un deem Holzstamm festmécht an net méi un engem Bam, mee dat ass eng Decisioun vun der Gemeng an zesumme mam Bedreier, dat misst een da kucken. Wat ee misst soen, wa mir och ëmmer de Gestionsplang maachen als Verwaltung an lech deen hei presentéiere fir ofzestëmmen, Dir sidd de Propriétaire, d'Gemeng ass de Propriétaire, d'Diddelenger Leit sinn de Propriétaire an Dir hutt natierlech ëmmer dat lescht Wuert, et ass un lech ze decidéieren, wéi de Bësch gewirtschaft gëtt a wat am Bësch gemaach gëtt. Dat heite si just Proposen, déi mir maachen, mee et dierf een net vergiessen, et ass e Gemengebësch an d'Gemeng ass de Propriétaire vum Bësch. Dofir wollt ech nach eemol en décke Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht an och déi Ënnerstëtzung, déi mir als Bësch-Service an all deene Jore kritt hu vun der Gemeng, do muss ee Merci soen, deen alleréischte mat deem ech ze dinn hat, dat war den Här Daubenfeld, dat war ganz sympathesch, mat him zesummenzeschaffen an duerno och mam Marc Zanussi, deen och Schäfte fir de Bësch war.



Ech muss soen, et war an all deene Joren ëmmer eng Freed fir mat der Gemeng zesammenzeschaffen an och mam René Manderscheid, deem soen ech och nach Merci fir seng Ënnerstëtzung iwwer all déi Joren! Dat war et vu menger Säit, nach eemol Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN) : Merci Guy Netgen, wéi s de richteg sos, d'Gemeng huet ëmmer dat lescht Wuert, da géif ech am Numm vun der Gemeng Dir dann och Merci soe fir déi gutt a konstruktiv Aarbecht, déi mir mat Dir all déi Joren haten. Vu dass all Fro beäntwert ginn ass vun eise Fierschter géif ech proposéieren, dass mir zur Ofstëmmung kommen. Wie mat deem Forstplang averstanen ass, ass da gebieden, d'Hänn ze hiewen. **Dat ass unanime**, wéi all Joer.

4.3. APPROBATION VUM LANDTAUSCHVERTRAG MAM HÄR MARC HOERLIN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Mir kommen op deen nächste Punkt, dat ass eng Convention d'échange vun Terrainen déi mir hei virleien hunn, dat ass eng éischt Etapp vu zwou Etappen, déi éischt Etapp ass d'Convention d'échange an dann, wann déi hei am Gemengerot gestëmmt gëtt, dann ass am Fong den eigentlechen Akt, dee gemaach gëtt, engersäits zwëschent dem Här Hoferlin an hei der Stad Diddeleng. Wat ass d'Originn vun dëser Convention d'échange? D'Originn ass den Neibau vun eise Regiebetreiber an der rue de l'Abattoir, wou mir effektiv als Stad Diddeleng, wa mir deen Neibau verwickleche wëllen an et ass jo e wichtege Punkt fir och eis Regiebetreiber kënnen nei opzestellen a moderne Gebailechkeeten, dass mir do och Terraine brauche fir den Neibau kënnen ze maachen an doropshin ass d'Stad Diddeleng Demandeur an d'Stad Diddeleng huet doropshi Kontakt mam Här Hoferlin opgehooll fir ze kucken, ënnert wéi enger Form een déi doten Terraine kréie kann. Dat sinn am Fong d'Originne vun der Approche, wéi déi Konventioun entstanden ass an ech denken, dofir ass et och esou, dass den Här Hoferlin eis op Ribeschpont zwee Terraine gëtt fir den Neibau vun de Regiebetreiber, dat sinn 9,30 Ar an 10,10 Ar, dat sinn déi zwee Terrainen an dann ass awer och op Ribeschponter Wiss och en Terrain, deen hien eis zur Verfügung stellt, vu 6,48 Ar, dat gesäit een unhand vun den Dokumenter, dat ass deen aktuelle Ministade an der Schoul Ribeschpont, dee schon iwwer 10 Joer do ass a wou sech am Kader vu Recherchen erausgestallt huet, dass mir deen op Privatterrain gebaut hunn. Weder der Gemeng nach dem Här Hoferlin ass dat deemools opgefall a wéi mir dat doten analyséiert hunn, ass dat hei eng Geleeënheet fir dat ze berengegen an ze formaliséieren, dat war kee Problem an dat heiten dréit dann och dozou bäi, dass mir et propper iwwert d'Bühn kréien, esou dass mir dräi Terraine kréien, ee wou mir schon am Besëtz sinn a schon exploitéieren an deem Sënn, wou d'Kanner mat grousser Freed drop sinn an déi aner zwee, déi mir onbedéngt brauche fir de Projet vum Neibau vun de Regiebetreiber weiderzeféieren, also zwee Terrainen, déi indispensabel sinn.

An der Convention d'échange, dat ass am Fong an der Bierenger Strooss, a Bëlleeg zwee Terraine vu 5,73 Ar

an 12,23 Ar an effektiv direkt och bei Ribeschpont, do wou de Ministade ass, wou mir iwwer - dat fënnt een am Artikel 2 erëm - e Morcellement him och 7,92 Ar ginn, esou dass mir hei en Echange hunn, deen, soe mir, dass wann een dat zesammenzielt, equivalent ass, dat heescht d'Parten, 25,88 Ar, déi den Här Hoferlin eis gëtt, a 25,88 Ar, déi mir him ginn an dofir gëtt och keng Soulte gefrot. Natierlech, wa mir gären och de Projet, an och dat wollte mir schrëftlech festhalen, well dat fir eis wichteg ass, am Kader vum Weiderféiere vum Projet Neibau vun de Regiebetreiber war et wichteg, dass wa mir déi Terraine kréien, dass hien eis och schon an der Konventioun, dat hu mir mat him negociéiert och en vue vum Akt, mee dass mir d'Méiglechkeet kréien, engersäits de Projet virunzeféieren, den Neibau, virum Acte notarié an dass mir - an dat ass eng Obligatioun - am Kader vun de Konventiounsmesuren am Kader vum Neibau och Hecken nei planzen an déi géife mir dann och op deenen 2 Terraine planzen, déi mir zur Verfügung gestallt kréien, an déi Hecke musse geplazt ginn, laut dem Ëmweltministère, eier d'Aarbechte ronderëm den Neibau ufänken an an der Konventioun hu mir dat och festgeschriwwen, dass mir net prejudiciéiert sinn, dat gëtt dann och Partie intégrante vum Akt, mee mir hunn dat hei festgeschriwwen, wou mir och do d'Autorisation vun him kréie fir dat elo schon ze maache wann dës Konventioun den Aval vum Gemengerot kritt.

Mir hunn awer och an dëser Konventioun festgehalten, dass deen Terrain an der Bierengerstrooss, beim Arrêt Diddeleng-Biereng, dass do am PAP den Accès ass fir an de PAP eran, wou de Moment natierlech och eis Vélosstännere vun de Vël'oke vun Diddeleng-Biereng, respektiv och duerch de Kaf, dee mir deemools gemaach hunn, vun den Terrainen e Privaten do säi Gaart hat, dass mir à la première demande du propriétaire déi Infrastruktur ewechhuelen. Dat ass den Ausgangspunkt vun dëser Convention d'échange. Wéi gesot, mir sinn hei als Gemeng Demandeur gewiescht, mir haten eng ganz Rei Negociatiounen mam Här Hoferlin a mir hunn hei och en Terrain d'entente fonnt, wat eis erméiglecht als Stad Diddeleng, déi och weider wisst, och den Ufuerderungen un d'Gemeng ëmmer méi grouss ginn, eise Regiebetreiber kënnen Rechnung droen andeems mir déi zwee Terraine kréien a fir de Projet vun de Regiebetreiber weider ze realiséieren. Dat zu der Konventioun esou wéi Dir se hei virleien hutt an d'Diskussioun ass op.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV) : Merci Här Buergermeeschter, ech hunn zwou Froen, wuel ass d'Zuel vun den Aren, déi getosch ginn, jo absolut identesch, den Här Buergermeeschter huet eis dat elo grad erkläert a Gott sei Dank huet den Här Hoferlin net drop insistéiert fir dee benotzte Ministade-Terrain während all deene Joeren nach eppes réckwierkend ze froen, dat soll am Fong net virkommen. Mee prinzipiell hätt ech do d'Fro, wat d'Berechnunge vum Wäert vun deene getoschen Terrainen ugeet, wéi ass dee Wäert berechent gi fir op déi Fläch ze kommen? Well déi Lag vun deenen Terrainen ass jo villäicht op där Lag net genee esouvill wäert wéi op enger anerer Lag, dofir wollt ech wëssen, wéi de Schafferot do virgaangen ass a wat de Marchéspräis ugeet, ass do och berücksichtegt ginn, dass d'Valeur



vum Terrain a Bëlleg duerch deen neie PAP, deen do geneemegt gouf vum Innenminister jo och warscheinlech do och an d'Luucht gaangen ass, do wier ech frou eng Explikatioun do ze kréien.

An déi zweet Fro betrëfft déi Attestation testimoniale, wou déi betreffen Awunner vun der Diddelenger Strooss do attestéieren, si géifen direkt wa gefrot gëtt, op hiert Recht verzichten iwwer den Terrain vun der Gemeng op hiren Terrain oder bei hir Garage ze kommen. Hei wollt ech awer och nach déi eng oder aner zousätzlech Informatioun. Hatén déi Leit da bis elo iwwerhaapt d'offiziellt Recht fir deen Accès oder deen Zougang esou ze notzen an deen Terrain, wann een elo kuckt, à moins dass de Croquis net daitlech genuch ass, deen Terrain huet am Fong zwou Kadasternummere an e schéngt net morceléiert ze sinn an d'Gemeng, déi tauscht awer mam Här Hoferlin just déi Kadasternummer 28/5931 an dofir stellen ech mir d'Fro: Wou ass dann d'Grenz vun där Parzell par rapport zu der Parzell 28/5930 hannen?

Wéi ass dat ze verstoen a firwat gëtt och - aus juristeschen Onsécherheetsgrënn stellen ech déi Fro - firwat gëtt an der Attestation testimoniale fir déi betreffen Awunner do just op d'Hausnummer an der Bierenger Strooss verweisen an net och präzis op déi Kadasternummere vun hinnen, déi adjacent sinn, referéiert, dat schéngt mir e bësse flou ze sinn, well dat geet och net hei eraus aus den Dokumenter ob do eng oder méi Kadasternummere eventuell betrëfft wieren? Dat sinn déi puer Froen, déi ech dozou hätt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci der Madamm Andrich, sinn nach weider Froen? Dat ass net de Fall, da ginn ech op déi verschidde Punkten an. Dës Konventioun ass jo vum Standpunkt hir esou, dass mir als Gemeng Demandeur ware fir déi zwee Terrainen, dat heescht d'Positioun ass schonn eng aner, respektiv ass et jo och esou, dass mir eis, sief et als Gemeng vun eise Hausaffekot begleet gelooss hunn, respektiv och den Här Hoferlin sech vu sengem Affekot begleet gelooss hunn. Dat sinn zwee Affekoten, déi generell am Droit administratif zwou Koryphäen hei am Land sinn, just fir eemol de Kader dann ze erklären, wou dann och dës Konventioun entstanden ass.

Wat elo och muss gemaach ginn, fir dat opzegräife mat de Kadasterparzellen, sief dat fir déi an der Bierenger Strooss awer och déi par rapport zu Ribeschpont, wat elo muss gemaach ginn, an dat ass déi nächst Etapp en vue vum Akt, dat heiten ass jo elo just d'Konventioun, déi nächst Etapp ass, dass déi néideg Morcellementer a Mesuragé virgeholl gi fir an den Akt, dat war och mat den Affekoten esou ofgemaach, esou dass dat och juristeschech dat ofgekläert ass, de part et d'autre. Dat war eis wichteg fir dass do och weider kee Flou entsteet an ech denken, dat war och ofgekläert.

Déi Attestatioun, déi mir virleien hunn, dat war wéi mir d'Acquisitioun vun deenen Terraine gemaach hunn als Gemeng, dat ass scho méi laang hir, do haten déi Leit déi Terrainen schonn, dat heescht, déi haten do schonn hire Gaart, deen se exploitéiert hunn a fir eis war et

einfach wichteg an dëser Diskussioun, wéi déi Terrainen deemools kaf goufen, konnten déi Leit weiderhin den Usufruit vum Terrain behale well et e Gaart war an dat war eis deemools wichteg well et och eng Demande war vum Här Hoferlin a sengem Affekot an dat hu mir och gekläert mat eise Hausaffekot, dass een iwwer déi Attestation testimoniale déi néideg Garantien och gëtt, dass den Terrain esou wéi een en de Moment virfënnt och liberéiert gëtt, niewent dem Morcellement och liberéiert gëtt am Kader vun der Konventioun. Dat waren einfach déi Punkten, déi Konventioun ass jo net ex nido enstane, déi ass jo ofgekläert ginn, juristeschech, dofir hu mir se hei esou virleien, wéi se och virläit, well eis och einfach den néidege Kader soll ginn a keng Iwwerraschungen opweise wann den Acte d'échange beim Notaire gemaach gëtt. Dat par rapport zu de Froen, déi Dir gestallt hutt, esou dass Dir wësst, dass dat hei keng Virwëlztut ass, déi op eis duerkënnt. Jo, Madamm Kayser?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Merci, ech hunn awer nach eng Zousatzfro well d'Madamm Andrich huet och gefrot wéi ass et mam Präis, wéi gouf dat valoriséiert? Ech hu genau dat och gesinn, am Artikel 3 steet déi Parzell, wou d'Madamm Andrich och gesot huet, déi 28/5930, déi steet do am Raum, dass do "les parcelles esou an esou devant être remises en leur pristin état" a vun där ass awer virdru keng rieds gaangen, dofir ass dat awer net ganz kloer, fannen ech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Also, par rapport zum Präis, den Här Hoferlin wier natierlech an der Positioun gewiescht, fir all déi Joren, wou mir de Ministade do haten, eng Indemnitéit ze froen. Mir sinn hei op engem Terrain d'entente, wou mir eis eens ginn, dass mir de part et d'autre eis keng Soultte froen, dat ass Part vun der Negociatioun. Dat heescht, et muss een esou soen, dass nieft dem Fait vun der Diskussioun ronderëm de Ribeschpont an nieft dem Fait, dass mir Demandeur si fir onbedéngt déi zwee Terrainen ze kréie fir den Neibau vun de Regiebetriber, et muss een ëmmer kucken, wien an enger Diskussioun an enger staarker Positioun ass a wien an enger manner staarker Positioun ass, dat ass jo ëmmer e Bestanddeel vun der Negociatioun, et gi jo ëmmer Saachen ze froen, wann een an esou enger Negociatioun dran ass. Ech kann lech soen, wéi et da verleeft, dass een dat mol deelweis ze spiere kritt an Negociatiounen, a wou een dann och versicht, am Interêt vun der Gemeng en Terrain d'entente ze fannen, wou vu béide Säiten d'Rechnung opgeet a jiddereen sech an enger Konventioun erëmfanne kann. Dat ass d'Realitéit an ech denken, dass mir iwwer dee Punkt tëschent deenen zwee Propriétaires an dem Conseil juridique e Wee fonnt hu fir déi Konventioun zu Pabeier ze bréngen. Dat par rapport zu der Valeur vun deenen zwee Terrainen. Dat mat der Attestation testimoniale, dat ass kee Problem.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Ech hat nach just déi Fro beim Artikel 3 déi Parzell 2859/30, déi kënnt aus heiterem Himmel do drastoen, déi steet vir am Enoncé vum Artikel 1 net dran, dofir ass et onkloer firwat déi net dran ass.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Jo, dat war einfach fir et kloer hei ze präziséieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Dat heescht, déi gehéiert eis, déi 2859/30?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Jo, déi gehéiert eis.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : OK, da wollt ech eng Zousazfro stellen, déi 7,92 Ar, déi den Här Hoferlin kritt, ass dat eng Bauplaz? Ass dat bebaubar?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Neen, dat ass de Moment net bebaubar.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Net bebaubar.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Dat ass am neie PAG klasséiert als ZAD, dat ass dee ganze Volet Ribeschpont, wou mir am PAG ganz zeréckgesat hunn, de Moment ass do näischt ze maachen. Dat zu den Erklärungen vum der Konventioun. Da froen ech de Gemengerot, sidd Dir mat der Konventioun, esou wéi Dir se hei virleien hutt averstanen? **Dat ass unanime**, Merci.

Wéi gesot, mir maachen dann elo déi néideg Mesuragen a Morcellementen an da kënnt den Akt vum Notaire, dat heescht, et kënnt nach eemol an de Gemengerot mat zeréck fir dann déi kloer Propriétéitsverhältnissen de part et d'autre ze hunn. Dat gesot géif ech proposéieren, dass mir op deem nächste Punkt iwwerginn.

4.4. APPROBATION VUM KAFVERTRAG MAT DER GESELLSCHAFT MAT BESCHRÄNKTER HAFTUNG 17B S.À R.L.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Énner dësem Punkt geet et ëm en Acte de vente, wou mir als Gemeng Diddeleng der Partie acquéreuse, der Sociétéit 17B SARL, hei vertrueden a représentiert duerch den Här Daniel Daxhelet an der Libérationstross 1 Zentiar an 3 Zentiar verkafen, dat zum Präis vu 4 000 Euro, dat gëtt hei gemaach an dat steet och am Akt dran en vue vum der Revente, mir verkafen deem heiten Deel well do e Bauprojet ass, well deem Här déi bestoend Haiser muss lénks a riets alignéieren, well dat wichteg ass a well dat bestoend Haus hei ofgerappt gëtt an zwee Eefamilljenhaiser dohinner gebaut ginn an hei geet et ëm d'Alignement zu deenen Haiser, dofir gëtt dësen Akt och gemaach. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot mat deem Akt averstanen? **Dat ass unanime**. Merci.

4.5. APPROBATION VUM OFKOMMES MAM STAAT LËTZEBOURG IWWER D'ARICHTUNG VUN ZWOU KLASSE VUM CENTRE DE LOGOPÉDIE AN DER GRONDSCHOUL «LENKESCHLÉI».

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Da fuere mir weider an da geet et op d'Konventioun, déi de Staat mat der Gemeng Diddeleng huet an d'Stad

Diddeleng mam Staat ronderëm de Centre de Logopédie. Dat ass am Kader vum den Diskussiounen, déi mir och an de leschte Méint hate mat der Schoul Lenkeschléi, wou jo zwou Logopädieklassen hikommen, wou mir jo och de Budget schonn hei gestëmmt haten am Kader vum Devis. Nach ass de Budget fir ze bauen deem ee Volet, deem anere Volet ass duerch d'Konventioun zwëschent dem Staat an der Stad Diddeleng fir dat ze formaliséieren, dat ass also dee Punkt, dee mir haut um Ordre du jour hunn an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP) : Merci Här Buergermeeschter, ech mengen, déi Konventioun, déi mir hei virleien hunn, den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, mir hu schonn doriwwer geschwat, ech muss awer éierlech soen, einfach déi Wichtigkeet vum der Konventioun, déi mir haut hei virleien hunn, virun zwee Joer hate mir an der Schoukommissioun am November 2018 d'Ekipp vum der Logopädie virgestallt kritt mat all de Chiffere ronderëm déi Logopädie. Deemools waren se zu dräi Leit, haut sinn se zu véier Leit hei an der Region 7 an 2018 huet eigentlech nach keen dru geduecht, dass mir géife Klasse vum der Logopädie an d'Lenkeschléi kréien, et ass ugeduecht gewiescht, mee et war net kloer. Elo hu mir d'Konventioun do virleien et sinn zwou Klassen, ee Mol de Cycle 1, dee soll an d'Lenkeschléi kommen an de Cycle 2, deem dohinner kënnt. Nach, wat mir kréien, wat am Ufank net esou kloer war, ass den Diagnostik, dat ass och eng wichteg Saach, wou d'Kanner da fir déi éischt Kéier gesinn ginn an dann decidéiert gëtt, wéi de Plang hannendrun ass. Virun zwee Joer hate mir scho 431 Kanner an der Region 7, dat heescht d'Region 7 ass Kayl, Rëmeleng an Diddeleng. Do waren déi schonn detektéiert an do ass et awer esou, dass der zwar ganz vill detektéiert ginn, mee et hänkt och vill vum der Zesummenaarbecht of vum den Elteren, ob se wëllen, dass hiert Kand an esou eng Klass kënnt. Zu där Zäit waren et schonn nëmme 50% vum de Kanner, déi iwwerhaupt konnten an esou eng Klass goen, well einfach e Manktem ass vu Logopädieklassen. Mir hunn zwar de Moment scho Bureauen hei wat d'Zesummenaarbecht mat den Elteren scho ganz vill verbessert huet. Trotzdeem denken ech, dass déi Klassen an déi Kanner déi heihinner kommen, dass dat enorm wichteg ass fir déi Kanner.

D'Prioritéit an der Konventioun, Dir hutt dat och gesinn, d'Prioritéit sinn Diddelenger Kanner, déi dierfen heihinner kommen, vu dass et awer an der Region 7 ass, ass et esou dass och Kanner vu Kayl a Rëmeleng kënnen heihinner kommen. Déi Kanner sinn och an der Maison Relais bei eis ageschriwwen, déi kënnen do mat iessen. Et ass och esou, dass mir eng Diskussioun de Mëtteg haten, am Prinzip ginn déi Kanner an eng aner Maison Relais gefouert, mir waren elo um Site mat hinnen zesummen, mat der Logopädie, wou awer d'Diskussioun opkomm ass, loosst se dach hei, hei sinn se gutt versuergt an da kënnen se och mëttes am Foyer bliwen. Do ware mir nach net ganz kloer, mee dat geet awer an déi Richtung. Wat och wichteg ass an der Lenkeschléi, déi Kanner sinn einfach op engem Stack mat all deenen aneren C1en, dat heescht d'Spillschoul ass bei den ane-



ren Spillschoulsklassen an den C2 ass uewen am Deel wou déi aner C2e sinn. Si profitéiere vun all de Säll, déi wou an der Lenkeschlei sinn, also de Beweegungssall, Musek, Theater, déi Kanner sinn total integréiert an déi Schoul a ginn och gefouert wéi ganz normal Klassen.

Wat d'Equipe multiprofessionnelle ugeet, déi sinn och schonn integréiert an den Team vun der Lenkeschlei, déi si Bestanddeel vun dem Team, do wäert Zesummenaarbecht gutt klappen, si hunn hire Bureau, hiren Diagnostik an e lescht Wuert wat ech wierklech wëll soen, mir hunn dee Budget gestëmmt virun 2-3 Méint hei ass kee Frang ze vill investéiert, déi mir hei investéiere fir déi Kanner, fir déi Logopädiessklassen op Diddeleng ze kréien, ech wëll drun erënneren, dass déi Kanner bis September all Dag annerhallwe Stonn an d'Stad an annerhalfe Stonn erëm zeréckgefuert gi sinn, dat ass enorm vill, dat ass eng enorm grouss Belaaschtung fir déi Kanner. Hei sinn se integréiert an den normale Schoulalldag net nëmme fir déi Klassen ass et vu Virdeel mee insgesamt fir Diddeleng, well d'Kanner méi intensiv dann hei um Diddelenger Terrain kënnen betreit ginn. Ech hoffen, dass Dir dat matdrot, dat ass e groussen an e wichtige Schratt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci dem Josiane Ries fir d'Erklärungen, wat déi Konventioun ugeet.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Merci Här Buergermeeschter, Merci och fir d'Explikatiounen, Josiane, wéi gesot mir hunn immens Chance, dass mir effektiv scho säit e puer Joer elo eis logopädesch Ekip hei zu Diddeleng hunn, wat effektiv och immens wichtig ass fir de Screening vu Kanner ze maachen, déi Problemer hu mat der Sprooch, bis elo sinn 3-4 Weeër wéi ee Kanner screent fir kënnen an eng logopädesch Klass ze setzen, dat sinn éischters emol Kanner, déi schonn iwwer Servicer wéi Rééducation précoce oder Hëllef fir de Puppelchen, gemellt ginn, dann, wéi gesot, läit et un de Gemenge fir e gewësse Screening ze maachen. Mir hunn dat hei säit puer Joer mat enger experimentéierter an extrem engagierter Ekip gemaach an doduerch hu mir och esouvill Kanner detektéiert kritt. Et dass ëmmer esou, wann s de se siche gees, da fënns de se, et ass wéi mat de Covidtester.

431 Kanner zu Käl, Rëmeleng an Diddeleng, dat klengt no extrem vill mee do muss ee soen, dat ass vu bis, dat sinn déi, déi nëmme e bësse lispelen, wéi och Kanner, déi e Problem an eiser Sprooch hunn, well se e Retard hu well se eis Sprooch net esou gutt kënnen, dat bedeit ganz vill, et ginn awer och Kanner, déi kënnen guer net schwätzen, déi eng Aphasie hunn oder en immense Retard an dat gëtt hei gutt opgefaangen a mir ware ganz frou, dass de Screening an eise Schoule konsequent duerchgefuert ginn ass an dass d'Kanner dunn och fréi genuch déi Hëllef konnte kréien, déi se wollten a gebraucht hunn. Du has och ugeschwat, dass d'Eltere vun deene 431 Kanner ugeschriwwen gi sinn, fir mat de Logopäden zesummen e Programm opzestellen a mat hinnen zesummen sech reegelméisseg ze gesinn, fir mam Kand ze schaffen, wat awer leider och e bësse ge-

hakt huet well do d'Disponibilitéit vun de Leit net ëmmer esou war wéi se sollt sinn an natierlech och vun eise Logopäden net well mat 4 Stéck déi awer à plein temps hei agestellt sinn, net ëmmer einfach fir Rendez-vousen ze maachen, dofir fannen ech et ganz flott, dass mir esou en Diagnostic-spécialisé-Service hei kréien, dass och do muss extra Material ugeschaaft ginn, do hate mir jo och d'lescht Kéier rieds driwwer gehat an dat fanne mir ganz gutt.

D'Fro ass elo just mat dëser Konventioun, heescht dat och dass de Ministère eng Art Locatioun gëtt oder eng Art Bedeelegung un den allgemenge Fraisen zum Beispill Gas a Waasser oder esou, ass dat esou virgesinn dat wier eppes wat d'Leit kéint interesséieren an dann och fir d'Leit dobausse wier gutt ze wëssen, wéi funktionéiert esou eng logopädesch Klass? Ass dat eng spezialiséiert Léierin oder eng normal Léierin mat zousätzlechen Intervenanten, déi eng logopädesch Formatioun hunn an, wéi gesot, mir fannen de Projet extrem wichtig a mir hunn och ëmmer gesot wat flott ass wa mir esou e Service um Terrain hunn a grad och elo hei an der Maison Relais, déi mat der Schoul zesumme gutt schafft op Lenkeschlei, dofir fannen ech et net méi wéi normal, dass mir déi Kanner do um Site loossen, och no der Schoul, well mir hu jo wëlles, do d'Maison Relais mat der Schoul richtig verschmelzen ze loossen. Dofir, denken ech, ass et och villäicht flott, ze kucken, wéi déi Kanner sech am Alldag mat de Kanner vermëschen, well Inklusioun an Integratioun, dat heescht zesummen a mateneen, dat solle jo keng isoléiert Klasse sinn. Et ass grad flott, dass se eben an dësem Gebai, wou mir d'Integratioun an d'Zesummenaarbecht tëschent Maison Relais a Schoul esou promovéieren, dass dat och hei geschitt a mir ënnerstëtzen dëse Projet natierlech a soen all Mënsch Merci, dee gehollef huet, de Projet mat op d'Been ze stellen, un éischer Plaz eiser logopädesch Ekip awer och eise Schouldirekter, de Joël Mischaux vun der Direktioun vum Secteur, deen de Projet och gepusht huet a mir begreissen dat explizit, dass dës Schouklasse bei eis op Diddeleng kommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci och der Madamm Kayser an den Här Zuang huet d'Wuert.

ROMAIN ZUANG (LSAP) : Merci Här Buergermeeschter. Mir begreissen dës Konventioun, vu dass Diddeleng elo zu enger Antenn vum Centre de Logopédie gëtt. Niewent dem Diagnostiksall ginn elo zwou Klassen, eng vum C1 an eng vum C2, an der Schoul Lenkeschlei net ofgetrennt a spezielle Säll ënnerriicht, mee an déi betraffe Cyclesklasse vun der Schoul integréiert, wou an Zesummenaarbecht tëscht dem Léierpersonal vun der Schoul an dem Personal vum Centre de Logopédie geschafft gëtt. Doduerch wëlle mir als Gemeng dem Centre de Logopédie Lokalitéiten zur Verfügung stellen an hinnen d'Material, dat si brauchen, finanzéieren. Do hunn d'Diddelenger Kanner, déi dës Struktur brauchen, Virrang. Eréischt duerno, wann nach Plaze fräi sinn, kommen déi aner Kanner aus deenen anere Schoulen aus der Regioun 7 drun. Fir d'Diddelenger Kanner falen domadder laang Transportzäiten ewech an dat bedeit



net nëmme méi Liewensqualitéit fir si, mee och fir hir Familljen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci dem Här Zuang, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert erëm un d'Josiane Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP) : Jo Merci, villäicht zu der Fro vun der Locatioun, do ass et esou dass mir do normal Subside kréie wéi bei all Klassenall. Eigentlech sinn et jo och eis Schoulkanner, do dréit de Staat näischt extra, dat steet och an der Konventioun. Mir stellen och e Budget zur Verfügung fir dat Normaalt am Alldag, et ass einfach eng normal Schoullklass. Zum Personal, dat ass natierlech spezialiséiert Personal, spezialiséiert Enseignanten an der Therapie, wéi och an der Reeducatioun sinn déi ausgebild an déi halen déi Coursen. Mir hu jo och d'Equipe multiprofessionnelle, déi och intervenéiert bei Fäll wou manner schlëmm wieren. Mee dat heite sinn Instituteur-specialiséien.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Mee dat sinn dann net déi Leit aus der Ekip, dat sinn extra Enseignanten, déi dobäi komme well eis Logopäde si jo keng Schoulmeeschteren. Do kënnt also e spezialiséierte Schoulmeeschter derbäi.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP) : Jo, dat kënnt nach dobäi.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci, domadder sinn all d'Froen beäntwert ginn. Ass de Gemengerot mat där Konventioun averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

4.6. APPROBATION VUM CONTRAT DE PRÊT À USAGE OU COMMODAT MAM FONDS DU LOGEMENT FIR DE STANDUERT NEISCHMELZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Da gi mir op den nächste Punkt weider, dat ass och eng Art Konventioun awer éischter e Contrat de prêt à usage ou commodat tëschent dem Fonds du logement an der Stad Diddeleng. Do geet et ëm ëffentlech Flächen, respektiv zwou Gebailechkeeten, déi de Fonds du logement der Stad Diddeleng zur Verfügung stellt, Dir fannt an deem Kontrakt zwou Zäitschinnen erëm, engersäits gëtt déi Mise à disposition gemaach wa mir déi zwou Gebailechkeete kucken, dat ass engersäits d'Gebailechkeet de Wagonage-Vestiaire an den Atelier-Lokomotiv, de fréiere Lokomotivsatelier vun der ARBED, wou mir da vum Fonds du logement, deen och Propriétaire, bleift zur Verfügung gestallt kréie bis Mäerz 2023, wou mir et och notze wëlle während dem Kulturjoer 2022. Dat ass déi eng Zäitschinn an déi aner Zäitschinn, déi een hei erëmfënnt, ass dass duerno de Fonds du logement eis déi zwou Gebaier gëtt an dat iwwergeet en pleine propriété fir d'Stad Diddeleng. Dat sinn déi zwou Momenter, déi zwou Etappen, déi een hei erëmfënnt, d'Konventioun en tant que telle ass approuvéiert gi vum Fonds du logement, vum Verwaltungsrot vum Fond de Logement,

dat heescht, eng éischt gréng Luucht krut se schonn, dat war den 22. Oktober.

Et ass esou, dass wat d'Mise à disposition vum Wagonage-Vestiaire ugeet do Bestriewung ass an do lafe schonn Initiativen dass herno d'Stad Diddeleng am Kader vum Kulturjoer 2022 dem Atelier Kollektiv-D dat zur Verfügung stellt fir hir kulturell Aktivitéite während dem Kulturjoer wou mir och vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte fir d'Année culturelle effektiv och zeréckbehalde goufen an deen anere Volet, d'Lokomotivhal, déi wäert d'Gemeng notzen a kucke fir d'Konzept ronderëm Gastronomie an och Kultur an dat si mir amgaangen ze kucken, konzeptuell, och mam Architekturbureau Christian Bauer, wéi mir dat och projézéiere kënnen. An deenen zwou Etappe sinn déi zwou Gebailechkeeten, wat mir och hei iwwer déi Konventioun zur Verfügung gestallt kréien, do hate mir och d'Diskussioun am leschte Gemengerot wou mir d'Verkéisersreglement geholl hu fir deen neie Foussgängerwee an de Vëloswee och deen ass an dëser Konventioun mat dran an dee Volet gëtt iwwert dee Wee hei offiziell zur Verfügung gestallt an och dee ganze Volet iwwer de Verkéisersgaart gëtt hei offiziell der Stad Diddeleng zur Verfügung gestallt, an och dee ganze Volet ronderëm de Verkéisersgaart offiziell formaliséiert, och dee gëtt hei der Stad Diddeleng zur Verfügung gestallt mat de sportlechen Anlagen, an dat alles gëtt duerch déi heite Konventioun juristesches festgehalen. Dat heiten, déi Approche an déi Konventioun mat der ganzer Nidderschrëft ass eng nohalteg Nidderschrëft well se och iwwer d'Kulturjoer erausgeet fir der Stad Diddeleng Perspektiven ze ginn iwwert 2022 eraus a well och déi Plaz duerch déi aktuell an zukünfteg Konfiguratioun och eng zentral Plaz ka ginn.

Et ass och esou an dat geet e bëssen iwwert dës Konventioun eraus, am Budget 21 an 22 lafen de Moment Diskussiounen, Dir hutt jo och gesinn, dass als feste Bestanddeel vun dëser Konventioun vum Bureau Best eng Rei Etüde sinn, dass een dat och am Budget 21 an 22 budgetiséiert well déi zwou Gebailechkeeten, de Fonds du logement ass Propriétaire an dat fënnt een hei kloer am Budget erëm, muss hei eng Rei Aarbechte virhuele wat d'Etancheitéit vun den Dallen ugeet an och wat d'Statik ugeet, dat ass d'Responsabilitéit vum Propriétaire, dee muss do e finanziellt Engagement huelen, dat ass kloer, hei si mir am klasschesch Verhältnis tëschent Locataire a Propriétaire a mir als Nutzer vun de Gebailechkeeten, also al Locataire, wäerten dann e weideren Invest maache wat dem Kulturjoer zegutt kënnt a respektiv sinn dann och déi Diskussiounen, déi mir gefouert hunn a Reunione mam Fonds du logement zesummen, bei Sites et Monuments fir dann och eemol ze kucken, wat kann an enger éischter Phas am Kader vun der Renovatioun vum Sites et Monuments, vu finanziellen Engagementer geholl ginn, am Kader vun der Renovatioun, well jo déi zwou Gebaier um Inventaire supplémentaire sinn an dann no enger zweeter Phas d'weider Renovatioun, wou dann d'Stad Diddeleng, wann se Propriétaire ass, mam Sites et Monuments weider wäert droen. Dat sinn am Fond déi zwou Momenter, déi mir hei hunn. Wat een natierlech och hei an der Konventioun erëmfënnt, dat ass natierlech à titre gratuit, wou mir dat



zur Verfügung gestellt kréien, och wa mir Locataire sinn, dat ass ganz kloer esou festgehalen ginn, et ass och en Etat des lieux gemaach ginn an ech mengen, et ass dat wat een erëmfënnt an der Expertise, déi de Bureau BEST och hei gemaach huet. Wat och ze soen ass, dass mir hei de Lokomotiv-Atelier, dee staamt aus dem Joer 1956 an de Wagonage-Vestiaire aus dem Joer 1930, quitt dass en 1960 vergréissert gouf, hunn, also zwee wichteg Gebaier, déi mir hei hunn, mir hate jo och festgehalen zesummen, dass 80% vun de Gebaier um Site op den Inventaire supplémentaire kommen, dofir kréie mir dann och Subside vum Kulturministère. Et ass och esou, dass den Inventaire gemaach gëtt, deen ass och schonn deelweis erstallt ginn, wann de Propriétaire während där Zäit wou en eis d'Gebaier zur Verfügung stellt, Interventiounen muss maachen, déi zu der Sécherheet vun den zwee Gebaier bäidroen, muss en et natierlech maachen a kann et natierlech dee Moment och maachen nodeems hien dat mat eis ofgeschwat huet, mee mir hu jo e ganz ganz gudden Lien a Kontakt mam Fonds du Logement, also denken ech och, dass dat absolut kee Problem ass. Mir wäerten natierlech och hei eng Assurance mussen ënnerschreiwen a mir mussen och kucken, dat ass eng gemeinsam Responsabilitéit als Notznéisser vun deem dote Site, dass och déi néideg Sécherheitsmoossname getraff ginn, wat d'Accèsen zu deem Site ugeet, déi net zur Verfügung gestallt gi fir de groussen Public.

Wann een awer allerdéngs schonn um Site ass, gesäit een, dass de Fonds du logement schonn eng ganz Rei Mesurë geholl huet fir effektiv de Site ofzesécheren an och dat fënnt een hei an der Konventioun erëm. Also, mengen ech, datt déi Konventioun, déi ee virleien huet, awer ganz kloer den Effort vun der Stad Diddeleng weist fir d'Kulturjoer 2022, mir hate jo och schonn d'Méiglechkeet, hei an engem informelle Gemengerot iwwer déi verschidde Projeten ze schwätzen, do hate mir déi Diskussioun schonn deelweis ugefouert ronderëm virun allem dat éischt Gebai, de Wagonage an de Vestiaire. Dat heite schreift sech ganz kloer an de Prolongement vun der nohalteger Approche an, déi mir hunn a mat där Diskussioun, déi ech uganks vum Gemengerot hat mat der Regierung, déi och Stellung zum Projet geholl hunn, mengen ech, ass dat e flotten identitäre Pol ronderëm d'Kultur, deen hei kann entstoen.

Dëst gesot als Ausféierungen, wat dës Konventioun ugeet, wat och den Inhalt vun der Konventioun ugeet, awer och d'Ausrichtung, dass dat heiten net en eidele Carcan ass mä, wéi gesot, dass dann och elo, wann dat bis am Gemengerot gestëmmt gouf, natierlech d'Aarbechten 2021 ufänken säitens vum Fonds du Logement, deen och scho Kontakt opgehall huet an Ausschreiwunge gemaach huet fir déi Aarbechte virzehuelen a mir eis als Gemeng drunhänke fir fir d'Kulturjoer 2022 prett ze sinn, well d'Zäitschinn, déi mir elo hei hunn, eng ganz kuerz ass, mee op alle Fall esouwuel eis Servicer wéi och de Fonds du logement ganz motivéiert sinn, dass mir dat kënnen zesummen ëmsetze well et eng eemoleg Geleeënheet ass a vill Leit wäerten de Wee op Diddeleng fannen. D'Diskussioun ass op an de Loris Spina wollt nach e puer Elementer bäifügen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN) : Jo, Merci Här Buergermeeschter, ech wollt effektiv e klengen Aperçu culturel op dës Konventioun setze fir dass Dir och kënnt an deem Sënn novollzéien, wat do geschitt, respektiv geschéie sollt. Dir wësst, et ass e partizipative Projet, déi mam Kollektiv D ugelaf ass, ass am Kader vun der Reaffektatioun vun dësen Hale virgesinn, deen och schonn amgaangen ass fir hei ronderëm Neischmelz eng Rei vun Transformatiounen virzehuelen. Engersäits de Won, deen Dir scho kennt, wann Dir op den Aktivitéiten vum Kollektiv-D dobäi war, dee gëtt als Kichen transforméiert a ronderëm si Bauten an Ëmgestaltung vum Wagonage virgesinn, wéi zum Beispill Urban Gardening an awer och eng kleng Kënschtlerbühn, wat fir de Site e gewëssent Liewen an eng Plus-value wäert mat sech bréngen. D'Gemeng mat hirem Service culturel, mee och mat hirem Service architectural ass amgaangen, zesumme mam Fonds du Logement, wat e ganz angeneeme Partner ass, an awer och mam Service vu Sites et Monuments auszeschaffen, wéi eng Aarbechten am Kader effektiv vun der partizipativer Bedeelegung vun de Bierger a Biergerinne gemaach ginn a wéi eng awer vläit éischer net an dëse Kontext falen. De partizipative Volet iwwerhëlt de Kollektiv-D, déi hunn och dofir eng Bourse kritt vun der Oeuvre nationale de secours Grande-Duchesse Charlotte am Kader vun Esch 2022, de sougenannten Tiers Lieu.

De Projet Vestiaire a Wagonage ass e Work in progress, deen elo deemnächst soll ugoen an esoual mir den Accès zu deenen Halen hunn, wäert bis 2022 awer och duerno an deem Kader geschafft ginn. Wichteg sinn do och Begrëffer wéi Economie circulaire, dat soll esou ekologesch wéi méiglech an enger Slow transformation vun dësen alen Hale gemaach ginn, woubäi et wichteg ass, d'Grondstruktur vun eise Hale maximal erhalen ze kënnen an awer dann och de Standard esou ëmgesezt ginn, dass de Public vun eise Sécherheitsmoossnamen och ka profitéieren an do därerf eran. Dir wësst et, de Cultural Hub vun deem hu mir ëmmer geschwat, wat ass dat? Ma dat ass en Hub, dee sollt entstoen an dat ass an deem Kader wou dat och virgesinn ass, am Vestiaire do ass den Atelier D, deen do och seng Ateliere wäert eriwwe mutéieren, mat deenen Aktivitéiten, déi bis elo am Hall Fondouq stattfonnt hunn.

Den Diddelenger Fotoclub ass do och e privilegiéierte Partner, deen do seng Donkelkummer wäert kréien an et wäert och e weidere Versammlungsraum virgesi si fir eis Diddelenger Associatiounen. Am Wagonage-Espace, dat ass e groussen an e fräien Espace, deen do virgesinn ass fir och Kreatiounen, elo net onbedéngt Präsentatiounen, an do soll all Zort vu Konscht a Kreatioun kënnen op engem professionellen, semiprofessionellen Niveau awer och op Hobbyniveau stattfannen. Voilà, dat heiten ass den Ufank vun engem spannenden, kreativen an och partizipative Projet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER) : Merci och fir déi Erläuterungen an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Merci Här Buergermeeschter, ech hoffen, dass déi gutt Relatiounen mam



Fonds du Logement och weiderhi gutt bleiwen. Dir hutt dat elo allen zwee betount, duerch de rege Personal-Turnover war dat net ëmmer ginn an de leschte Joren, virun allem net kontinuéierlech ginn, well et ass einfach wichteg, dass mir weiderkomme mam Site Neischmelz an dass deen och déi Wäertegkeet kritt, déi e verdéngt. Wa mir hei dëse Contrat de prêt liesen, do sinn am Fong zwee Uleies, déi hei iwwer alleguerten d'Bänke gedeelt ginn, déi hei ënnerstrach ginn, éischtens emol d'Valorisation an de Schutz vun eisem Patrimoine industriel, dee mir hunn op Neischmelz an awer och d'Visibilitéit vun Diddeleng a virun allem och vum Site Neischmelz am Kulturjoer 2022 well d'Diddelenger Geschicht ass enk verbonne mat der Schmelzgeschichte an dofir ass dat eppes wat extrem wichteg ass.

Ech hunn e puer Froen zu dem Contrat de prêt. Éischtens steet am Artikel 2, dass mir déi Locatioun bis den 31. Mäerz 2023 hunn, dat ass jo nom Enn vum Kulturjoer, do ass elo d'Fro: Ass bis dohinner op deem Site awer net geplangt iergendeppes ze maache wat herno eppes bréngt fir d'Ausbaue vun de Logementer op dem Site Neischmelz, dat heescht hypothekéiert dëse Contrat de prêt net, dass mir ufänken, zum Beispill Logementer ze bauen, well dat war jo awer déi primär Utilitéit vun Neischmelz. Dann, wichteg ass jo och, dass d'Sécuritéit gewahrt gëtt, dat ass jo och esou, dass de Fonds du logement déi Travaux d'étanchéité an esou weider dass si dat nach maachen, si securiséieren déi Lieuen an do ass dann eben d'Fro, am Artikel 5, den Buergermeeschter huet ugekënnegt dass do gewëssen Ausschreiwunge scho lafen, well awer de Fonds just déi Travaux bei der Dall maachen an de Bâtiments 7 an 8, an och den Traitement couvert, ass dat absehbar weini dat fäerdeg ass, well mer jo awer elo réischt d'Ausschreiwunge maachen, a weini mir do mat enger Slow Renovation kënnen ufänken, net dass mir awer do a Verzug kommen, well mir wëssen, de Bürokratismus hei a Lëtzebuerg ass eppes wat do ëmmer mol rëm kann esou Saachen hemmen. Hu mir do iergendeng Garantie, dass mir an engem raisonablen Délai en Accès kréie fir do eppes ze bauen?

Dann hunn ech eng Fro: Am Artikel 9, do steet "à l'expiration du contrat" mussen mir "la piste pour cycles et l'ensemble des espaces extérieurs dans l'état où il les a réceptionnés" mussen mir déi zeréckginn? Elo ass dann och d'Fro: Wéi ass et mat de Gebailechkeeten? Dat steet hei net explizit, um Enn vum Kontrakt, kënnen mir dann déi Transformatiounen halen, esou wéi mir dat hei maachen, och déi Saachen, déi do sollen an déi Hale kommen, dat ass jo eppes wat net nëmme geduecht ass fir am Kulturjoer ze weisen, mee och längerfristeg genotzt ze ginn, dat steet elo hei net explizit dran, weder dass mir déi kënnen esou stoe loossen, déi Transformatioun, déi mir maachen, nach dass mir dat müssen erëm restituieren. Dat ass eng Fro.

Dann hunn ech och nach d'Fro: Vu dass Sites et Monuments, also de Kulturministère, och hei staark involvéiert ass, well mir awer d'Gebailechkeeten och notzen an transformieren, wier et net méiglech gewiescht, si hei mat an dee Contrat de prêt mat eranzekréien? Dat

war nach eng Fro an da war ech frou, ze héieren, wéi den Här Buergermeeschter am Ufank vun eiser Sitzung sot, dass déi national Galerie d'Art Moderne soll op Diddeleng kommen. Dat ass jo en neie Moment, deen och eng zousätzlech Valorisation vun Diddeleng an och vum Site Neischmelz bedeit an et ass villäicht nach e bësse fréi mee ass och ugeduecht, dës Galerie a besteeënd Gebailechkeeten op dësem Site eranzehuelen oder gëtt eng nei Konstruktioun ugeduecht?

Et wier villäicht elo de Moment fir ze kucken ob mir do schonn eppes wëssen, well ech denken, eng Kohabitatioun vu Patrimoine industriel mat moderner Konscht wier do extrem flott, ech denken un d'Völklinger Hütte, dat ass einfach genial wann do modern Ausstellungen sinn a wann dat op dem genialen Site ass mat den aler Gebaier dat huet en eenzegaartege Charme, ass do villäicht e bëssen ugeduecht a wéi eng Richtung mir do wëlle goen? Et kann ee jo ëmmer mol froen.

Merci, also mir fannen dat heiten ass eng gutt Saach an och eng flott Saach a mir hoffen awer, dass mir mat der Zäitschinn gutt leie well et ass ëmmer esou eng Saach, och wann déi Etüde gemaach ginn, wéi gutt oder wéi stabil an hei an do also déi 136 Säiten oder wéi vill waren et der, do hunn ech mir geduecht, mäi Gott dat ass nach vill Aarbecht an et riskéiert vill Imprévuen an dat ass eben e bëssen de Risiko bei esou Renovatioune. Mir wëssen hei, ech denken un d'Haus vum Office social, dat ass nëmme ee Beispill, mee ëmmer wann een al Gebailechkeeten huet an och al Industriegebailechkeeten, sinn d'Imprévuen ëmmer eppes wat eben imprévu ass a mir fannen dat heiten awer eng ganz flott Saach. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser, och fir d'Zoustëmmung an ech wäert duerno op déi verschidde Saachen agoen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, Merci och fir déi zousätzlech Erklärungen zum Lokomotiv-Atelier. Eis Positioun ass séier gesot, bei dësen Hale geet ëm Gebaier, déi sollen integréiert ginn an ee vun de PAPe vun Neischmelz an och erhale ginn. Si müssen also souwisou stabiliséiert an a Stand gesat ginn a mat dësem Kontrakt kritt d'Gemeng déi Halen elo schonn ouni Käschte geléint bis nom Kulturjoer. Dat selwecht gëlt fir e groussen Terrain an der Noperschaft, deen och dierf genotzt ginn, also en Espace public. Mir ware gewuer ginn, dass et an enger vun den Halen e Projet fir d'Kulturjoer 2022 géif ginn, ënnert dem Numm Cultural Hub Plus. Ech ka mech net richtig erënneren, wat genau domadder gemengt ass, ech hunn awer och nogelies, dass rieds geet vun den Ateliere a Lieux de création, déi vum Kollektiv-D assuréiert ginn. Och soll duerch dee Projet d'Verbindung tëschent dem Quartier Schmelz an dem Quartier Italien hiergestallt ginn, wat jo eng gutt Saach ass.

Mir begrëssen dofir déi Tëschennotzung vun dësen Halen an de Kontrakt, deen dat reegelt. De Plang vun der Annexe 1 mat den Zoustännegkeetsberäicher mat der Zoustännegkeet vun den dräi Acteurs Gemeng, Fonds du logement a Ministère de la Culture gesäit e



bässe komplizéiert aus. Ass an där Hinsicht awer alles gereegelt a wat bedeit dat? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen?

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, de Kontrakt, dee mir hei virun eis leien hunn, dee weist, datt et virugeet op Neischmelz an dat esouguer an zwou Richtungen, zum éischte gëtt et konkret mam Quartier selwer, no de provisoireschen tëschenzäitlechen Notzungen déi um Site installéiert goufen déi mir all kënne wéi zum Beispill déi Sportsinfrastruktur, de Verkéiersgaart oder den Urban Gardening, sinn hei elo déi éischt Gebaier déi an d'Rei gesat ginn an dat aus guddem Grond well zweetens, et gëtt elo konkret mam Kulturjoer 2022.

Mir kruten an dëser Ronn viru kuerzem Projekte virgestallt déi hei zu Diddeleng realiséiert wäerte ginn. Ausserdeem gouf de Pavillon um Waasser beim Pomhouse scho virgestallt an op all déi kulturell Aktivitéite freeë mir eis a sinn houvreg, Gastgeber dofir ze sinn. Fir dat awer ze maachen, mussen Terrainen definéiert an adaptéiert ginn, fir dass do kënne kulturell, sozial a sportlech Aktivitéite stattfannen. Mat dësem Kontrakt stellt dës Majoritéit sécher, dass mir keng Zäit verléieren, et ass ee puermol ugeklungen, d'Zäitschinn ass enk a mir hätten hei gär e Parcours sans faute bis an d'Kulturjoer 2022. Am Préambule vum Kontrast, déi mir hei virun eis hunn, gëtt och gesot, dass d'Gemeng Diddeleng elo net wëll waarden, mee dass se sech direkt ëm d'Instandsetzung vum de Gebaier 7 an 8 këmmert, zesumme mam Fonds du logement fir dass den Timing fir d'Kulturjoer 2022 kann agehale ginn. D'Kulturjoer ass e Mammut-Projet, net nëmme wat de kulturellen Aspekt ubelaangt an déi Projeten, déi dann do drunhänken, mee och wat d'Logistik ubelaangt. Dës Majoritéit huet nach ni eng Erausforderung gescheit an dat wäert och hei net anescht sinn. Bis dass herno déi Diddelenger an och déi vill Gäscht vu baussen, déi vill kreativ Projekte kënne besichen a genéissen, et muss nach vill hannert de Kulisse geschafft ginn, dat heiten ass just ee Bausteen an esouwuel eise Buergermeeschter wéi och den Här Spina huet eis elo déi noutwendeg Detailler heizou genannt. Heiansdo vergësst een, wann een herno an enger Ausstellung ass oder op engem Concert, wéi vill Energie an Knowhow schonn hu missen agesat gi bis deen Event kann iwwer d'Bühn goen.

Ech maachen hei eng kleng Klammer op: Diddeleng ass eng Kulturstad, Kultur huet dat Potential de sozialen Zesammenhalt ze stäerken, eng fir eis all zougänglech Kulturpolitik bréngt. Mënschen zesummen a fuerdert den Austausch an hir fräi Entfaltung. Duerch eis qualitativ héichwäerteg Infrastrukture schafe mir Synergien zwëschen Kultur an Tourismus an eis Participatioun ass Partner am Projet Kulturstad 2022 bedeit fir eis Stad an déi gesamt Südregioun eng herausragend Chance. Klammer zou, dat war just e klengen Ausschnitt aus der Schäfferotserklärung an ech mengen, dat heiten ass eng konsequent a logesch Folleg vum deem Versprechen. Mir freeën eis also op all Kënschtler, deen

am Kulturjoer hei op Diddeleng kënnt, ma mir wëllen och den Diddelenger Kënschtler en Doheem ginn.

De Kollektiv-D an och de Fotosclub, wéi mir elo héieren hunn, dee säit geraumer Zäit am Hall Fondouq geschafft huet an ënnerdaach komm war, fënnt hei elo säin neit Doheem an dat iwwert d'Kulturjoer 2022 eraus. Zesumme mam Schäfferot ass gekuckt ginn, dass dat neit Lokal hire Bedierfnesser entsprécht. Hei wiest dann elo zesumme wat zesumme gehéiert, gëschter, haut a muar, mir verbannen eis Geschicht, eise Patrimoine architectural, wéi gesot eis DNA mat der Kultur an der Zukunft vum deem neie Quartier an der Zukunft vum eiser Stad. Mir als LSAP-Fraktioun ënnerstëtzen natierlech dësse Projet a freeën eis elo schonn op d'Realisatioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Zoustëmmung an ech ginn d'Wuert weider un den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wëilt just konkret anhake bei der Fro wou d'Madamm Kayser ugedeit hat: Beim Artikel 2 do steet jo, déi Konventioun geet bis den 31. Mäerz 2023, betrëfft dann d'Gebaier an déi Terraine ronderëm, da geet et awer virun an den Artikel 2.3 an do steet dass de Kontrakt tacitement virugefouert gëtt all 6 Méint. Elo ass meng Fro déi, et ass jo warscheinlech net geduecht, dass déi Utilisatiounen bis 2023 an deene Gebaier stattfannen, dass dat och déi definitiv Utilisatiounen vum Neischmelz herno sinn an ech huelen un, et ass just nëmme well et nach eng Zäit dauert bis déi Utilisatiounen a Kraaft trieden, zum Beispill, d'Madamm Kayser hat de Logement ugeschnidden, dass et bis dohinner ass wou villäicht déi Saachen, déi mir do installéiert hunn, nach kënne eng kleng Gnadenfrist kréie fir do nach e bëssen ze iwwerliewen. Ass et also esou ze verstoe firwat dee Kontrakt nach kann ëmmer ëm 6 Méint verlängert ginn? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Gangler, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech op déi verschidde Punkten an. E ganz ganz grouse Merci un de Gemengerot fir Zoustëmmung vum deene Leit, déi sech hei zu der Konventioun geäussert hunn, dat weist, dass mir um richtege Wee sinn an ech denken och dass Är Zoustëmmung déi néideg Motivatioun gëtt, mam néidegen Héichdruck fir dru weider ze schaffen, fir dass dës Konventioun och an hirer Ausrichtung Realitéit gëtt.

Par rapport zu de Remarquë vum der Madamm Kayser an ech muss zwar soen, dass generell indépendamment wien d'Direktioun an sech hat um Niveau vum Fonds du logement, dass mir als Stad Diddeleng prinzipiell ëmmer ganz gutt mam Fonds du logement gefuer sinn, mir eng ganz gutt Relatioun haten, wat generell Projekte vum Fonds du logement hei zu Diddeleng ugeet a ganz spezifesch och Neischmelz, et war ni d'Situatioun - dofir wëll ech dat hei net am Raum stoe loossen - dass do d'Relatioun sech verschlechtert hätt, au contraire, mir hunn eis ëmmer gutt mam Fonds du logement verstanen, well mir wëssen, dass dat heiten e wichtege Projet fir



béid Partner ass. Mir hypothekéiere generell duerch dës Konventioun näischt. D'Konventioun ass jo opgebaut an zwou Etappen. Engersäits dass elo eng méi soft Renovatioun gemaach gëtt bis 2022 an déi Renovatioun, déi da weider gefouert gëtt fir en definitive Charakter ass no 2022, wa mir dann och Propriétaire ginn. Dat heescht, alles wat do stattfënnt, sief et bannendran sief et awer och vun Investor, déi gemaach ginn am Kader vun der Renovatioun, do gëtt näischt hypothekéiert, well eng Kontinuitéit jo hannendrun ass, déi gewährleescht ass vum Propriétaire, dem Fonds du logement, deem eis et jo zur Verfügung stellt a mir als Gemeng huelen a weider féieren.

Déi zwou Froen, déi komm si vun der Madamm Kayser an och vum Här Gangler par rapport zu deene 6 Méint, dat hu mir einfach dragesat, mir wësse jo net wéi déi Diskussiounen lafen, wann ab Mäerz 2022 wou mir fréistens solle Propriétaire ginn, wann do nach Saache misste gekläert ginn, dann hu mir d'Méiglechkeet, nach 6 Méint ze verlängeren, da bleiwen si nach Propriétaire a mir Locataire en vue vun der Finalisatioun vum Akt fir dass mir Propriétaire ginn. Dofir hu mir dat hei dra gesat, dat ass einfach eng Sécherheet, déi mir eis gi fir Diskussiounen ze féieren, mee dofir ass näischt hypothekéiert an et ass esou opgesat, dass wann d'Aarbechte ronderëm Neischmelz ufänken, do si jo nei Gebailechkeeten en tant que telles, déi jo an der 1. an och an der 2. Phas net hypothekéiert sinn um Inventaire supplémentaire, si ginn also net ofgerappt, mee et gëtt dran investéiert eben en vue vum Kulturjoer an doriwwer eraus an och während den Aarbechten herno am Kader vun Neischmelz sollen déi zwou Gebailechkeete kënne genotzt ginn. Do musse mir dann och kucken, fir dass déi néideg Accèse garantéiert gi fir do eranzekommen, mee mir sinn an deenen zwou Projeten a ganz enker Ofstëmmung mam Fonds du logement an dat kënne mir zesummen och steieren, mee et ass op alle Fall net d'Ausrichtung, dass herno Aarbechten ufalen an déi zwou Gebailechkeeten eidel sinn an näischt soll dra stattfannen. Dat ass net de Message, dee mir wëlle ginn.

Neischmelz, d'Madamm Kayser sot prioritäre Logement, jo mee et ass net nëmme Logement, hei entsteet e kompletten an ech weess dass vill Acteure soen, Neischmelz ass Logement, jo, ass et och, mee Neischmelz ass awer méi wéi nëmme Logement, Neischmelz ass e komplett funktionelle neie Quartier, deem an Diddeleng entsteet, mat enger sozialer Mixitéit a mat enger funktioneller Mixitéit, also e Quartier wou net nëmme Logementer entstinn, mee wou och staatlech dezentral Betriber hikommen, wou Gemeindebetriber hikommen, ëffentlech Gebailechkeeten a mir sollten dat och an där Optik ugoen, mat allen Enjeuen, déi dat mat sech bréngt. Och déi Aarbechte ronderëm d'Securisatioun wou de Fonds du logement elo mécht, effektiv, do si verschidden Ausschreiwungen an Devisen gemaach ginn, och ass dat gemaach gi vun der Etüd, déi BEST hei gemaach huet, dat heescht, mir sinn do ganz no drun an et ass virgesinn, dass am Februar/Mäerz d'Aarbechten ufänken an déi zéien sech dann era bis an de fréien Hierscht a mir hängen eis als Gemeng do drun a mir hunn och dat Zil wat mir eis ginn hunn an där enker Zäit.

Et ass esou, dass am Kader vun 2022 all Mount de Fokus op enger Gemeng ass an am Mee ass jo de Fokus op der Stad Diddeleng, spéitstens do mussen déi zwou Gebailechkeeten am Kader vun där softer Renovatioun fäerdeg sinn, well och da ganz vill Leit wäerte kommen. Mir hunn net bräichte Sites et Monuments als Partner hei eranzehuelen, well hei jo am Fong eng Konventioun ass tëschen dem Propriétaire an dem Locataire, Fonds du logement -Stad Diddeleng, a souwisou ass de Support vu Site et Monuments gewährleescht well déi zwou Gebailechkeeten och um Inventaire sinn, dat heescht si si mat drun bedeelegt wat Diskussiounen sinn. Si si jo och dran ernimmt, dass mir zwar elo net esou wéi de Fonds du logement an d'Gemeng, mee si sinn ernimmt an der Konventioun, dass mir op si zeréckgräife fir déi néideg Renovatiounsarbecht well och dat muss mat hinnen an Ofstëmmung gemaach ginn, et ass dran an et ass dat wat zielt. Mir hate jo scho Kontakt mat hinnen an och dat ass ganz gutt esou an déi Diskussiounen wäerte weidergefuert ginn, wéi och déi Diskussiounen gefouert gi mat all den anere Gebaier an da sinn ech op deem Punkt vun der Valorisation vum Patrimoine industriel a mam Volet Nationalgalerie. Also, d'Ustriewung ass schonn, dass d'Nationalgalerie an eng vun deene Gebailechkeete kënnt, wou och de Patrimoine industriel soll erausgehewe ginn an net an e kompletten Neibau soll gemaach ginn an do ginn nach Etüde gemaach, a wéi enger Form dat ka stattfannen, mee dat ass op alle Fall déi generell Ausrichtung a mir sinn do ganz nobäi, dass de Volet Art contemporain a Patrimoine industriel dat ass eng ganz flott Kombinatioun fir déi zwou Volete ganz kloer och hei erauszehuelen. Ech denken, dass ech iwwer déi Ausféierung och der Madamm Goergen op hir Fro geäntwert hunn an domadder alles gereegelt ass. Mir hunn hei eng Rei Etappen a Parametere, déi mir hei zur Consideratioun hunn zwëschen dem Fonds, der Gemeng an eben och Sites et Monuments.

Ech sinn op déi verschidde Remarques agaan. Hei gi mir eis de juristesche Kader fir déi néideg Aarbechten unzegoen, den Timing ass ganz enk, mee eng Rei Demarché lafe schonns, eng Rei Budgetsartikle wäerte mir och 2021 erëmfannen, de Gros 2021 an 2022 an dat wäert dann och e Bestanddeel gi vun engem nächste Gemengerot. Dëst gesot gi mir op de Vote iwwer, ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4.7. APPROBATION VUM DEVIS FIR D'ERNEUERUNG VUN DER BRANDMELDANLAG AN DER NOUTBELICHTUNG AM INTERVENTIONS-ZENTRUM DIDDELENG (CGDIS)

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER):

Da gi mir weider op deen nächste Punkt, dat ass en Devis estimatif, dee mir virleien hu vu 40 000 Euro, an do musse mir d'Détection incendie an den Eclairage de secours an eisem Centre d'Intervention CGDIS ersetzen. Do hutt dir den Devis virleien, mir si jo duerch déi Konventioun, déi mir virgeholl hunn, Propriétaire nach ëmmer vum Asazentrum, mir hunn deen zur Verfügung gestallt, déi Diskussioun hate mir virun enger Réi Méint hei, also musse mir dann och als Propriétaire dofir



suergen, dass déi néideg Sécherheet am CGDIS garantiert ass an dat maache mir och. Ass de Gemeengerot mat dësem Devis sou wéi en hei virläit averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

4.8. APPROBATION VUM DEVIS FIR D'ACQUISITION VU 5 EEFAMILLENHAISER «OP LENKESCHLÉI» FIR D'ENTWICKLUNG VU SOZIALWUNNENGEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op deen nächste Punkt, do geet et ëm de subventionéierte Wunnengsbau hei an Diddeleng an am Quartier Lenkeschléi, wou mir jo schon d'Acquisition gemaach hu vun Appartementer, mir haten dat och am PAP, respektiv an der Konvention vum PAP Lenkeschléi festgehalten, hei ass eng weider Etapp, déi mir huelen a wou mir 5 Reienhaiser an deem dote Quartier kafe wëllen. Och hei 2 Etappen, dat wat dir haut hei virleien hutt ass den Devis wat déi 5 Maison-unifamilialë kaschten a wa mir dat bis hei gestëmmt hunn, wäerte mir och an engem nächste Gemengerot den Akt hei virleien hunn zwéischent der Sociétéit Stugalux an der Stad Diddeleng. Déi 5 Maison-unifamilialen op Lenkeschléi kaschten eis 3 460 000 Euro, mir haten och Kontakt mam Logementsministère, wou d'Ausrichtung déi ass, dass ee 75% vum Subsid kritt an Dir gesitt hei déi Haiser ëm déi et geet, dat ass vun 18 bis 26 an der Rue Milly Steinmetz Ludwig, dat si Maison-unifamilialë vun engersäits, dat éischt vun 156 Quadratmeter, 161 Quadratmeter an 161, 161 an 161 Quadratmeter, dat heescht de Präis ass 3,5 Milliounen Euro ronn, dann hu mir nach d'Cuisine-équipée, d'Kichen ass jo ëmmer zousätzlech dobäi, 5 Stéck hu mir fir 75 000 Euro dragesat, sou dass mir summa summarum op déi ongeféier 3,6 Milliounen Euro kommen.

Ech mengen, dat heiten ass keen onwichtige Volet, grad an enger Situatioun, wou e gewëssen Drock um Wunnengsmarché ass an dat heite weist awer och, dass weider Efforte gemaach gi vun der Stad Diddeleng fir de subventionéierte Wunnengsbau ze ënnerstëtzen an dat natierlech an de Patrimoine eranzehuelen, de besteende Patrimoine vun der Stad an dat herno jonke Familljen zur Verfügung ze stellen. Dëst gesot zu den Ausféierungen, wat dësen Devis ugeet, Dir hutt och am Dossier eng Rei Erklärungen, wat de Bau selwer ugeet a villäicht ass et och wichteg, ze soen, vu dass dat en Neibau ass, dass mir an der Energieklass A sinn, also och do deen neiste Standard berücksichtegen. D'Diskussion ass op. Den Här Martini huet de Fanger ausgestreckt, da ginn ech iech d'Wuert.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hunn eng generell Fro: Kéint een an Zukunft net den Term "Logements sociaux" iergendwéi änneren oder ewech loossen, oder dat iergendwéi anescht nennen? Ech fannen et immens perturbant, och als Aussestoen, herno wann s du de Rapport lies an du gesäis, et ass eng Maison sociale, e soziale Wunnengsbau an dat awer trotzdeem iwwer 600 000 Euro, bal 700 000 Euro kascht, de Präis wou sech aner Leit net kënne leeschte fir sech en Haus ze kafen, ech géif et net schlecht fanne

wa mir "Logements à prix abordable" oder en aneren Term ofginn, mee ëmmer dee soziale Wunnengsbau, dat gëtt de Leit e Stempel, déi herno wëllen oder sollen dohinner wunne goen.

Ech wollt dat als kleng Remarque maachen, fir de ganze Rescht ënnerstëtze mir dat heite ganz sécher well déi 5 Haiser, dat ass mat Sécherheet eng Drëps op de waarme Steen, mee et ass ëmmerhin emol eng Drëps an och an Zukunft musse mir weider an déi dote Richtung goe fir dass mir eise Park vu Logementer méi grouss kréien, fir dass mir Familljen ënnerdag kréien, déi soss op dem normale Marché keng Chance méi kréien an där ginn et der ëmmer méi. Et ginn ëmmer méi Familljen, déi kommen a soen, dass se just e klengt Appartement nach kréie mat 3, 4 oder 5 Kanner, et ass immens schwéier se ënnerdag ze kréien an déi Familljen net mussen ofgestempelt an d'Ausland schécken, wéi et oft an der Press steet, do musse mir wierklech Gas gi fir op deem dote Punkt weiderzekommen. Mee meng generell Fro war just déi fir den Term vum Logement social ewech ze huelen. Dat stéiert mech immens. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Madamm Goergen dann den Här Zuang an den Här Thill.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, mir begrëssen, dass d'Gemeng Reienhaiser keeft, fir - ech huelen deen Term awer - Sozialwunnengen ze maachen. Op den éischte Bléck gesinn déi Haiser tipp topp aus fir jonk Familljen, si sinn net ze grouss, hunn awer e kleng Gaart an 2 Schlofkummeren, et ass gutt, dass bei der Ausféierung am Energieberäich net gespuert ginn ass an dass déi Haiser an der Energieklass A sinn. Et fält awer op, dass d'Garage e gudden Deel vun der Fläch vum Rez-de-chaussée anhëlt. Wier et net méi sënnvoll gewiescht, méi Wäert op d'Wunnen ze leeën an d'Garage méi rudimentaire ze halen an doduerch Wunnenfläch ze gewannen. Dat war déi éischt Fro an déi zweet Fro ass: Ginn déi Haiser zesumme mat eisen aneren Immobilie verlount vum Service Logement oder kommen dës Haiser elo an eng extra Kategorie? Mir begrëssen dee Projet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, dann den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Mir hu jo schon ëfters vu Projekte vu sozialem Wunnengsbau am Conseil hei geschwat. Deen Term ass, Här Martini, elo leider Gottes net op eiser Mëscht gewuess an dee gouf national ëmmer esou gefouert an dee wäert och an Zukunft weider esou gefouert ginn. Um fräie Marché eng Wunneng ze fannen an ze kréien, gëtt, wéi mir alleguerte wëssen, ëmmer méi schwiereg voire bal onméiglech. Vu dass d'Demande därmoosse grouss ass, ginn d'Präisser och erop an dofir sinn esou Projekte wéi dësen extrem wichteg. Hat d'Gemeng bis elo ëmmer haaptsächlech Appartementer kaf, sou kréien duerch de Bau vun Haiser elo och jonk Famillje mat Kanner d'Méiglechkeet, en Doheem ze fannen. Déi Gemegeverantwortlech vun der Stad Diddeleng hu bewisen a



beweise kontinuierlich, dass si de Problem vum soziale Wunnensbau eescht huelen. Eréischt kierzlech ass de Service Logement social communal an d'Liewe geruff ginn. 21 Gemengewunnengen, déi momentan nach an der Cellule Logement social géréiert ginn, kommen an de Service Logement esoubal de Service ofgelaf ass, aktuell sinn dat der elo scho 6. Donieft gëtt d'nächst Joer de Projet Rue du Commerce 37 – 39 fäerdeg, wou erëm 2 Appartementer an 10 Chambre-meubléeë bäikommen, och geet d'Planungsphas vum Projet an der Rue Nic Bodry mat 4 Maison-unifamilialen an 2 Maison-bifamiliale gutt virun. Als Informatioun vläit just nach, dass d'Cellule logement vum Office social aktuell och an hirem Portefeuille 21 Logementer, dorënner 1 Haus, huet an dass ab Januar 2021 1 Haus an 8 Chambre-meubléeë bäikommen. Voilà, dat war et vu menger Säit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Buergermeeschter, den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter, ech fänke mam Schluss un, mir begrëssen dee Kaf hei mat zwou Hänn. Just fir dat ze illustréieren, wat meng Virriedner scho gesot hunn, den duerchschnëttleche Käschtépunkt, ouni Subsid, vun deenen Haiser ass 730 000 Euro. Wann eng Famill dat misst kafen an si kréich e Prêt zu 1,3% Zësen - wat fir haiteg Verhältnissen net ze vill ass - op 30 Joer misst se all Mount 2450 Euro zeréckbezuelen, also méi wéi e Mindestloun. An anere Wieder, eng Famill wou déi zwee Leit nëmmen de Mindestloun verdéngen, kënn mat esou engem Prêt net iwwer d'Ronnen an ech rappeléieren, dass mir awer 60 000 Leit am Land hunn, déi de Mindestloun verdéngen, dofir si mir voll a ganz hannert der Gemeng fir esou Projekte wéi déi heiten unzegoen a mir stëmmen déi natierlech mat. Ech hu just e kleng Bemol, dat ass, dass hei d'Gemeng Propriétaire gëtt vun deenen Haiser a mir géifen eis eigentlech vun der Gemeng méi e reegelméisseg a kontinuierlechen Asaz wënsche fir ze probéieren, energieautonom ze ginn. An anere Wieder, mir froen eis e bësse firwat dann elo net scho virgeschloe gëtt, respektiv envisagéiert gëtt, Fotovoltaikanlagen op déi Diecher vu deene 5 Haiser ze maachen? Ech mengen, et sollt en Zil si vun der Gemeng Diddeleng, ze kucke fir selwer energetesch autosuffisant ze ginn a konsequent an déi Richtung hinzeschaffen. Wéi gesot, mat deem kleng Bemol sti mir ganz hannert deem Projet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, den Här Martini huet am Fong schon alles gesot gehat, d'CSV war ëmmer dofir an hat dat esouguer am Walprogramm beschriwwen, dass mir dofir sinn, dass d'Gemeng soll all déi sozial Wunnengen, déi missten op Lenkeschléi kommen, kafen. Et ass e bësse blöd mam Term, mee mir waren dofir, dass mir all déi, déi do gebaut ginn, solle kafen an och solle verdeelen. Ech fannen et och gutt, dass mir déi Cellule Logement hunn, den Här Zuang huet elo grad gesot, 21 Wunnengen déi se hunn, déi 8 Chambre-meublée, déi dobäi kom-

men, do wëll ech och soen, ech huelen un, dat sinn déi Chambre-meublée, déi am Veräinshaus zur Verfügung gestallt ginn. D'Veräinshaus ass e Bau, wou d'Oeuvres paroissiales gemaach hunn, och nëmme fir eng Kéier ze soen, dass aner Intervenanten hei zu Diddeleng ganz vill maache fir sozial abordable Wunnraum ze kreéieren. Dat fanne mir och eng ganz flott Saach.

Wat e Punkt ass, wou ech och fannen, dass e wichteg ass, ass dass grad hei op dem Site Lenkeschléi och dës Wunnenge vun der Gemeng kaf gi si fir zu enger gewëssener sozialer Mixitéit bäizedroen. Dat ass jo och eppes wat mir ëmmer hei op alle Bänken ënnersträichen, dass dat eppes ganz Wichteges ass. Mir wëlle keng Quartieren, déi elitär sinn, mee mir wëllen, dass dat eng gutt Mixitéit ass an ech hu just eng konkret Fro nach: Wa mir elo déi Haiser verlounen, ech hat déi selwecht Fro wéi d'Madamm Goergen, ob mir déi elo weider zur Verfügung stellen, zum Beispill fir d'Croix Rouge, Pro Familia a Wunnengshëllef oder ob mir déi effektiv an eis Cellule Logement mat eranhuelen an d'Fro ass: Op wéi enger Dauer verloune mir déi Haiser, wat hu mir wëlles?

Setze mir do Familljen dran, déi e richtege Projet de vie hunn, op eng längerer Zäit wéi wann s de zum Beispill géings en Haus kafe mat engem Bail emphytéotique, do häss de 50 Joer, mee elo hei fir ze soen, maache mer et op 5 Joer, 10 Joer oder hu mer wëlles, och mol an déi Richtung ze goen, dass mir e gewëssenen Turnover wëllen, wéi mir dat an eise méi kleng Wunnstrukturen hunn, wou mir Kontrakter maachen op 1, 2 oder 3 Joer? Dat ass och interessant ze wëssen, mee effektiv, mir fannen dat heiten eng ganz gutt Saach.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir Är Interventiounen, da géif ech op déi verschidde Punkten agoen. Hei ass e private Projet, mir haten de PAP jo op Lenkeschléi, wou mir effektiv am Kader vun der Convention d'exécution vun deem PAP festgeschriwwen haten, dass mir subventionéierte Wunnensbau wëlte bedreowen, dofir ware meng Wieder jo och ronderëm de subventionéierte Wunnensbau well mer hei jo och Subside kréie vum Logementsministère an als generell Remarque mengen ech, dass et am Kader vu der Situation, déi mir hei am Land hunn, an och hei zu Diddeleng, ass et schlussendlech egal an awer och net mee wien eppes baut wat subventionable ass, ob dat elo d'Gemeng ass, a mir hu jo nach eng Rei Projeten am Köcher, sief dat an der Nic Bodry Strooss, sief dat A Bëlleg, sief dat op Neischmelz, ob dat effektiv eng ASBL ass, déi aktiv ass, ob dat e Privaten ass, wou mir eis mat 10% drunhänken, ab deem Moment wou eppes gemaach gëtt a wou mir aktiv ginn, egal wien d'Initiativ hëlt, maache mir eppes fir de subventionéierte Wunnensbau, an dat ass den Haaptmessage, dee wichteg ass an och genau dat wat hei am Fokus steet.

Et muss een natierlech wëssen, wann een dësse Projet, den Här Thill huet iwwer Fotovoltaik geschwat, dat heiten ass e Projet mat engem private Promoteur a mir hu versicht, hei d'Käschten esou vill wéi méiglech och ze drécken an déi Fro kéint sech stelle vis-à-vis vun aner Elementer zu de Gebailechkeeten, déi an deem ganze



Quartier sinn. Mir hunn hei e ganze Réseau, un déi déi Gebaier ugeschloss sinn, hei war et einfach eemol wichteg dass een déi 5 Maison-unifamilialen, déi awer an der Energieklass A sinn, net ze vergiessen, awer schonn energiereduzéierend sinn an et ass och ganz kloer e Message, deen hei vum Effort ronderëm d'Energie ausgeet.

Dat heite sinn Haiser a Gebaier, déi éischer op eng länger Zäit sollen zur Verfügung gestallt ginn, doriwwer mussen mer nach diskutéieren, d'Iddi ass jo fir eng Approche ze fannen, wou och de Service Logement iwwer eng länger Zäit Gebailechkeeten, sief et Appartementsier sief et Haiser, déi mir hunn, zur Verfügung stellt, dat heite soll e bëssen en anere Wee ginn, dofir soll dee Service Logement, dee soll an d'Liewe geruff ginn, si fir sech där Saach kënnen unzuhuelen. Generell, logement subventionable, abordable a sozial, dat si Begrëffer, déi et hei am Land ginn, et kann een net Abstraktioun dovunner maachen. Et kann een ëmmer iwwer d'Terminologie schwätzen, mee si sinn awer eng Realitéit an d'Relatéit kënne mir eis net ewech molen. Do kann ee mat verschidden Terme méi oder manner averstane sinn, mee si gehéieren awer wéi gesot zu der Realitéit.

De Fazit awer, wat ech do eraushéieren hunn, ass dass jiddereen hannert dësem Projet an Devis steet. Wéi gesot, haut geet et drëms, den Devis ze stëmmen an duerno gëtt mam Notaire zesummen en Akt ausgeschafft an dee kënnt jo dann och nach eng Kéier an de Gemengerot. Dëst gesot, ass de Gemengerot mat deem Devis vun 3 640 000 Euro averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech lech Merci.

4.9. APPROBATION VUM DEVIS FIR D'ERNEIERUNG VUM DAACH AN DER FASSAD VUM HAUS AN DER RUE DE L'HÔPITAL 102

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op deen nächste Punkt iwwer, dat ass och en Devis estimatif, dee mir virleien hunn an dat ass op Nummer 102 an der Rue de l'Hôpital an dat ass e Gebai wou mir dem Veräin Amitié Portugal-Lëtzebuerg zur Verfügung gestallt hunn, mir sinn do Propriétaire vum Gebai an do mussen den Daach an d'Fassad frëschgemaach ginn, déi sinn net méi an engem gudden Zoustand an dofir ass hei deen Devis an Héicht vun 130 000 Euro fir do déi zwou Aarbechte kënnen ze maachen. Här Thill?

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Jo, Här Buergermeeschter, hei muss ech eng Schëpp bäileeën. Also, Dir hat 2015 déi gutt Initiativ, vun Diddeleng e Solarkadaster erstellen ze loossen, dee fënnt een um Site Solar.geocontent.de, dee seet fir dat heite Gebai, datt et op der Südsäit ganz gutt gëeegent fir Solarenergie ass mat enger Astralung vun iwwer 95% an op der Nordsäit, dat ass déi, déi zum Spidol kuckt, ëmmer nach gutt gëeegent zwëschen 81% a 95% Rekuperatioun vun der Sonnenastralung an et sinn 250 Quadratmeter. Wat op deem Solarkadaster - wann ech do kann zwou Remarquen dozou maachen - villäicht misst revidéiert ginn, déi nei Quartiere wéi Op Lenkeschlei, déi sinn natierlech net drop, dat ass kloer, mee et ass och e Rentabilitéitsbe-

rechnungsmodell do, dee menger Meenung no net stëmt. Éischtens sinn nach d'Subsiden agesat vun 2015 an zweetens, wann ee rechent wat d'Rentabilitéit vun engem Investissement, deen hei 37 000 Euro géif ausmaachen, wär, da kënnt een zum Resultat, dass ee géif 378 000 Euro Gewënn a 15 Joer maachen; dat kann natierlech net sinn, dofir misst een dann entweder déi Rechnung aus dem Verkéier huelen oder se op déi haiteg Situatioun a Bähëllefien adaptéieren. Souvill wéi mir och fir d'Renovatioun vun deem Daach an där Fassad sinn, hei enthale mir eis well mir wierklech fannen, dass et ubruecht ass, eng Fotovoltaikanlag dropzesetzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt an déi selwecht Richtung froe well um Devis geet dat net eraus, mee ech mengen net, dass do eppes virgesinn ass fir den Daach z'isoléieren oder eben och meng Fro no der Fotovoltaikanlag. Ech mengen och net, dass d'Fassad isoléiert gëtt bei deem dote Chiffer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, nach weider Froen? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Wat ass eng Rückbauarbeit fir dat doten Haus?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass eng gutt Fro, dat muss ech nofroen. Wat et genau heescht, weess ech net. Ech kann deen technischen Detail awer gär nofroen. Si soss weider Froen? Generell, fir op esou Froen anzegoen, souwuel d'Fassad vum Gebai, et ass jo en eelert Gebai, mee wéi och den Daach sinn an engem ganz schlechten Zoustand, dofir gi mer jo och hin a maachen dat frësch, näischt schléisst aus, dat kënne mir och mat eise Servicer kucken, dass een am Kader vun dëser Aarbecht kuckt, och fir eng Fotovoltaikanlag, dat kann ech un eis Techniker weiderginn, dass si dat iwwerpräiwen, zesumme mat deenen anere Remarquen, déi hei gemaach goufen, mir verschléissen eis dëser Saach net an huelen dat mat op de Wee. Nach ass et wichteg, dass mir eis dëser Saach elo unhuelen, well d'Gebai net méi an engem gudden Zoustand ass. Mir huelen dat dote ganz gäre mat.

Domat komme mir zum Vote, wien ass mat deem Devis averstanen? Déi Gréng, LSAP, CSV an eisen onofhängege Gemengemember. Wien enthält sech? Dat sinn déi Léng. Merci villmools.

4.10. APPROBATION VUN DER OPSTELLUNG VU RECETTES, DÉI ANZEZÉIE SINN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op deen nächste Punkt iwwer, dat ass de Restanten-Etat, dee mir hei virleien hu wéi all Joer, dofir begrëssen ech och eisen Receveur, de Gilbert Loos hei an eiser Ronn. Et geet jo hei viraussichtlech ëm de Restanten-Etat vum Joer 2019, deen een hei virleien huet an deen am Fong weider erofgaangen ass, dat heescht



engersäits hu mir 1 225 377,18 Euro Restanten-Etat, dat esouwuel um Ordinaire wéi am Extraordinaire zesommen an d'Decharge, do proposéiert eis de Receveur 200 517,98 Euro, sou dass mir hei en Total vum Restanten-Etat hätte vun 1 024 859,20 Euro a wëll hei de Gemengerot froen an d'Autorisatioun am Fong froe fir deen dote Montant kënne weider ze poursuivéiere bei deene Schëldner, déi Service-publics vun der Gemeng an Usproch huelen, mee déi net honoréieren, tout en sachant, dass mir bei eise Schëldner sécherlech Personne-physiquen a Personne-morale hunn, an do si sécherlech Bierger derbäi, déi an enger prekärer finanzieller Situatioun sinn, déi dann awer och Kontakt mat eise Servicer hunn, an effektiv och ënnert d'Äerm gegräff kréien, iwwer den Office Social, mir awer och Leit hunn, déi Rechnunge bewusst emol op d'Säit leeën oder ignoréieren, sou dass mir do an enger anerer Situatioun sinn.

All Joer hu mir de Restanten-Etat virleien, et si Recetten, déi vis-à-vis vun der Gemeng opstinn an eise Receveur stellt deen heite Restanten-Etat op, fir weider kënne Poursuitten ze maachen, respektiv Kontakt opzehuele mat de Concernéierten, et gëtt also en Abléck an d'Finanzmoral, et ass awer och esou, dass mir eng Rei Ordonnance-de-paiementen lafen hunn, ronn 350 Stéck, ronn 50 Saisien hunn, respektiv ronn 75 Dossiere beim Huissier sinn et also wéi gesot esou, déi gi poursuivéiert. Déi Saachen, déi an Decharge gesat goufen, do kann och de Receveur Gilbert Loos drop agoen, et ass virun allem Objectif Plein Emploi, awer och eng ganz Rei Failliten, déi beschwat goufen, wou mir natierlech als Creancier ugeklappt hunn, mee wou eng Administratioun communale an der Hitlëscht net un eischer Stell steet als Creancier, mee wéi gesot, et ass de Gros wat an d'Decharge hei gehäit gëtt. bNach muss ee soen, dass de Restanten-Etat awer 2019 erofgeet par rapport zu 2018, do waren et 1 244 180 Euro, en ass also gutt erofgaangen, méi wéi 200 000 Euro, wat ganz positiv ass a wann een déi ganz Echelle kuckt, elo si mir 2019 bei 1 024 859 Euro, wann ee kuckt, 2007 ware mir bei 1,4 Milliounen Euro, 2010 ass et nach eemol an d'Luucht gaangen, 2,1 Milliounen Euro, an 2015 1,2 Milliounen Euro an elo leie mir bei knapps 1 Millioun Euro, e war ee Moment och ënnert enger Millioun, dat heescht, et leeft gutt virun um Niveau vum Andreiwe vun deene verschiddene Beträg, déi wéi gesot opstinn. Dat ass ganz positiv, well mir do och Rappel maachen, well mir do aktiv bleiwen, wat d'Poursuitten ugeet.

Mir wäerten awer och, an dat ass och e Punkt hei am Gemengerot spéider beim Personal, dat waren och ëmmer Diskussiounen, déi mir hei haten, dass mir eis wëlle verstärke personalméisseg wat de Restanten-Etat ugeet, an do hu mir spéiderhin eng Création de poste virgesinn, wou mir och d'Fangere schonn ausgestreckt hate fir iwwer de Wee vun engem Chômeur de longue durée bei der ADEM ze kucken, dass een een huet, deen och am Finanzberäich ass, am do si Saachen, déi virleien, ech wëll net prejuguieren dee Punkt hei, mee awer soen, mir dee Punkt awer um Ordre du jour hunn, wou mir eis wëlle verstärke fir dee positiven Elan ze hunn, dee mir elo hinn och kënne weider ze driewen.

Dëst gesot, fir lech en Abléck ze ginn an de Restanten-Etat, wat erauszehiewen ass an et ass virun allem déi Déngschtleeschung, déi vun de Bierger am meeschten an Usproch geholl gëtt, ass alles wat Waasser a Kanal ugeet bei de Personne-physiquen, dat mécht ronn 44% aus an dat ass dat wat een am Restante gesäit an et ass déi Déngschtleeschung, déi am mannste consideréiert gëtt mee och déi Déi Déngschtleeschung wou eis Servicer am meeschte sollicitéiert ginn am Alldag, well dat eppes ass wat de Bierger och am Alldag an Usproch hält. Dëst gesot als Ausbléck op den Restanten-Etat, et geet kontinuéierlech weider erof, wat jo och positiv ass, mir wëllen eis och weider verstärken respektiv awer och Dossieren, wou mir déi néideg Poursuite virgeholl hunn, déi lafen och, sou dass déi néideg Gegebenheeten do si fir deen Elan, dee mir elo hunn, weiderzedreien. D'Diskussioun ass op, respektiv eise Receveur steet och zur Verfügung fir lech weider Detailer ze ginn. D'Madamm Kayser an dann d'Madamm Goergen an dann den Här Claude.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Merci och fir d'Opstellung an d'Ausdeele vun deem gesamten Dossier, et ass ëmmer interessant wann een do eemol duerchblidert wat wie wou der Gemeng nach schëllegt. Wat mech ëmmer erschreckt an och traureg mécht, dat ass dass och ëmmer Parten do si vun den Elteren, vun de Fraise vun de Crèchen a Maison Relais, do denken ech schonn, dass dat eppes ass, wat Famillje maachen, déi an der Prekaritéit sinn, well et wëll ee jo net no bausse sai Kand stigmatiséieren andeems ee seet, hei lauschter, ech kann deng Maison Relais net bezuelen.

All Mënsch, deen an der Prekaritéit ass, mir hunn en Office social mat offenen Dieren, méi offe kënnen se net sinn, do kënnen d'Leit jo och e Secours remboursable ufroen an dat ass och gutt esou an dat soll och weider esou gehandhaabt ginn, mee ech denken awer och, wat erschreckend ass, dat ass einfach dee Laisser-faire Laisser-aller vun de Privats an ech sinn iwwerzeegt, dass déi meescht net Client am Office social sinn an net an enger prekärer Situatioun sinn, mee dass bei ville Leit och einfach d'Iwwerleeung ass, Oh de Prêt fir den Auto muss ech bezuelen, well soss huelen si mir den Auto ewech, den Handysabo muss ech bezuelen, d'Telefonsrechnung, de Kabel muss ech bezuele vu mengem Fernseh mee d'Gemeng, déi ka jo waarden, a wann ee kuckt wat fir Zommen dat bei Kanal, Waasser a Poubellen sinn, ass dat awer erschreckend an et ass wéi den Här Buergermeeschter sot, domadder schiedegt een net d'Gemeng, net de Buergermeeschter an net de Gemengerot mee et schiedegt een all Diddelenger. Déi Suen, deen héije Montant, dee feelt eis an eiser Gemeengekees, e feelt eis fir wichteg Investor ze maachen an dofir si mir absolut averstanen, dass mir eng Rigueur weisen a jidderee poursuivéieren, deen senge Paiementen net nokënnt a mir wäerten - wann dee Poste virgesinn ass - da wäerte mir dat och selbstverständlech matdroen.

Mir waren och deemools dofir fir méi rigouréis géint Nonpayeurs virzegoen, do hu mir dat och ënnerstëtzt. Wat awer och erstaunlech ass, wann een déi Dokumen-



tatioun liest, ass dass vill Compteur-communen aus Residencë weisen, dass déi Rechnungen net bezuelt ginn. Do ass meng Fro, dat ass jo awer oft eng Responsabilitéit vun der Copropriétéit: Wéi eng Virgoensweisen hu mir do an deem Sënn? Ech huelen un, dass dann an enger Residence zwee schwaarz Schof sinn a muss dann do net eng Verpflichtung sinn, vum Syndic oder der Copropriétéit am grouss Ganzen, fir déi Rechnungen ze iwwerhuelen? Dat ass eng Fro.

Dann, d'Faillitten, erschreckend, Geschäftsleit, Caféen a Coiffeuren, ech huelen un, 2020 wäerten eis nach weider Faillitten an d'Haus stoen, wat mat där momentaner dramatescher Lag mam Covid ze dinn huet. Meng Fro ass do: Wéi laang, Dir sot mir hunn do Recours geholl, mir sinn do och an der Lëscht vun deene Leit, déi sollen eppes kréien, wann dann eng Faillite soll opgeléist ginn, mee wéi laang loosse mir déi Faillitten an de Bicher stoen? Wéini kréie mir gesot, hei lauschtert, dat dote kënne mir wierklech läschen, do kréie mir näischt méi an dann ass och meng Fro: Kënne Privatleit och Privatinsolvenz ufroen a gëtt et do och eng Handhab, wéi dat hei zu Lëtzebuerg geet? Dat hunn ech mech gefrot well ech net weess wéi dat geet.

Dann, wat och ganz erschreckend ass, dat ass dass ganz vill Residenten, déi sinn einfach fort, déi sinn dann entweder bis a Portugal, Italien, Däitschland, Thailand, Kongo geplënnert. Jo, déi Sue kréie mir jo da warscheinlech dann net méi. Wéi laang schleefe mir déi Leit nach mat a wéini setze mir déi an de Bulletin vun der Decharge? Also, wéi gesot, mir si frou, dass d'Zomm global lues awer kontinuierlech erofgeet, den Här Bodry huet ëmmer gesot, mir kommen eemol ënnert d'Millioun Euro, wa mir esou weider maache, komme mir och iergendwann do drënner, wa mir net weider mat Covid nach aner Surprise kréien, well grad elo an dësen Zäite komme vill Leit bei den Office Social, warscheinlech och fir e Secours remboursable ze froen, déi nach ni am Office social virstelleg gi sinn, déi duerch de Chômage partiel sou eng grouss Abouss hunn an hirem Revenu, dass et net anescht geet a, wéi gesot, et ass e virsichtegen Optimismus, dee mir dëst Joer kënne un den Dag leeën, mee mir kucken, wéi et dat nächst Joer ass. Mir jiddefalls ginn Decharge vun deem Restanten-Etat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, den Här Thill an dann d'Madamm Goergen.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter, mir ginn eisen Accord fir den Restanten-Etat och, ech hunn e puer méi kleng Froen, well ech mech effektiv dës Kéier amuséiert hunn, déi Lëscht e bësse méi am Detail duerchzekucken. Sou ass mir zum Beispill opgefall, dass do steet "Intérêts sur créance commerciale 46 cents", do hunn ech mech gefrot ob een dat net misst direkt an d'Decharge setzen, well dat ass jo warscheinlech e Feeler an et kascht méi deier, déi anzedreiwen, wéi se einfach an d'Decharge ze setzen. Et huet mech awer och gewonnert, dass d'Administration de l'Etat et de l'Enregistrement zwou Rechnungen net bezuelt huet a muss poursuiviéiert ginn.

Dann e bësse déi selwecht Remarque wéi d'Madamm Kayser, et sinn 30 Residencen, déi bei der Gemeng Scholden hunn an dat weist jo awer och e gewësse Laisser-aller, entweder vum Syndic oder vun der Copropriétéit well am Prinzip hunn d'Residencen awer Geld genuch fir déi Saachen ze bezuelen. Dann eng aner Saach, déi mir opgefall ass, dat sinn 9 Caféen, wouvunner der och 2 Faillite gaange sinn, stinn op der Lëscht vun de Betriber, déi poursuiviéiert ginn, awer praktesch keng Restauranten, do schéngen déi besser geréiert ze sinn, do wollt ech awer de Receveur froen ob ee scho kéint gesinn, wéi et mat der Covidsituatioun dëst Joer bei de Restauranten an de Caféen ass?

An dann zu de Saachen, wou eng Decharge kënnt, do ass mir just een Dossier opgefall well do eng Persoun, déi och 2019 am Abrëll d'Land verlooss huet, déi awer vun 2010 u verschidde Rechnungen net bezuelt huet an dee Posten aleng mécht praktesch 43 800 Euro aus, also praktesch ee Fënneftel vun de ganzen Dechargen, déi ugefrot sinn, an do froen ech mech och eigentlech, wéi esou eppes kann zustane kommen an ob et do net méiglech wier, verschidde Saache virdrun ofzespären. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Madamm Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, och dëst Joer hu mir dee sougenannte Restanten-Etat vum Joer virdu virleien, dat heescht Zomme vun deene Rechnungen vun der Gemeng, déi net bezuelt gi sinn. Et sinn dës Kéier ronn 1,2 Milliounen Euro, wat liicht manner ass wéi de Betrag vum leschte Joer mat ronn 1,3 Milliounen Euro. Dat schéngt sech déi lescht Jore méi oder manner op dëse Betrag agependelt ze hunn, et fält op, dass bei dem Restanten-Etat vun 2019 méi wéi dat Duebelt ofgeschriwwen gëtt wéi bei 2018, et sinn ëm déi 200 000 Euro. Ech hätt eben d'Fro ob et dofir extra Grënn ginn an et ass mir och opgefall, dass an der Lëscht vun de Restante vill Gesellschaften, besonnesch Immobiliären, Caféen an awer och Restauranten mat héije Betrэг ugefouert sinn.

Privatleit hu meeschtens manner grouss Betrag opstoen, et ginn awer heiansdo mol Betrag accumuléiert ouni dass esouguer mol kleng Zommen ofbezuelen ginn. Offensichtlech hëllefen do keng Manungen a Strofbezuellungen. Wat kann dann duerno nach kommen, ausser natierlech d'Ofspäre vum Waasser? Woubäi ech awer net der Meenung sinn dass een dat soll maachen. Dem Här Thill seng Meenung awer gelooss. D'Madamm Kayser huet eng Rei Froen gestallt, déi mech och interesséieren, haaptsächlech den Delai, wéini eppes kann ofgeschriwwen ginn. Fazit: Mir approuvéieren natierlech dës Restanten-Etat mat den Ofschreiwungen an iergereis esou weider doriwwer. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir dee ganzen Ierger. Gëtt et nach weider Stellungnahmen? Den Här Claude.



BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt och eng kuerz Stellungnam zu dësem leidegen Thema vum Restanten-Etat am Numm vu menger Fraktioun huelen. Mir schwätzen hei iwwert d'Matbierger, déi aus verschiddene Grënn déi vun der Gemeng opgefuerdert Déngschtleeschungen entweder net wëllen oder net kënne bezuelen. Dat wat fir déi meescht Leit als selbstverständlech gëlt, ass fir e méi klengen Deel net esou evident. Aus ville verschiddene Grënn bezuelen déi Leit hir Rechnungen net, wat awer am Prinzip absolut net ze akzeptéieren ass. Dat si vill Suen, dëst Joer si mir iwwer knapp enger Millioun Euro, déi eis am Budget feelen.

Ech hu mir och dee ganze Relevé ugekuckt, do fënnt een Debiteuren, déi säit ville Joeren ëmmer déi selwecht Facturen net bezuelen an dann op relativ héich Betrag kommen, dorënner eng Rei aus der Gastronomie, spriech Caféen, awer och privat Leit. Och fällt mir op, dass e puer Residenzen dobäi sinn. Et sinn awer och vill Leit dobäi wou just während engem Joer, oft virun 2019, net bezuelt hunn. Et stellt ee fest, dass Persounen, déi rayé d'office sinn an d'Land verlooss hunn, eng Decharge kritt hunn. Egal wéi, d'Gemeng ass verpflichtet fir déi geschëlte Suen anzedreiwen.

Och d'LSAP-Fraktioun begréisst d'Schafe vum Posten am Punkt 9.3 vun engem Langzäitchômeur zousätzlech zum Service vun eisem Receveur, dem Gilbert Loos. Dee Mann wäert chargéiert gi fir déi Sue bei deene Persounen, déi kënne bezuelen, anzedreiwen. Et wäerten awer ëmmer hoffnungslos Fäll iwwereg bleiwen, deene Leit soll een eis bestoend Hëllefstellung, wéi zum Beispill d'Berodung fir Iwwerverschëldung an den Office social uegebuede ginn. D'LSAP-Fraktioun encouragéiert de Schafferot an de responsabele Service an ënnerstëtzt se bei deem laangwierege Schrëtt fir de Restanten-Etat ze verklengeren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, den Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, normalerweis äntwert dir jo op d'Froen, mee ech hunn eng Fro héieren an ech wëll drop äntweren an eng Propos maachen. Bei de Residenzen ass et esou, dass ab enger Residence vu 4 Leit et d'Copropriétéit ass wou muss d'Waasser bezuelen an et ass och d'Copropriétéit, déi den Dekont un d'Leit mécht a wann s de dann en Haus hues vun 10 Appartementer an du hues der 5 dran, déi net bezuelen, da gëtt d'Waasser vun der Copropriétéit fir dat ganz Haus net bezuelt a fréier war et esou, dass all Stot säi Waassercompteur hat. Wier et net eng Léisung fir nees dorobber zeréckzekomme fir deen Deel vun de Suen op d'mannst emol ze kréie vun deene Leit wou bezuelen an da just deene Leit d'Sue froe goen, wou net bezuelen? Ech denken, dass dat e Grond ass wéi sou een eng Rei vun Immobiliären huet, déi warscheinlech d'Gestioun vu Copropriétéite maachen, a dofir als Immobiliäre drastinn an dass dofir esou e grouss Montant do steet vun e puer Dausend Euro.

An dann hunn ech eng aner Fro: Wat mech wierklech

perturbéiert huet, dat ass, wéini schéckt dir d'Rappellen eraus? Well dat éischt, wat ech gemeet hunn, ech hu gekuckt, steet mäin Numm net hei dran. Gott sei Dank steet mäin Numm net dran, neen, ech hunn alles bezuelt. Mee wann ech awer erofginn, da fannen ech Veräiner, wou ech Caissier sinn, mee ech krut awer ni e Rappel oder eng Rechnung dovunner, dofir sinn ech ganz perturbéiert gewiescht, dass ech eise Veräin drop erëmfonnt hunn, ech sinn lech awer keng Sue schëlleg. Wou kënnt dee Montant hir? Mee ech froe mech op all déi Rechnungen, wou drastinn, ob d'Leit eigentlech wëssen, dass déi nach ze bezuele sinn. Dat ass eis Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dir wäert Äre Rappel op d'Säit geluecht hunn. Merci Här Martini, ech ginn d'Wuert dem Här Loos fir op déi verschidde Saachen anzegoen.

GILBERT LOOS (RECEVEUR): Merci Här Buergermeeschter, wann ech e bëssen elo drop aginn, wéini ginn se ofgeschriwwen? Eng Faillite schreiwen ech of wann se clôturéiert ass. Well ech gi bei de Faillitten ëmmer eng Déclaration de créance an an ech waarden dann of bis d'Faillite clôturéiert ass éier ech se dann an d'Decharge proposéieren. Wat déi privat Rayé-d'fficen ugeet, do ginn ech net ëmmer direkt era well et ka sinn, dass se an 3-4 Méint oder an engem Joer erëm optauchen an da kann ech se awer erëm weider poursuivéieren. Privat Insolvenz, dat gëtt et hei am Land net, dat gëtt et an Däitschland, dat weess ech mee hei gëtt et dat nach net.

Chèque-servicen oder Maison Relaisen, dat ass e Problem wat awer och e Problem am Montant ass, ganz oft si Montanten dran, wou d'Leit vergiess hunn, hir Kaart ze erneieren, a wou mir dann drop waarde fir de Recalcul vum Ministère oder sou ze kréien. Si denken och oft relativ spéit dru fir se ze erneieren, mee dat ginn da Montanten, amplaz datt se dann 3-4 Euro verrechent kréien, kréien se dann op eemol 600 Euro verrechent pro Mount a pro Kand, an do kommen enorm Chifferen eraus.

Wann ech op d'Caféen an d'Restauranten aginn, do hunn ech dëst Joer nach näischt Exzeptionelles gemierkt gi mat de Paimenter, mee déi Analys muss ech eréischt maachen, well déi erweist sech elo réischt vu dass mer d'Fakturiatioun e bësse méi spéit gemaach a verdeelt hu fir de Leit méi Chancë gi fir se ze bezuelen.

Rappeller hu mir dëst Joer ganz spéit erausgeschéckt well mir vu März bis Juli kee Rappel erausginn hunn, well mir och poursuitesméisseg um Geriicht keng Dossieren era konnte ginn an esou, mir hunn och de Leit während dem Confinement keng Rappeller geschéckt. Dat hate mer esou ofgemaach, dat leeft awer elo erëm un.

D'Residenzen, do ass de Problem esou wéi den Här Martini seet, do ass e Syndik an dee Syndik kann nëmmen dat bezuele wat en huet. E Syndik kann een usichen, mee deen huet näischt. Dat ass de Problem. Mir sinn amgaangen, besonnesch wann ech elo déi nei Persoun hunn, mir ginn eis aner Kritäre well mir och elo zu zwee



net onbedéngt Zäit hate fir eis an all klengen Detail anzeschaffen, elo wa mir eng drétt Persoun dobäi hunn, da gi mir och aner Gewiichtspunkten un, zum Beispill eben d' Residencen, ech ginn awer dann nach méi Successiounen un an déi auslännesch Creancen, wat och e Problem ass fir déi anzedreiwten. Dëst Joer, dee grouss Montant ass vun den Dechargen an dee kënnt haaptsächlech vum Objectif Plein Emploi hir, deen ass 2018 clôturéiert ginn an ech hunn en 2019 mat 90 000 Euro an d'Decharge gehäit, dofir ass deen esou explodéiert. Privatleit hu mir, do ass et ganz schwéier fir Verschiddener, mir hunn och do Debiteuren, déi scho säit Joerzéngten net nokommen, effektiv.

Den Här Thill hat vun engem mat 43 000 Euro geschwat, dat seet mir dëst Joer näischt, dat war d'lescht Joer do hat ech sou een an d'Decharge gehäit, mä Virgänger hat do scho Problemer mat deem an dunn, wéi en erausgehäit ginn ass aus dem Haus eraus, hunn ech en dunn an d'Decharge gehäit, mee Dir kënnt mir villäicht duerno eemol soen, wien Dir mengt, ech hu keen am Kapp elo a wëll och net ëffentlech en Numm soen. Souwäit, denken ech, hunn ech op alles geäntwert, dat ass dat wat ech mir opgeschriwwen hat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Gilbert Loos, hien ass domat op alleguerten déi Punkten agaangen. Wat ech nach wollt soe par rapport zu der Privatsolvenz, et gëtt eng Prozedur, déi dozou féiere kann, et ass net wéi wa mir hei zu Lëtzebuerg näischt hätten, dat bréngt natierlech mat sech, dass och eng aktiv Demarche vun där concernéierter Persoun ausgeet, dat ass eng Demarche, a mir haten als Stad Diddeleng eng Rei Initiative geholl, iwwer d'Permanence vum de Service Endettement, wou ee ka gehollef kréien, och aner Servicer gëtt et wéi zum Beispill och d'Ligue, déi mécht dat och, wou een e bëssen d'Interface ka spille par rapport zu der Privatpersoun, par rapport zu där Institutioun, wou déi Sue schélt, dat kann eng Gemeng sinn, mir wëssen awer och, dass et verschidde Kreditinstituter ginn, déi méi schnell Sue verléinen a wou Leit dann an d'Ausland ginn.

Déi Méiglechkeet gëtt et also mee et heescht, dass eng aktiv Demarche gemaach gëtt vun der Persoun an et kann een natierlech iwwer de Familljeministère eng Rei Demarché maachen, wou een am Wunnuert bei de Friddensrichter geet, hei wier dat fir Diddeleng zu Esch, wou ee kann eng ganz Prozedur maachen a wou dat ka gereegelt ginn iwwer eng geriichtlech Prozedur, wou alleguerten d'Donnéeë geholl gi fir dat ze consideréieren. Et ass eng ganz juristesche Demarche an d'Persoun muss geleet ginn an och wëllen deen dote Wee goen. Et gi sécherlech Leit hei, déi am Restante sinn, déi sécherlech an der Situatioun wiere fir deen dote Wee ze goen an et sinn och Leit, déi dee Wee net wëlle goen. O alle Fall de Kader gëtt et fir an déi dote Richtung ze goen, wann een an enger Situatioun ass wou een net méi eraus weess. Jo, Madamm Kayser?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Pardon, ech hat nach eppes vergiess, et war mir opgefall, ech hat vergiess bei de Charges locatives - Locaux de commerce, dat si Geschäftsraum, déi eis gehéieren, do ass awer och eng grouss Zomm, déi net bezuelt gouf, iwwert d'Halschent vun deem wat eis geschélt ass. Huet dat Konsequenzen, well dat si jo eis, déi mir zur Verfügung gestallt hunn, wéi een Impakt huet dat op d'Kontinuitéit vun de Bailen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also, déi wou een hei erëmfënnt, dat ass déi eng oder aner Firma, déi awer och elo fortgaangen ass am Innovation Hub well dat Startupe sinn, déi scho Schwierigkeiten haten, iergendwéi awer et sen ze faassen. Och do war déi eng oder aner, déi zum Beispill och komplett opgehale huet well dee Creneau, deen se erausgesicht hunn, keng Friichte gedroen huet. Dat sinn awer net déi Restaurantsbetreiber, déi Commercen, wou mir de Bail hunn. De Gilbert Loos freet d'Wuert.

GILBERT LOOS (RECEVEUR): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt och do soen, bei de Loyerer, dass et do haaptsächlech eng Societéit ass, där hire Contrat de bail d'nächst Joer ab Mäerz ewechfällt an dat ass u sech e Loyer, deen dräi Joer al ass, dee mir awer d'lescht Joer ëmgeschriwwen hunn op hir nei Societéit. Si hunn awer eis versprach, bis Mäerz 21, bis de Bail ofgelaf ass, deen dote Loyer bezuelt ze hunn, do geet et ëm 72 000 Euro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Prezisioun nach, dëst gesot gëtt de Gemengerot hei dem Schäfferot an dem Receveur gréng Luucht fir dass mir déi Montanten, déi 1 024 859,20 Euro kënne weider poursuivéieren? **Dat ass unanime.**

Da soen ech och do Merci villmools an och Merci dem Gilbert Loos fir seng Prezenz haut de Moien am Gemengerot a fir seng Erklärungen an da gi mir weider op d'Subside-extraordinären.

4.11. VERDEELE VUN AUSSERUERDENTLECHE SUBSIDEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ënner dem Punkt vun den ausseruerdentleche Subside sinn et zwee Stéck. déi mir virleien hunn, eemol e Subsid vu 750 Euro fir d'Sécurité Routière an dann 150 Euro fir d'Association nationale des victimes de la route. Dat sinn déi Montanten, déi mir all Joer ginn. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.



5. REGIONAL MUSEKSSCHOUL - APPROBATION VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATION VUN DER MUSEKSSCHOUL 2020/2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op den nächste Punkt, déi regional Museksschoul, d'Approbation définitive fir d'Joer 20/21 an do ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN) : Merci. D'Diddelenger Museksschoul setzt och dëst Joer weiderhin op konstant Qualitéit a Vernetzung an natierlech och Innovatioun, well mir wëlle jo net stoe bleiwen. Trotz de Corona-bedéngte Restriktiounen, Dir wësst et, mir konnte keng normal Journée Porte Ouverte ofhalen, mee „nëmmen“ eng virtuell, mir haten dëst Joer awer eng ganz gutt Rentrée, well mir si vun 1246 Schüler d'lescht Joer op 1360 Schüler geklommen, also e Plus vun 114 Schüler, wat ënner anerem duerch dee groussen Succès och vun der Offer fir kleng Kanner ze erklären ass, awer och duerch dee weideren Ausbau vun eisem Danzdepartement mat der Aféierung vun der Danse contemporaine an der Danse Jazz an domadder si mir weiderhin déi gréisste Museksschoul hei am Land.

Mir hunn awer ëmmer nach méi weiblech wéi männlech Schüler, 228 méi Frae wéi Männer, ech muss dat leider all Kéier hei bei der Organisatioun soen. Dass eis Schülerzuel esou an d'Luucht gaangen ass, dat ass engersäits op déi gutt qualitativ an och héichwäerteg Aarbecht an der Schoul selwer zeréckzeféieren, mee awer och iwwer eng staark Publicitéit, déi mir maachen, eng verbessert Presenz och op de sozialen Netzwierker, wat hautdesdaags och ëmmer méi wichteg gëtt an dëst Joer speziell och duerch dee groussen Succès vun eiser virtueller Journée Porte ouverte.

Dann zum Corps enseignant, do hate mir och e puer Changementer an Departen. Fortgaangen ass de Pierre Christen, Piano, deen ass an d'Pensioun gaangen an do profitéiere mir och fir deem eng ganz flott Pensioun ze wënschen. Congé parental a Congé sans solde: Annalena Castagna, dat huet Piano a Formation musicale ginn an d'Laura Clement, Violon. Zeréck koum awer d'Madamm Carole Mallinger-Leyers, och Violon. Dann hu mir och puer nei Kolleegen: de Stefan Dorneanu um Piano, d'Jasmine Jardon fir d'Formation musicale an den Eveil musical, d'Luise Kopp um Violon, d'Donatienne Moulard fir d'Formation musicale an den Eveil musical, d'Anne-Sophie Pressavin um Violon an d'Susanne Wessel am Danz.

Mir probéieren och all Joer nach eis Qualitéit ze steigere, och dat soen ech lech all Kéier wa mir hei déi definitiv Organisatioun stëmmen, mir maachen dat duerch eng verstärkten Ensemble-Aarbecht zum Beispill permanent Ensembelen an de Sträicher, eise Schülersymphonieorchester an de Gittare, wou et keng vergläichbar Strukturen am Veräinswiese gëtt, an am Beräich vun der Blosmusek well mir hei net wëllen a Konkurrenz trieden zu eise Museksveräiner. Aktuell kënnen déi Ensembles coronabedéngt net stattfannen, mee mir hoffen, dass dat am Laf vum Schouljoer erëm wäert méiglech sinn. Duerch d'Harmonisatioun vun de Programmer am ganze Land, wou een deen neie Cours an der Formation musicale kann eraushiewen, dee vill méi kandgerecht opgebaut ass an och duerch eng Reduktioun vun den Horairen an den theoreteschen Inhalter, parallel heizou d'Aféierung vun der Ensembelsaarbecht vu Klengem un a Form vu Chorallen an Instrumentenensembelen. Mir sinn och weiderhin natierlech déi eenzeg Museksschoul am Land, déi am Beräich Formation musicale Schüler an der Division moyenne spécialisée enseignéiert an dorobber si mir wéi all Joer och ganz houfreg.

D'Vernetzung, wéi ech virdrun sot, déi erreche mir do duerch dass mir bei Projete matmaachen, zum Beispill mat der EMU, dat ass European Music School Union, Aktivitéiten och am Kader vun der AEM, d'Association des Ecoles de Musique hei am Land a mam VDM Saar a Rheinland-Pfalz, Verband Deutscher Musikschulen, zum Beispill duerch e Concours de piano. Dëst Joer wäert deen erëm hei zu Diddeleng stattfannen, wa Corona eis och do kee Strich duerch d'Rechnung wäert maachen.

Dann hunn ech virdru gesot, Innovatioun, well mir net wëlle stoe bleiwen, do hu mir de Projet "Musek fir all Kand", deen engersäits eng Animatioun an de Structure-d'accueillir an anersäits eng Navette, dëschdes an donneschdes mëttes zur Vernetzung mat der Museksschoul virgesäit, des Navette ass am Schouljoer 2016/2017 mat 7 Schüler gestart a gëtt aktuell vun 52 Schüler genotzt an erméiglecht och Kanner, wou déi zwee Eltere schaffen, an d'Museksschoul ze kommen, dat ass e groussen Succès wat mir domadder erreicht hunn.

Vläicht e puer Remarquen zu der Presentatioun, sou wéi se dëst Joer am Dossier läit a villäicht och de Verglach mat der provisoirescher Schoulorganisatioun, déi mir jo am virleschte Gemengerot hei um Ordre du jour haten. D'Form vun der Schoulorganisatioun ass eng ganz aner wéi déi vun de leschte Joeren, dat ass doduerch bedéngt dass mir zanter dem 1. Abrëll en neie Commissaire à l'enseignement musical hei am Land hunn, de Gilles Lacour, soss war allgemeng fräi fir hir Schoulorganisatioun esou opzesetze wéi si dat wollte maachen. Elo hu



mir awer vum Ministère déi aktuell Form virgi kritt an et ass déi wéi Dir se am Dossier leien hutt, mir hunn awer och e Résumé derbäigeluecht fir e gewëssen Iwwerbléck kënnen ze behale well mir awer hei am Gemengerot un déi aner Form gewinnt waren zanter all deene Joeren. D'Schülerzuel sou wéi d'Coursenunzuel si méi héich vun 1201 op 1360, respektiv vun 2422 op 2517 Schüler wéi op der provisoirescher Schoulorganisatioun, well eng Partie Schüler sech nom Datum ageschriwwen hunn, wou déi provisoiresch Schoulorganisatioun schonn arrétiert gouf. Ech soen all Kéier wa mir déi provisoiresch Organisatioun stëmmen, dat ass wéi wann een an eng Glaskugel kuckt, well déi Zuelen, déi änneren andauernd bis déi provisoiresch Schoulorganisatioun ugeholl gëtt, vu Stonn zu Stonn, mee mir mussen se awer hei stëmmen, dofir kënnt jo dann déi definitiv Schoulorganisatioun no.

Ech mengen, ech hunn alles gesot ouni elo an dee klengsten Detail ze falen, wat wichteg ass an Dir gesitt och, dass eis Museksschoul um richtege Wee ass, wann Dir d'Schülerzuel an d'Coursenzuel gesitt, eisen Direkter, de Bob Morhard, ass wéi ëmmer hei fir op Froen anzegoen, oder mech ze ergänzen wann dat néideg ass. Et ass just eppes wat ech nach wollt soen, mir hunn normalerweis jo ëmmer eng Kommissiounssëtzung vir-drin, déi war och geplangt fir de leschte Mëttwoch, déi hu mir awer ofgesot aus deene Grënn wou Dir kennt, de Bob Morhard huet awer all déi Dokumenter de Kommissiounsmitglieder zur Verfügung gestallt a war prett fir op all Froen ze äntweren a menges Wëssens ass och dovunner Gebrauch gemaach ginn, mee wéi gesot, ech mengen hien ass do fir ze äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol fir all déi Explikatiounen, si Froen oder Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, also wéi gesot, eis Museksschoul huet e gudden Ruff an dat ass och gutt esou, dofir och e groussen Merci un d'Direktioun an all d'Enseignanten, déi dozou bäidroen. Mir hunn effektiv ganz flott Projeten. Virun allem mir gefällt natierlech de Succès vum Eveil musical fir déi ganz kleng Butzen, déi méi kleng sinn ewéi ee Joer, déi mat hiren Elteren do scho kënnen an de Museksgaart goen, dat huet immense Succès an ech denken, do kéint mir nach dräi Enseignanten asetzen, déi Plagë wieren och gefällt Idem ass et beim Danzen, ech gesinn, dass dat en immense Succès ass, ech hunn do just eng praktesch Fro: do steet "Lieu" am Hartmann géifen déi danzen, meng Fro ass, wat heescht dat an a wéi engem Sall gëtt dës Cours ofgehalen, well ech denken, fir Danzen braucht de jo en extra Buedem, oder gëtt do extra eppes ugeduecht, wéi mir do kënne weiderfueren?

Wat mir och ganz explizit begrëissen, ass dass déi Zesummenaarbecht mat der Maison Relais ganz gutt klappt. Am Ufank waren et siwe Kanner, déi hin- an hir gefouert ginn elo si mir op 50, dofir gesäit een, dass ee fir esou e Projet och heiansdo muss méi laangen Otem hunn an net einfach soen, dat bréngt näischt, hale mir dat dach einfach erëm op. Dat ass immens flott an

"l'offre crée la demande" an dat huet sech bewahrheit an dat bréngt och Kanner mol méi no bei d'Musek, déi villäicht soss aner Aktivitéiten oder guer keng Aktivitéiten hätten, déi e bësse méi wäit ewech wiere vun der Musekseducatioun. Also, wéi gesot, am Numm vun der CSV Merci all den Intervenanten a bon courage fir déi nächst Joren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser. Jo, Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, och am Numm vun de Grénge Merci fir déi Erklärungen an och der Direktioun. Wéinst der Pandemie ass grad ewéi am Enseignement fondamental an och am Secondaire d'Organisatioun an enger Schoul, déi sech permanent nei muss upassen, net einfach. Weder fir Direktioun, nach fir dat administratiivt Personal an d'Enseignanten. Et bedeit och e Surplus un Aarbecht, et si Weeër fonnt ginn, digital och, fir d'Schüler bei der Staang ze halen an d'Covidzäit huet der Begeeschterung fir d'Museksschoul net geschuet, au contraire, d'Aschreiwunge sinn an d'Luucht gaangen an et besteet och eng Waardelëscht. D'Danzcoursen, déi jo nach net esou laang ugebuede ginn, déi sinn och beléift, 114 Kanner, Jonker, déi hu mir gezielt an 13 Coursen an do hunn ech mir och wéi d'Madamm Kayser e bësse Gedanke gemaach, wéi gesäit et aus mat de Raimlechkeeten? Ass do nach Loft no uewen? Well méi Coursë bedeite jo och eng gréisser Plage horaire. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen, da ginn ech d'Wuert weider un den Här Clement.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter ech wëll och vun der Säit vun der LSAP-Fraktioun e puer Mercie lass ginn an 2-3 Punkte wat eis Museksschoul ubelaangt, belichten. Ech selwer dierf säit 3 Joer Member si vun der Museksschoulkommissioun a wat ech do ëmmer erëm mat Begeeschterung feststellen, ass dass eis Museksschoul vun engem Direkter an engem Sous-Direkter gefouert ginn, déi en enormen Engagement un den Dag leeë. Si schaffe permanent un neien Iddie fir eis Museksschoul no virzebréngen. Wann ech d'Zuele kucke vun 2017-2018, wou d'Grenz vun 1000 Schüler iwwerschritt gouf an dann 3 Joer méi spët 20-21 gesinn, dass dann 1300 Schüler ageschriwwen sinn, dann ass dat zu engem well d'Diddelenger Gemeng d'Rahmebedingunge geschaf huet an zum aneren, well d'Resultat dat ass vun engem groussen Engagement vun den Direkteren an hiren Enseignanten. Och do mol en éischte Merci och säitens vun der LSAP un déi ganz Belegschaft. Zum anere goufen och d'Direktore mat hiren Enseignanten dës Joer an der Coronakris viru ganz nei Herausforderunge gestallt. Et huet een sech misse vun engem Moment op deen aneren aus engem ganz routinéierte System op e ganz neie System ëmstellen. Mir kënnen eis virstellen, dass dat e groussen Spagat war. Wou et méiglech war, si Coursen iwwer Internet gehale ginn, Zoom, Skype, Dropbox ass benotzt ginn an esou weider. Wéi et dunn erëm lassgaangen ass, huet viles missen op nei Bee gestallt ginn an d'Claudia



Dall'Agnol huet schonn doriwwer geschwat, déi virtuell Porte ouverte, déi Dir do an d'Weeër geleet hutt, déi mir och do presentéiert kruten an der Musekskommis-sioun, war einfach nëmme genial. Och dofir vun eiser Säit aus e grouse Merci.

Als drëtte Punkt wëll ech kuerz op d'Wichtigkeet vun eiser Museksschoul agoen. Wat faszinéierend ass, ass dass sech fir dëst Joer aleng 1113 Schüler ageschriwwen hunn ënner 17 Joer. Déi Zuel 1113 weist eis wat fir e Stellwäert eis Museksschoul niewent eise Veräiner fir d'Kanner an déi Jugendlech huet a wat fir en Angebot se fir dës Altersgrupp duerstellt. Et weess een aus der Hirnforschung, dass Musizéieren eng positiv Auswirkung huet op d'Entwécklung vum Gehier bei Kanner a Jugendlechen, well beim Musizéieren bal all Areal vum Gehier aktivéiert gëtt. De Gehéiersénn, d'Sehfäegkeet an och d'Feinmotorik ass bei Museker oft besser entwéckelt wéi bei Net-Museker, virausge-sat natierlech, dass se och üben. Zum anere wuessen duerch dat zesumme Musizéieren och déi sozial Kompe-tenze vun eise Jugendlechen a vun eise Kanner an och duerch d'Audition-d'élève gëtt hiert Selbstwäertgefill gestärkt. Ech mengen, dat ass enorm wichteg an en-ger Zäit wou den Handy an och d'Computerspillen d'Zäit vun de Kanner an de Jugendlech méi an Usproch hält a wou een sech d'Fro muss stellen ob do d'Entwécklung vum Gehier esou gefuerdert gëtt.

Dofir, mengen ech, an ech si mer däers sécher, wäerte mir och als LSAP Fraktioun weider en A hunn op eis Museksschoul a mir wäerte si weider fërderen an nach eemol vun eiser Säit e grouse Merci un dat ganzt Per-sonal an un den Direkter vun der Museksschoul. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci dem Alain Clement an den Här Thill kritt d'Wuert.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci, ganz kuerz, mir als Déi Lenk wollten eis uschléissen un d'Mercien un d'Direktioun an dat ganzt Personal. Dass et trotz Covid gelongen ass, d'Zuel vun de Schüler nach auszebauen, dat beweist, dass et do eng grouss a positiv Dynamik ass, fir déi mir och en décke Merci un Direktioun an d'Personal ausschwätzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Madamm Andrich, Dir hutt d'Wuert.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV) : Merci Här Bueger-meeschter, ech hätt just eng Detailfro, Merci fir déi Presentatioun an och Felicitatioun fir de Succès, deen eis Museksschoul huet, et ass scho gesot ginn. Mech iwwerrascht och positiv de Succès vun där Danzoffer an et fält mir just op, déi Titulären, déi fir den Danz zoustänneg sinn, déi deelen sech just tëschent zwee Leit op an déi maache jo dann déi verschidden Zorten Dänz, dofir meng Fro: Sinn déi Leit, déi de klasscheschen Danz an de modernen Danz ubidden, grad esou kompetent wann se Jazz-Danz maachen an do wollt ech froen, wéi dat zu deem Verdeelungsschlüssel do koum. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och, sinn nach weider Stellungnamen? Da ginn ech d'Wuert weider un de Bob Morhard.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER MUSEKS-SCHOUL): Merci fir déi positiv Réckmeldungen, direkt de Mëtteg wäert ech déi u meng Ekippe weiderginn. E grouse Merci un de Gemengerot dofir. Ech gesinn et kommen, vill Froen zum neie Spezialgebillt Danzen, ech maache mäi Bescht. Éischens ass d'Fro komm, wou fannen déi Coursen statt, dat ass effektiv am Centre Hartmann an der Salle polyvalente. Mir hunn do eng su-per Zesummenaarbecht mam Service des Sports déi eis do entgéint kommen, déi dat och hu misse kenneléieren, déi d'Säll ëmmer ëmbauen. Mir hunn och eng flott Kolla-boratioun mam Lycée, déi eis entgéintkomm si mat den Horairen, fir dass mir e puer Plagë konnte bäisetzen. Mir hunn dat och an Zesummenaarbecht mat de Veräi-ner gemaach, net dass elo iergendee Veräin, e Sports-veräin zum Beispill eng Plage verluer hätt, mir hunn dat just ugepasst un dat wat mir brauchen. Déi Säll si su-per ekipéiert, do si Spigelen, do ass e Buedem dee ganz OK ass fir déi Niveauen, déi mir aktuell enseignéieren. Ech hu mir awer soe gelooss, ab nächstem Joer, wann an deem Beräich och d'Pointen dobäikommen, dann ass dee Buedem net méi ganz konform. Am nächste Budget hu mir awer e Punkt bäigesat fir do eng punktuell Me-sure ze maache fir de Buedem an deem Sall unzepassen.

Lues a lues wiisst dat Departement, mir hunn elo nach Plagë fonnt an deem Sall, déi kee Problem sinn. Mir hunn awer och net méi spéit wéi virun 2-3 Woche mam zoustänneg Sportsschäfte gekuckt ob mir samschdes moies an der neier Sportshal a Lenkeschléi och kënne Coursen ubidden, wou mir kengem Veräin a kenger Mai-son Relais an d'Féiss kommen. Dat ass elo mol de Plang fir kuerzfristeg. Laangfristeg kéint ee kucken ob een net eng Pist fënnt mat eise Partnergemengen, fir ze kucken ob déi eis och kënne infrastrukturell entgéintkommen. Mir hunn och grouss Partnergemenge wéi Kayl, Réiser, mir hu Beetebuerg wou een och sécher ka kucke fir do Punkten ze fannen, wou een déi Course kann ubidden. Wann een elo ganz wäit kuckt, da wier eisen Dram na-tierlech, eng Infrastruktur fir d'Danzen op Neischmelz, mee do si mir nach net.

Ganz kuerz zu der Qualifikatioun vun den Enseignanten am Beräich Danzen. Et ass esou, dass do effektiv all Mënsch seng Spezialitéit huet et ass esou dass Danse Jazz an d'Danse contemporaine ganz no beienee leien an d'Danse classique ass éischer eng Spezifikatioun à part. Mir hunn als éischten Enseignant eng Enseignante agestallt, déi haaptsächlech an der Danse classique spezialiséiert ass, déi och exklusiv déi Coursen hält. Mir hunn dëst Joer d'Departement vergréissert, do hu mir eng zweet Persoun agestallt, do hate mer eng grouss Chance, déi huet zu Dresden an der Semperoper ge-danz an huet sech duerno an der Danse contemporaine an an der Danse Jazz spezialiséiert, sou dass mir do eng ganz polyvalent Persoun hunn. Ech hoffen, et kommen net zevill Froen zum Danzen, well elo hunn ech alles gesot wat ech dozou weess. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci dem Bob Morhard fir d'Erklärungen, ech ginn dann d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN) : Jo Merci Här Buegermeeschter, just kuerz, ech denken ech schlësse mech de Mercien un, ech soen och dem Gemengerot Merci fir d'Vertrauen dat dir alleguerten unisono an d'Museksschoul an och an d'Direktioun, d'Léierpersonal an och d'Administratioun, déi mir och duerch en hallwe Poste verstärkt hunn dëst Joer, setzt. De Bob Morhard wäert de Message weiderginn an déi wäerten sech och alleguerten doriwwer freeën. Hien huet gesot, et wier en neie Buedem, deen e géif proposéieren, fir an den nächste Budget ze maachen. Bon, de Bob Morhard ass net esou frech an esou direkt wéi ech, ech soen dann einfach, wann Dir all dee Budget stëmmt wann e kënnt am Dezember, da kënnt Dir sécher sinn, dass d'Danzschoul wäert en neie Buedem hunn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : An da kritt de ganze Gemengerot Danzcoursen. Merci Bob Morhard a Claudia Dall'Agnol, da komme mir zum Vote, wien ass mat der Organisatioun vun der Museksschoul averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

6. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL - APPROBATION VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATION 2020/2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Bei dësem Punkt vum Ordre du jour geet et ëm d'Approbation vun der definitiver Schoulorganisatioun vum Enseignement fondamental an do ech ginn dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP) : Merci, den Erni Ferrari ass ënnerwee, mir kéimen dann haut zu der definitiver Schoulorganisatioun, déi provisoersch hate mir am Mee dëst Joer duerch de Gemengerot geholl. Ech mengen et ass eng ganz schwierig Organisatioun gewiescht, vill Saache goufen ëmmer erëm geännert, trotzdem versichen ech hei elo emol déi verschidden Detailler ze ginn. Dir hutt d'Pabeiere virleien, déi verschidde Gebaier mat hiren Titularen an natierlech mat der neier Schoul Lenkeschléi dat ass nei dobäi, d'Déchargé vun Titularen, d'Ressort-scolairen, d'Plan de surveillancen, do wëll ech soen, do si gréisser Chan-

gementer vis-à-vis vun deem wat mir hei am Mai proposéiert hunn. D'Schoulschwammen nach an natierlech de PEP, wou mir lech elo nogereecht hunn, ech wäert elo op déi verschidden Dokumenter agoen. Wat net dobäi ass, ass de Rapport vun der Médecine scolaire, ech denken, Dir wësst selwer, duerch d'Kris konnten si net intervenéieren an eise Schoulen, sou dass mir do zu engem spéideren Zäitpunkt eréischt dat vun der Médecine scolaire hei presentéiere wäerten.

E bëssen zu den Zuelen, am Mee louch d'Schülerzuel bei 1875 Kanner, mir hunn eng licht Hausse, eng liicht Variatioun mir leien elo bei 1879 Schoulkanner, dovunner sinn am Precocé 112 Kanner an am C1 419 Kanner an am C2-C4 sinn et 1348 Kanner. Lëtzebuerger Kanner dat sinn 1067 Kanner, an dann aner Nationalitéiten, do sinn et der 812. Wat mir och hunn, si Kanner aus anere Gemengen, dat sinn der 40 a mir hunn 7 Kanner aus dem Ausland. D'Kanner iwwer 12 Joer, dat wësst Dir duerch d'Rallongement kënnt dat ëmmer erëm vir, dass se iwwer 12 Joer hunn, do leie mir bei 56, dat ass zeréckgaangen, well d'lescht Joer louche mir bei 69 Kanner. 115 Kanner ginn net hei zu Diddeleng an d'Schoul, déi sinn an anere Schoulen an, wéi gesot, do kéint ech lech och verschidden Detailler ginn, entweder sinn se am Ausland oder an enger anerer Gemeng. Wat interessant ass, mir hunn awer 5 Kanner am Homeschooling dat ass trotzdem ganz interessant fir dat hei eng Kéier ze soen.

Vu dass d'Schülerzuel jo da réckleefeg ass vis-à-vis vum leschte Joer mat 1912 Kanner bei eis am Enseignement, dat spigelt sech dann am Kontingent erëm. Do gi mir zeréck op 3746 Leçonnen, dat sinn der 94 männer wéi d'lescht Joer. Mir kruten och keng Adaptatioun am Juni, mir hoffen ëmmer op déi, mee dat war hei net de Fall. Wat mir awer kruten, dat ass de 4. Poste Cours d'accueil mat 23 Leçonnen, dee kënnt dem Strutzbiereg an dem Brill zegutt, deen intervenéiert do. Interessant ze wëssen ass och, dass mir 53 Kanner am Cours d'accueil hunn, de Moment ginn déi Posten schonn dréngend gebraucht. D'DPlen, dat sinn der de Moment 34, dovunner sinn der nach 10 an der Struktur op der Schmelz an de Rescht hunn hir Pabeieren an déi sinn natierlech dann an anere Wunnengen, déi bei eis an de Schoule sinn.

Dann zum Schoulschwammen, dat hu mir schonn an der Kommissioun diskutéiert, Dir wësst jo, dass mir eng Schwämm männer hunn, mir sinn doduerch dann och an den Hartmann gaangen, wou ech deenen e grouse Merci muss soen, de Leit vun do, déi déi ganz Organisatioun gemaach hu fir dass eis Kanner awer weider kënne schwamme goen. Den C2- C4, dat ass net ëmgeännert, déi kënne wéi normal viru schwamme goen. Dat Eenzezt, an dat kënnt duerch d'Kris, dat ass, dass déi



Kleng net méi sou vill kënne schwamme goen, déi Kleng aus dem C1, déi ginn net esou oft schwamme goe wéi mir virgesinn haten, do sinn duerch d'Oplage vill manner Vestiaires zur Verfügung an och duerch d'Distanzen an sou virun si gi weider schwammen awer net esou reegelméisseg, wéi mir eis dat wënschen. Mir sinn do an der Diskussioun mam Lycée, villäicht liberéieren si déi eng oder déi aner Plage fir dass mir awer den C1 schwamme kënne loosse goen.

Wat nach kënnt ass d'Sécurité à l'école, do ass eng Ännerung, déi waren all zu Butschebuerg, déi Decharge ware verdeelt op d'Schoulmeeschteren zu Butschebuerg, do ass et esou, dass mir fir dëst Joer an all Gebai en Délégué à la sécurité hunn, wat immens wichteg ass. Do hunn d'Schoulmeeschteren eng Decharge kritt, déi dat wëlle maachen an, de Patrick Schmit vu Butschebuerg, deen huet e puer Stonne méi Decharge, dee mécht déi ganz Koordinatioun, dofir ass et wichteg dass hie méi Stonnen huet. Plan de surveillance, ech wëll do einfach soen, mir kennen déi Plan-de-surveillancen, normalerweis ass et näischt anescht wéi 10 Minutte virun der Schoul an dann an de Pausen. Ech muss awer do soen, déi hu misste komplett ëmgeännert ginn an do e grouse Merci un d'Präsidenten an iwwerhaupt d'Comité-d'écolen, well duerch d'Kris ass et jo ganz kloer, dass mir net vill, oder sou mann ewéi méiglech Cyclé mëschen, dat ass immens wichteg, mir probéieren dat an de Schoulen esou gutt wéi an de Maison Relais an dofir ginn dann déi verschidde Klassen oder Cyclé versat an d'Paus, wat dann och bedeit, dass een all Kéier do muss en Enseignant hisetzen oder zwee souguer fir déi Surveillance an de Pausen ze maachen. Wann Dir lech déi duerchkuckt, do gesitt Dir, dass déi ëmgeännert hu vis-à-vis vum Juni.

Hausaufgabenhëllef, do war et virgesi war, an der November Vakanz Coursen ze maachen, Cours de rattrapage, virun allem fir de Cycle 4, déi hunn dann duerch d'Entwécklung vun den Zuele leider missten ofgesot ginn, mir sinn amgaangen déi ganz Organisatioun op d'Been ze stelle fir awer och Hausaufgabenhëllef ze maachen, do si mir amgaangen, déi ass net ofgeschlossen mee och dat wäert elo geschwënn ulafen. Nei ass och de Coding fir de Cycle 4, do ass et esou dass de Ministère lancéiert huet, dass déi Kanner am Cycle 4 solle léiere codéieren, dofir ass extra e Schoulmeeschter ausgebilt an dee wäert elo intervenéieren an de verschidden Schoulen an dann de Kanner bäibréngen, wéi ee ganz einfach ka codéieren.

Pedibus ech mengen ech wëll och dorobber agoen, mir hunn dat nach ëmmer net opginn a wäerten et och net opginn, mir waren do elo schonn e puer Mol zesumme mat dem Service de circulation, deem ech e grouse Merci soen an och der Maison Relais an dem President vun der Schoul am Brill, mir hunn do 12 Point-de-rencontré mol définéiert a wäerten dat Ganzt elo weider ausbauen. Wat och ganz flott a wichteg ass, wat d'Circulatioun och proposéiert huet, dat wier de Bewegungscarnet fir d'Kanner ze motivéieren, ze Fouss ze goen oder mam Vélo, do géife mir e Bewegungscarnet am Laf vum nächste Joer aféiere fir dass d'Kanner moti-

vériert gi fir sech ze Fouss oder mam Vélo ze beweegen.

Eltereschoul, dat ass e ganz wichtegt Thema, déi hunn net dierfen an eis Schoule kommen an de leschte Méint, well d'Situatioun et net hierginn huet a keng Friemer dierfe weider an d'Gebai eran, an de Maison Relais ass et dat selwecht. Do hate mir eng ganz interessant Reunioun mam Här Zuang an och mam Ana Luisa Carrilho, si wäerten ab Ufank Dezember eng Permanence am Bureau op der Gare maachen. Dat heescht, mir hunn als Gemeng decidéiert, hinnen e Bureau zur Verfügung ze stellen, dat heescht, d'Eltere kënnen e Rendez-vous ufroe bei hinnen an si wäerten all zweeten Donneschen am Mount eng Permanence do hunn, dat ass ganz flott, et ass och wichteg, dass mir si ënnerstëtzen an si weider d'Elteren ënnerstëtzen, déi e bëssen aleng de Moment sinn.

E Wuert nach zu der Schoul do hate mir, Dir wësst et zwar schonn all, trotz der Kris hu mir do eng Butschebuerger Klass gehat, déi huet an enger däitscher Sendung mat gemaach, 1,2 oder 3, déi hu gewonnen, ech wëll einfach vun dëser Plaz aus nach eemol e grouse Merci soe fir dat Engagement vun där Joffer, déi sech wierklech agesat huet fir dass déi Klass trotzdeem konnt dohinner goen, also vun hei aus nach e grouse Merci fir déi Klass do.

Dann e puer Wieder zum PEP, deen huet ganz vill gelidden, Dir wësst et alleguerten, mir hunn ëmmer grouss Projeten, an eiser Maison Relais, wou mir probéieren och ganz vill intensiv matzeschaffen.

Ech muss soen, wann ech de Bilan misst maachen, wat ass an de Maison Relais réaliséiert gi vun all de Projeten, déi mir eis virgeholl haten, dann hätt ech d'Tendenz ze soen, mir hunn net ganz vill réaliséiert kritt, net aus schlechtem Wëllen, mee ech muss awer soen, d'Situatioun ass esou dramatesch gewiescht an ass och elo nach zum Deel net einfach ze geréieren, duerch Personalmangel, duerch Oplagen, déi mir hu vum Ministère aus, wou mir nëmme méi dierfen zu véier um Dësch sëtzen a wou heiansdo eng Eent-zu-Eent-Betreiung muss gemaach ginn, well mir dierfen absolut keng Vermëschung vun de Cyclé maachen. Wichteg, d'Claudia Dall'Agnol hat et scho gesot, ass natierlech d'Zesummenaarbecht mat der Museksschoul. Esoubal mir konnten, huet d'Maison Relais dann och déi Zesummenaarbecht erëm opgeholl an e grouse Merci un d'Museksschoul. D'LASEP, dohu mir och erëm d'Kanner higefouert, esoubal mir dat maache konnten, fir de Rescht muss ech soen hu mir net ganz vill Projeten hikritt. Dat nächst Joer probéiere mir natierlech, all déi Projeten, déi mir elo haten, weiderzeféieren, do kommen och eng Rei nei Projeten dobäi mee et ass elo villäicht nach ze fréi fir doriwwer ze schwätzen.

Dir wësst, dass eis Maison Relais um 6.30 Auer opmaache bis owes 19.00 Auer, do kréien d'Kanner am Accueil och e Frühstück. Déi wéinegst profitéieren awer dovun, wëll ech soen, et ass net onbedéngt esou, dass se do um hallwer siwen ukommen an dann iessen. Et sinn der ganz wéineg, déi do iessen. Mir gi jo da bis



owes 19 Auer an do wëll ech lech och soen, déi wéinegst Kanner, also ganz ganz ganz wéineg Kanner si bis 19 Auer do. Dat heescht, mir hunn et ausgebaut, mee d'Eltere sinn de Moment esou, dass se hir Kanner léiwer doheem hunn ewéi se bis 19 Auer dozeloossen. Zesummenaarbecht mat der Schoul ass natierlech méi intensiv ginn doduerch, dass déi zwee elo ganz vill zesumme geschafft hunn, dat ass relativ gutt gaangen.

E grouse Merci nach un de Service des Sports, si schaffen iwwerall mat, si probéieren iwwerall ze hëllefen an haten en immens flotte Plan Relance Sport op d'Bee gesat, deen awer och duerch déi aktuell Situatioun net ka gemaach ginn, ech mengen awer, dass dee Plang bestoe bleift an esoubal mir kënne wäert dat och esou duerchgesat ginn.

Dann e lescht Wuert an dat ass ganz wichteg, ech soen all Eenzele Merci, ech muss soen, mir si säit Mäerz oder Mee, säit et erëm ugaangen ass, an enger ganz schwie-reger Organisatioun, sief et de Service Enseignement oder Accueil oder Direktioun, also fir Schoulmeeschtere wéi och eist Personal, ech muss einfach soen dass et e schlëmmt Joer war an ech menge mir hu vill Leit an eise Strukturen, déi ganz vill midd sinn, well et ganz intensiv war, ech wëll alleguerten, sief et vum Portier bis zum Allerleschten e grouse Merci soe fir déi ganz gutt Zesummenaarbecht, déi mir iwwer déi lescht Méint haten, soss wiere mir do net doduerch komm. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir nach eemol op déi verschidde wichteg Punkten agaangen ze sinn, déi d'Schouljoer 20/21 betreffen, an d'Rentrée trotz schwierere Bedingungen duerchgefouert gouf an och weider unhält an och déi ganz Schoulcommunautéit am Otem hält wat déi néideg Adaptatiounen ugeet. Dëst gesot ass dann Diskussioun op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Jo Merci Här Buergermeeschter, Merci Josiane fir deng Explikatiounen, ech schlësse mech dengem Schlussmerci och un, am Numm och vun der CSV, villmools Merci och dem Erni Ferrari, senger Ekipp, dem Joël Michaux, der Direktioun, de President-de-Comitéen, de Schoulmeeschteren, den Educateurs, de Responsabelen an de Maison Relais a wéi s de et och sees, och de Portieren an de Service-technique vun der Gemeng, déi och eng Hand mat ugepak hu fir duerch déi Zäit ze kommen, deene gebührt och eise Merci. Du has als éischt och d'Hausaufgabenhëllef ugeschwat, déi sollt organiséiert ginn, de Ministère hat dat proposéiert an en huet sech beruff op deen enormen Succès, deen en hat an déi Cours-de-rattrapagen am September. Ech hat an der Schoulkommissioun scho gefrot - du wousst dass déi Fro elo kéim - mir haten zu Diddeleng 220 Kanner ugemellt fir an de Cours de rattrapage ze goen, déi Kanner konnten deelweis vum Enseignant ugemellt ginn, respektiv vun den Elteren a meng Fro ass: Wéi vill sinn der do schlussendlech ugetrueden, well aus anere Gemenge krut ee schlussendlech de Message, dass de Succès awer minim war.

Wat ech schued fannen, ass dass mir elo op de Wee "musse" goe fir eng Hausaufgabenhëllef op d'Been ze setzen, éischters emol ënnert dëse Covidkonditiounen ass dat souwisou relativ schwierig well mir d'Ekippen net wëlle mëschen, mee wat einfach schued ass, ass dass de Ministère net agesäit, dass et vill méi sënnavoll wier, an do géife mir och der Demande vum Léierpersonal Rechnung droen, dass mir méi Appuisstonne kréie fir eng renforcéiert Hëllef an de Schoulen ze kréien, an der Klass ze kréien, an dofir fannen ech et dramatesch, dass mir awer trotz eisen extrem gutt ficeléierten Demandé vum Ministère awer am Kontingent näischt bäikréien an dat fannen ech schued well et ass net fir näischt, dass d'Léierpersonal sech geweigert hat, déi Cours-de-rattrapagen am September ze halen. Déi hu mir mat Aiden, deelweis mat onqualifiziertem Personal – dat muss ee jo och soen, well et ass esou – gehalen, woubäi dann d'Qualitéit och net immens war.

Mir haten an der Schoulkommissioun och doriwwer geschwat, dass dat net glécklech ass. Firwat geet de Ministère net op de Wee fir effektiv an de Schoulen, de Kanner déi Schwieregkeeten hunn, an der Schoulzäit ze hëllefen, well déi Cours-de-rattrapagen, déi Hëllefen, déi sollten dann ausserhalb vun der Schoul stattfannen, zum Beispill samschdes moies an do kënnt just de Public averti an net déi Kanner, déi et néideg hunn. Just dat als kleng Remarque, well ech denken, dass mir alleguerte bedauern, dass mir do am Kontingent net méi bäikritt hunn, dann hätte mir och méi Appui kënne maachen, dat ass ganz schued.

Dann, ganz frou si mir och ze héieren, ech hat dat och gefrot, mam Coding dat ass eng nei Pist, déi och vum Ministère ugereegt ginn ass, dass mir do e ganz motivéierten Enseignant fonnt hunn, deen dat och studéiert an déi Formatioun mécht, net nëmmen a sengem Gebai, mee och iwwer déi aner Gebaier eraus an dat fannen ech ganz flott. Do ass just meng Fro: Wéi gesäit et do mam Material aus? Ech mengen, dat ass jo net esou, dass de do einfach en iPad hues an dat mëss, et wier villäicht interessant ze wëssen, wéi eng zousätzlech Fraisen do op eis duerkommen. Huet hien esou ee Coding-Koffer, deen hie mathëlt oder gëtt do an all Gebai eppes zur Verfügung gestallt, dat ass just eng Fro.

Dann zu de Ressorten, beim Bildungshaus Lenkeschléi war et e bëssen e Gepiddels fir d'Anzugsgebitt ze bestëmmen, den Erni Ferrari huet do misse vill piddelen a maachen an doen an et muss ee soen, dee Quartier, dee wiisst permanent an do kommen ëmmer nach vill nei Kanner hin. Meng Fro ass just, ech krut dat eruge-droe vu verschiddenen Elteren: Wéi maache mir et mat de jonke Geschwëster vun de Kanner, déi elo schonn aus dem Gebitt sinn, déi elo eng Plaz kritt hunn am Bildungshaus Lenkeschléi, kënne mir deenen Elteren eng Garantie awer ginn, dass wann se nach e Kand hunn, dat elo nach net scolariséiert ass, dass dat och dierf mat op Lenkeschléi goen? Wéi verhole mir eis do well et ass och net flott wann se dat eent am zweete Schouljoer op Lenkeschléi hunn an dat Klengt an der Spillschoul muss awer an de Brill goen. Dat wier organisatoresch och schwierig, hu mir do eng Méiglechkeet, wat ass do



ugeduecht ginn? D'Fro ass och, leie mir am Timing? Dat kann een och nach eng Kéier erwänen. Gi mir fäerdeg fir eis Kanner no Chrëschttag kënnen do an d'Schoul ze schécken an da wollt ech profitéieren a froen, am Juli hate mir rieds an do hate mir och e Budget, dass do eng Oeuvre artistique soll opgeriicht ginn an do war gesot ginn, dass de Kulturministère eng Lëscht vun enger Rei Lëtzebuurger Künstler huet, déi ee ka kontaktéieren, do soll e pädagogeschen Aspekt an awer och en artisteschen Aspekt bei déi Oeuvre kommen, do ass meng Fro: Wie gouf do kontaktéiert, wéi eng Propose krute mir an dann, virun allem, wien decidéiert wat mir dohinner maachen? Ass dat de Gemengerot oder en Aarbechtsgrupp?

Zum Pedibus, do muss ech natierlech elo schmunzelen, dass de Pedibus wéi e sollt hei initiéiert ginn, déi Propos, déi mir virleien haten, dass dat e Flopp huet misse ginn, dat war am Fong an eisen Ae virauszegesinn a mir haten dat bei der Virstellung scho gesot well et war immens komplizéiert, d'Kanner hu missen ugemellt ginn an dat war einfach komplizéiert an ech si ganz frou, elo ze héieren, dass mir op de Wee ginn, a ganz am Ufank wéi mir hei schonn dat Wuert Pedibus héieren hunn, sot ech hei am Gemengerot scho viru Joren, da kommt mir weisen um Buedem e séchere Schoulwee aus, kommt mir maache Meeting points an ech si ganz frou, dass mir elo an déi Richtung ginn. Well et muss ee jo och soen, an der Gaffelt, wou mir de Pedibus gestart hu mat deene komplizéierte Premissen, dat huet eng Eegendynamik kritt an dat ass einfach flott. D'Kanner waarden net drop, dass een se bei der Hand hält fir an d'Schoul ze goen, mee wa mir hinnen de Wee virweisen a wa mir hinnen esou Meeting points mat flotte Panneauen dohinner stellen, ma dann treffen d'Kanner sech effektiv och do a ginn zesummen an d'Schoul an dat gesäit ee ganz gutt an der Gaffelt an ech hoffen, dass mir dee selwechte Succès och hunn am Brill.

An, wat ech ganz flott och fannen, ass, dat ass natierlech, dass mir elo dat Wuert Bewegungscarnet héieren hunn, well dat ass och eppes wat d'CSV proposéiert hat well et sinn aner Gemengen, déi dat schonn hunn, an ech sot ëmmer, fir dass mer d' d'Kanner zur Bewegung kréien, d'Kanner funktionéiere wéi den leselche mat der Muert, géff him eng Muert, da leeft en a géff dem Kand e Bewegungscarnet, wou et Stemplele kritt wann et ze Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul kënnt, da kritt et Punkten a wann et Punkte kritt, da kritt et eng Belounung an dat ass ëmmer eppes wat funktionéiert an ech si ganz frou, wann ech héieren, dass dat hei opgegraff gëtt. Wat awer och dozou muss gesot ginn, mir brauchen dann an de Schoulen uerdentlech Vëlosstänneren, Ënnerstänn fir Trottinetten a Skateboarden, well et geet net duer, dass mir dat initiéiere fir dat ze benotzen, mir müssen dann do awer och zesummen e richtigte Konzept maachen, vläicht duerch d'Opstelle vun enger M-Box, fir dass dat gefördert gëtt. Dann och eis Felicitatioune fir eis 1, 2 oder 3 Kandidaten, dat war lustig, ech hat dat gekuckt, si hunn sech ganz daper geschloen, bal hätten se richtigte aleng gewonnen, si hu jo nëmmen zu zwee gewonnen, also zwee Länner,

mee Lëtzebuerg war awer The Winner. An hiren Enseignant an och e grouse Merci, dass se sech festgebass haten un deem Projet well et war jo alles net evident, schonn aleng fir dohinner ze fueren, et war jo net esou wéi se sech et virgestallt hätten, well si hätte jo theoretesch solle mat der ganzer Klass dohinner fueren, et sollt e risegen Ausflug sinn, eng Visite vu München an dat wier cool gewiescht, mee och dat war immens, et ass flott wann ee Léierpersonal huet mat Eegeninitiativ an dat och duerchzitt a mir bretzen eis elo mat hinnen, an d'Aarbecht haten awer si a vill Widderegkeeten an dofir nach eemol e grouse Merci, dass se de Gewënn op Lëtzebuerg an op Diddeleng bruecht hunn.

An der Schoulkommissioun hate mir rieds iwwer d'Frühstück wat ugebuede gëtt ab hallwer 7, et hat nach wéineg Succès, ech soen, et ass e bësse wéi mat de Kanner, déi an d'Museksschoul gefouert ginn am Ufank hate mir der 7 an elo hu mer der immens vill. Villäicht ass et hei och esou. Dofir hei eng Propos vun eis: Mir hunn eis schoulmedezinesch Ekipp, déi jo elo net aktiv ka Kanner ënnersiche well dat Covid-bedéngt net erlaabt ass, mee déi bidden e coole Frühstücksbuffet un, wou se iwwer gesond Ernährung schwätzen an dee Buffet huet ëmmer immens vill Succès a villäicht kann een si mat abannen an och dee Frühstücksbuffet an eise Maison Relais attraktiv gestalten. Ech denken, och bei kleng Kanner, déi nach e bësse midd sinn, wann d'Uebst geschickt ass, wann d'Schmiere gemaach sinn, da geet dat alles méi fix an dann hu mir do eng Ausbaufäegkeet an ech denken, dass dat e Succès gëtt well dat ass eppes wat mir als CSV scho laang gefuerdert hunn an ech soe just als kleng Parenthèse, bei mengem Mann an der Schoul, déi haten dat och gemaach, Frühstück gratis, an am Ufank do war och keen do an elo ass de Refectoire moies ze kleng well all Mënsch dovunner profitéiert. Do brauch een e laangen Otem fir dee Projet op jiddwer Fall weider ze ënnerstëtzen.

Ech wollt nach just eng Fro stellen, mir haten iwwer d'Organisatioun vun der Maison Relais an der Schoulvakanz geschwat, also vum Accueil, do sote mir jo mir reduzéieren eis op dräi Sitten, och wéinst den hygieenesche Moosnamen, an déi ganz Organisatioun war jo mega komplizéiert, an der Gaffelt kommen dann déi Kanner vu Butschebuerg a Ribeschpont, um Strutzbiere kommen déi vum Däich dobäi an an der Schmelz déi vum Brill a vu Baltzing, do huet et geheescht, an all Schoul kritt hir eege Säll fir dass se sech net durchmëschen, meng Fro ass ob dat geklappt huet a wéi vill Kanner mir insgesamt haten? Dann hat ech nach d'Fro: Wéi ass et mam Projet "Bewegte Schule"? Ech hoffen, dass eis Sportsekkipp do awer aktiv war well ech denken, fir elo ze soen, si kënnen näischt maachen, ass net wouer well grad elo, wou mir müssen dobanne bleiwen an do kann ee Bewegung an der Klass ganz nei opbauen. Mir müssen d'Säll souwisou léften, da kann een do och e puer Turnübungen maachen. Ech denken, grad do ass de Moment fir Bewegte Schule ze maachen ouni e risege Projet ze maachen, wéi elo e grouse Fussballstournoi, mee och am Kleng kann ee vill dozou bäidroen, dass d'Kanner sech beweegen, wat absolut néideg ass well am Confinement hunn sech vill Kanner net beweegt sinn nach méi



Couch potatoe ginn an ech mierken dat och dramatesch bei menge Patienten, dass vill Kanner och vill u Gewicht zougehooll hunn, dat ass net gënschteg.

Da kommen ech zum Thema Covid, ech hat elo grad d'Lëften ugeschwat, wéi sinn elo eis Consigner an de Schoulen? Gi mir einfach eraus well ee muss all Stonn lëften oder - ech maachen do eng konstruktiv Propos - et ginn esou CO₂-Miesser fir an all Sall opzeriichten, wou een da gesäit, wann den CO₂-Gehalt ze héich ass, da kriss de suggeréiert, dass de kanns lëften, bei verschidde Säll kann dat no 1 oder 2 Stonne sinn, mee et ginn och kleng Säll mat ville Kanner, wou ee muss no 15 oder 20 Minutte lëfte fir den Turnover vun der Loft ze garantéieren an dass och d'Ustiechungsgefor mam Covid-19 minim ass. Déi CO₂-Miesser kaschten 160 Euro, déi kann een iwwer eng Firma zu Waasserbëlleg bestellen, just à titre d'information, dat ass näischt mega deieres, par contre de Luftfilter ass méi eng schwiereg Geschicht well do ass d'Wartung extrem komplizéiert, do muss een e Wartungskontrakt maachen, well déi Luftfiltere mussen jo och ausgetosch ginn. Dat ass net sou sënnavoll mee ech denken, den CO₂-Miesser, 160 Euro pro Sall, wa mir de Budgetsposte géifen dropsetzen, dat wier eppes wat d'Oppositioun sécher géif matdroen.

Dann nach d'Fro, mir hate Léierpersonal, déi d'Kanner ugestach haten, dat ass e Fakt och wann den Här Meisch seet, an der Schoul stécht een sech net un, mir hu verschidde Klasse missen isoléieren an och verschidde Klassen zoumaachen, villäicht ass et awer interessant ze wëssen, wéi vill waren dat der a wéi vill Personal hate mir a Quarantäne an Isolatioun, an ech hat elo héieren, dass mir 5 Kanner am Homeschooling hunn an d'Fro ass: Ass dat well dat vulnerabel Kanner sinn oder well déi vulnerabel Familljememberen doheem hunn? Dat wier eng interessant Info. Dann, wéi gesot, wéi vill Klasse waren an der Isolatioun? An dann ass och d'Fro: Hu mir an all Gebai en Isolatiounsraum virgesinn? Well dat ass net esou einfach fir eng Klass komplett an Isolatioun ze setzen.

Flott sinn och Initiativen, déi déi verschidde Schoule geholl hu fir isoléiert Klassen um Terrain vun der Schoul e kleng Schoulhaff auszeweise fir dass se sech awer kënnen beweegen anerausgoen an anscheinend ass déi Initiativ awer net belount ginn an déi Clôturen, déi d'Schoul an Eegeninitiativ fir d'Kanner awer e bëssen ze isoléieren an awer hinnen eng Paus ze ginn, déi goufen awer nees ewechgeholl, sou dass déi isoléiert Klassen net méi konnten an d'frësch Loft goen. Dofir froen ech mech do, hu mir do eng Guideline ausgeschafft iwwert d'Vakanz wéi mir dat maachen, dass awer och déi Klassen an Isolatioun kënnenerausgoen oder kënn dat dann ënnert déi decaléiert Pausen? Ass dat do virgesinn? Well mir sinn net um Enn vun der Pandemie an d'Zuel vun de Leit, déi de Virus an sech droen, steigt an och d'Zuel vun de Schüler an Encadranten, déi en an sech droen, déi steigt an dofir denken ech, ass et sënnavoll wa mir eng Kohärenz an de Mesuren hunn an eis eng kleng Guideline ginn.

Voilà, wou ech e bëssen traureg war, ass dass mir net weider konnten iwwert de PEP, de Plan d'encadre-

ment périscolaire, schwätzen, dee krute mir eréischt zougeschéckt mat der Invitatioun vum Gemengerot a mir erwaarden eis awer - an dat leeën ech wierklech och dem Schäfferot un d'Häerz - nach méi détailléiert Explikatiounen, wat gelaaf ass, wéi et gelaaf ass an eise Maison Relaisen, wéi eng Projete konkret geplangt sinn a mir müssen onbedéngt e pädagogesch Konzept ausschaffe fir eis Maison Relaisen, mee net nëmme fir déi mee och fir eis Crèchen. Ech erkläre mech: Mir hunn elo geschwënn dräi kommunal Crèchen hei zu Diddeleng, déi mir als Gemeng betreiien a bedreiien a mir sinn als Gemeng och de Bedreiwer vun der Maison Relais. Wat einfach wichteg wier, ass dass do eng Concordance an eng Continuitéit do ass an dass mir eise Clienten och kënnen soen, wéi eng Ausrichtung eis Crèchen hunn. Hunn se en naturpädagogesch Konzept oder hunn se e Montessori oder Reggio Emilia Konzept, do wollt ech nohaken, ech hat mam Här Ahnen nogefrot, deen den Artikel am Lëtzebuerger Wort geschriwwen huet.

An der leschter Gemengerotssitzung huet et e bësse geheescht wéi wann ni ee gesot hätt, mir géifen an déi Richtung goen, déi pädagogesch Approche vu Montessori oder Reggio Emilia ze promouvieren an eise Crèchen, mee den Här Ahnen an och déi aner Pressesprecher kruten eng Pressemapp vum Schäfferot de 16. Juli ausgedeelt an do steet dat och esou dran. Dofir muss een dat awer e bësse klären, do besteet Redebedarf a Klärungsbedarf dofir nach eemol meng Fro, mee wichteg ass et an et muss och kloer sinn, fir e pädagogesch Konzept auszuschaffen an den Elteren och ze soen, a wéi eng Richtung et geet, sief et an eise Crèchen, ob mir all Crèche eng eegen Nues ginn oder ob mir e globaalt Konzept hunn an da baue mir och op deene Konzepter eis Maison Relais op, dat ass e Ganz, dat ass eng Continuitéit. Dat ass eng Fro, mir haten eis déi net gestallt, éier mir eng Crèche kritt hunn, mir hunn eis Maison Relais no de Kritäre vum Ministère lafe gelooss mee ech denken et ass wichteg dass mir eis do eng Richtlinn ginn, ech soe mir zum Beispill wéinst der Continuitéit zum Beispill wa mir elo op de Wee ginn, dass mir uewen am Quartier eng Bëschcrèchepädagogik opmaache mat Waldpädagogik an Naturpädagogik, da wier et och interessant, duerno eng Bëschschoul oder eng Naturschoul unzëbiden, zum Beispill an de Gebaileckeete bei der Waldschoul. Dofir nach eemol, hier herrscht Handlungsbedarf an ech denken och sou schnell wéi méiglech an eis Propos ass, kommt mir maachen e Groupe de travail mat alle Fraktiounen, mat den neie Responsabelen aus dem Service Crèche, mat de Schoulen an iwwerleeën eis wat mir wou fir eis Diddelenger Kanner ubidden. Wéi gesot, kritt all Schoul hir eegen Nues oder maache mir e Konzept fir all eis Maison Relaisen?

Voilà, dat wollt ech nach dozou soen an dann hänkt do mat drun, wéi eng Formatioun müssen eis Educateuren hu fir an de verschidde Maison Relaisen ze schaffen? Dat ass eng Ureegung vun eis. Mir droen selbstverständlech d'Schoulorganisatioun mat, nach eemol e grouesse Merci un all d'Intervenanten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen? Här Zuang.



ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, am Juni hat ech meng Interventioun zu der provisoirescher Schoulorganisatioun opgehele mat der Hoffnung, dass d'Rentrée géif eng normal ginn, fir all Acteure ronderëm d'Schoul, fir d'Elteren, d'Schoulpersonal an awer virun allem fir d'Kanner. Leider awer war dat just kuerz de Fall am September ginn, well säit Oktober gouf et déi zweet Well vun der Pandemie an dat huet Repercussiounen op dës Schoulorganisatioun kritt. Verschount ass Diddeleng net bliwwen, wat d'Infektiounen ugeet esouwuel beim Personal wéi och bei de Kanner - zum Gléck konnten d'Schoule bis elo opbleiwen - mee den Alldag ass net einfach. Nach ëmmer dierfen d'Kanner sech net am Gebai fräi beweegen, weder an de Pausen nach an der Maison Relais. D'Pause sinn deels zäitversat gi fir dass d'Schoulen sech net solle vermëschen oder dass ze vill Klassen am Schoulhaff konzentréiert sinn. D'Pausesurveillancen hu missen adaptéiert ginn. Ëmmer erëm ginn nei Mesuren octroyéiert, net méi spéit wéi gëschter huet de Minister de Port de masque obligatoire fir d'Kanner ab dem C2-4 ugekënnegt, all Kéier wann een net sëtzt oder a Beweegung ass. Och sollen ab elo d'4er-Reegel am Schoulsport wéi och an der Schoulkantin a bei aneren Aktivitéiten applizéiert ginn. D'Schoulpersonal muss all Versammlung iwwer véier Leit per Visiokonferenz ofhalen. All dat mécht d'Situatioun net méi einfach a virun allem net méi flott, besonnesch fir d'Kanner. Esou leiden natierlech och déi Aktivitéiten, déi mir am PEP erëmfannen, grad wéi déi vum Ministère ugekënnegt Cours-d'appuie fir den C4, déi den 9. November hätte sollen an de Schoule starten.

D'Fro ass elo ob eis Hausaufgabenhëllef organiséiert gëtt, déi mir ëmmer hei op der Gemeng organiséiert hunn? Fanne mir Leit, déi dës Aktivitéite géife gemeinsam mat dem Personal aus der Maison Relais maachen, wéi an der Vergaangenheet? En aneren negativen Impakt vum Covid: Duerch d'sanitär Mesuren Recommandatioune fir de Schwammunterrecht gouf et Problemer mat de Vestiären, vu dass de Lycée déi al besat hat, sou dass kuerzfristeg en neie Schwammpiang fir d'éischt Trimester huet misse gemaach ginn. De Lycée soll fir d'zweet Trimester en neie Planning eragi mat méi Plage fir eis Klassen. Och Corona-bedéngt kann de Service Médecine scolaire net normal schaffen, et gi weiderhi keng medezinesch Ënnersichunge vun de Kanner an de Schoule gemaach. Allerdéngs ass d'Sozialarbecht vum Service säit dem Confinement staark beansprucht.

Dat selwecht hu mir vun der Eltereschoul héieren. D'Iddi war fir nees unzefänken, mat den Elteren ze schaffe fir wéi virun. De Coin Parents an den MREen sollt elo déi nächst Woch op Rendez-vous eng Permanence an engem Bureau iwwert der Gare stattfannen. Leider, kann een nëmme soen, huet d'Direktioun vun der Eltereschoul hiert Personal erëm an den Teletravail gesat. Wat mir och am Juni gehofft haten an dat huet wuel näischt mat Covid ze dinn, war, dass eng positiv Adaptatioun vum Kontingent - mir hate 94 Stonne verluer - géing kommen. Dës Joer ass deem och net esou, ech weess esouguer net ob dat net déi éischt Kéier ass, wou dat net geschitt. Och déi järelech Adaptatioun vu 16 Stonne vum Ministère säit 2009 huet contrairement

zum leschte Joer dës Joer gespillt. Dat misst elo awer definitiv déi lescht Kéier gewiescht sinn. Deem géintwärt ass awer d'Affektatioun mat engem volle véierte Poste Cours d'accueil mat 23 Stonnen äusserst positiv.

Positiv ass och, dass d'Initiatioun vum Coding "Einfach codéieren" an de Klasse vum C4 progressiv agefouert gëtt an dass d'Léierpersonal vun engem jonken Institutteur spécialisé en compétences numériques begleet an ënnerstëtzt gëtt. Da begrësse mir och, dass e weidere Pedibus an Quartier Brill op d'Bee gestallt ginn ass a wéi och grad schonn ugeklungen ass, och hei ass Gedold verlaangt, fir där Saach eng Chance ze ginn, fir dass dann och deen heite Pedibus zu engem reelle Succès ka ginn.

Zu der Sécurité muss ech soen, dass ech vun 1982 un Délégué à la sécurité à l'Ecole war an dass mir deemools e Comité local de la sécurité à l'école hei zu Diddeleng gegrënnt haten. Mir waren zu 3 Delegéierter a mir hunn an där Zäit am Fong geholl alles gemaach wat mat Sécherheet an an och ronderëm Schoulen ze dinn hat. Mir hunn Aktiounen op d'Bee gesat wéi de séchere Schoulwee, dat waren am 1. Trimester Promenade ronderëm d'Schoule mat all de Klasse vum Prescolaire an 1. an 2. Klasse vum Primaire, mir hunn d'Initiatioun zum séchere Vëlofuere gemaach, mir hunn d'Coupe scolaire organiséiert, mir hunn awer och dat jonkt Léierpersonal an d'Chargéen all Joer gebrieft op wat se mussen onbedéngt oppassen, mir hu Feier- an Evakuatiounsübungen organiséiert iwwer ganz Diddeleng a mir hunn och eisen Avis ëmmer misse ginn zu den Infrastrukturprojeten, déi mat der Schoul ze dinn haten.

Mir hu gesot vun 1982 un, de Comité oprechtzeerhalen an all Kéier wann e Kolleeg ewechgefall ass, gouf en ersat duerch en aneren, deen de Certificat hat datt en als Sécherheitsdelegéierten de Cours besicht huet. An deem Sënn ass elo op eemol de Revirement komm, dass elo en Délégué à la sécurité an all Gebai soll sinn, wéi gesot dat ass eng gutt Iddi, nach ass et wichteg, dass do eng Koordinatioun besteet. De Patrick Schmit huet do elo e puer Stonne méi, dat heescht hie probéiert, déi Aktivitéiten, déi mir geschaf hunn nach esou wäit wéi méiglech an de Gebaier ze maachen a mat de Kolleegen ze organiséieren. Pour le reste ass dat un sech eng gutt Saach, dass an all Schoul elo en Usprechpartner do ass. dat ass méi einfach; mir si fréier vu Gebai zu Gebai gepilgert wann eppes war.

Zu der Maison Relais: d'Adaptatioune vun den Ënnungsa Schléisszäite si gutt. Et weist sech awer, dass wéi an der Vergaangenheet siwen Auer owes net néideg ass. Ab Véirel op sechs oder hallwer siwe war kee Kand méi do. D'Elteren, wann se vun der Aarbecht koumen, hunn direkt d'Kand oder d'Kanner an der Maison Relais ofgeholl. Also dofir, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries sot jo och, dass dat nach ëmmer den Trend ass, dass d'Elteren d'Kanner mat Zäite siche kommen. Moies hallwer siwen ass dur dur fir déi Kleng, mee d'Crèchen offréieren dat och. Mir wëllen de Crèchen elo net d'Leit ewechhuelen, mee mir mussen trotzdeem och mat der Zäit virugoen. Dofir déi Adaptatioun vu moies.



Ech wéilt just kuerz op dat agoen, wat d'Madamm Kayser sot par rapport zum Konzept wat Crèche a Maison Relais ugeet. Mir hu virun e puer Joer deen Agent régional kritt. Mir si gezwonge ginn, dass all Maison Relais en eegent pädagogesch Konzept huet misse schreiwen. Wéi Dir och gesot hutt, déi eng si méi naturopädagogesch ausgeriicht, déi aner hunn de Poids op en anere Schwéierpunkt geluecht. Den Agent régional huet dat kontrolléiert a validéiert. Mat de Crèchen ass et selwecht gaangen. Och déi nei Struktur wäert hiert pädagogesch Konzept opstellen. Et wäerte keng gréisser Aarbechtsgruppe geschafe ginn, fir dat doten ze determinéieren. Dat ass eng Saach vun der jeeweileger Crèche oder MRE. Et kann een sech virstellen, dass déi nei Equipe vun Italien, déi méi no bei der Haardt ass, villäicht méi den Akzent op Bëschcrèche wäert leeën, mee dat ass dann un där Ekip fir dat ze determinéieren.

Voilà, an där Hisiicht géif ech zum Schluss kommen, net ouni awer am Numm vun eiser Fraktioun de Kanner vu Butschebuerg nach eng Kéier ze gratuléieren, dass se um Quiz 1, 2 oder 3 Deel geholl hunn, awer och der Léierin Francoise Back en décke Merci ze soe fir hir Initiativ fir do matzemaachen. Och dem Personal wëlle mir net vergiesse Merci ze soen, well aleng ass et net méi méiglech hautzudaags an esou eng Grousstad wéi München dann emol ass, ze fueren. Ech wollt awer och nach eemol Merci soen an eise all Numm deenen, déi bei der Schoulorganisatioun gehollef hunn, fir hiren extremen Asaz an dëser schwieriger Period, déi elo scho vu Mäerz u geet a wou nach keen Enn a Siicht ass an och dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, dat bal op der Gemeng muss schlofen, dem Erni Ferrari, dem Joël Mischaux mat senger Ekip, de Presidente mat hire Comitéen an natierlech dem SEA an dem Personal vun de Mengeservicer, dat bei der materieller Ëmsetzung vun de Mesurë gehollef huet. Merci och dem gesamte Personal fir d'Ëmsetzung vun eiser Schoulorganisatioun, déi mir hei definitiv stëmmen a bonne Chance a vill Courage fir dës schwierig Zäit duerchzehalen, wou een nach net weess wou dat alles hiféiert. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi Zoustëmmung. Weider Stellungnamen? Den Här Friedrich an dann den Här Thill.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci, eng kuerz Remarque just zu den Délégué à la sécurité, vu dass ech aus dem Domaine kommen, et ass extrem wichtig fir an all Gebai sou en Délégué à la sécurité ze hunn, mir gesinn och an dës Covidzäiten et huet een en aneren Drot wann den Délégué à la sécurité an dem Gebai ass, dee kann direkt ugeschwat ginn op verschidde Saachen, déi de Leit, déi um Terrain sinn a kann dat vill méi séier un déi richteg Antenne bréngen, well mir gesinn an dësen Zäiten ass en Délégué à la sécurité direkt involvéiert an allen Diskussiounen mam Ofstandhaalen an esou weider an e ka seng eegle Propose mat erabréngen an dat gëtt och esou ëmgasat an hien huet och d'Recht, ëmmer kucken ze goen, ob dat agehale gëtt an dat ass extrem wichtig an dësen Zäiten an awer och an aneren Zäite wann déi Kris emol eriwwe ass, well dat ass eppes, well deen direkt um Terrain ass, wéi den Här Zuang virdru

gesot huet, hie war och do mat dran, mee hat ëmmer verschidde Gebaier.

Et ass ëmmer gutt, wann ee Gebai spezifesch vun engem beaarbecht gëtt, fir dass deen direkt ka reagéieren an dofir ass dat eng extrem gutt Saach, dass esou een dobäi ass well et weess een ni wat ka geschéien a wann en déi eng oder aner Stonn zur Verfügung huet, wou en sech voll där Saach ka ginn, a bei mengem Betrib zum Beispill ass dat och am Gesetz, dass en Délégué à la sécurité esou vill Stonnen zegutt huet fir sech deem Domaine ze widmen. Dat ass extrem wichtig an ech fannen dat eng ganzgutt Saach. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK) : Merci Här Buergermeeschter, déi wichtig Saachen si vill méi am Detail an och besser gesot ginn, wéi ech se kéint soen, dofir kann ech mech kuerz halen; ech wollt et awer net verpassen, all de Leit an de Betreffene Merci ze soen, dofir wëll ech se net opziele fir keen ze vergiessen. Merci fir dat wat se bis elo gelescht hunn a vill Courage fir dat wat nach kennt well mir si leider nach net aus der Zäit mam Covid eraus. Just nach zwou kleng Remarques, natierlech ënnerstëtze mir grad wéi meng Virriedner d'Fro oder d'Ufro fir méi Appui an de Klassen ze kréien, mir sinn absolut net averstanen, dass deen déi läscht 10 Joer reduzéiert ginn ass an eppes, wat eis och wichtig schéngt an dëser Zäit, wann et méiglech ass, fir wéi d'Madamm Kayser et virgeschloen huet, an de Kllassesäll déi liddi vun der Beweegte Schule an eng gewëss kierperlech Dynamik oprechtzuerhalen, schéngt eis ganz wichtig. Dat ware meng eenzeg kleng Remarques. Wéi gesot, villmools Merci fir dat wat bis elo gelescht ginn ass vun allen Acteuren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Merci Här Thill, Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG) : Merci fir d'Wuert, déi Gréng schléissen sech natierlech och mat engem waarme Merci un an nach vill Courage, déi Saach ass jo nach net iwwerstanen. Ech hu just puer kleng Saachen zum Schoulwee, déi éischt ass, wann ech mech richtig erënnere war och eemol rieds vun engem Vélo-Bus, deen an de Quartier Lenkeschléi an an de Quartier Brill soll kommen, wou ass dee Projet drun? Gëtt do nach eppes draus? Dann, de Beweegungscarnet ass eng ganz flott liddi, déi kënne mir nëmmen encouragéieren, do ass et och eemol e Projet "Gréng Meile" ginn, vum Klimabündnis. Am Virfeld vun enger Klimakonferenz hunn d'Kanner do och Stickere gesammelt wann se mat Vélo, Trottnette oder ze Fouss oder mam Bus an d'Schoul kommen. An dann, dat Thema Pedibus, dat beschäftegt eis schonn 20 Joer. Et ginn zwou Approchen, entweder et léisst een d'Elteren sech ënnert sech koordinéieren, dass déi selwer e Pedibus mat hire Kanner op d'Been stellen oder d'Gemeng organiséiert dat, wat natierlech eng Heedenaarbecht ass. Bon, wéi Dir wësst schaffen ech an der Gemeng Kayl, ech gesinn all Dag dass do de Pedibus gutt funktionéiert, dee gëtt et elo säit 2 Joer a



wat do och flott ass, en ass vun de Kanner gutt akzeptéiert an et mierkt een, dat huet en Dominoeffekt, wa bis een aus der Strooss mat geet, da wëllt de Kolleg och matgoen. D'Zuelen sinn do och an d'Luucht gaangen a mir kënnen lech do just encouragéieren an hoffen, dass dat mam Pedibus och iergendwann zu Diddeleng eppes gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider souwuel un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, wéi och un den Erni Ferrari.

ERNI FERRARI (CHEF DE SERVICE): Merci Här Buergermeeschter, Är Mercie ginn ech all Mënsch mat virun, dee matgeschafft huet, do wäert ech kee vergiessen. Och wa mir elo net wéi d'Museksschoul méi Schüler dëst Joer bäikritt hunn, ass dat villäicht grad esou gutt. Well d'Schoulen brauchen an alle Säll, déi mir hunn, Plaz fir d'Kanner sou wäit wéi méiglech op Distanz ze halen. Et ass elo – fir déi Fro, déi den Här Zuang gestallt hat – och déi éischt Kéier, dass mir effektiv kee Surplus am Juni kruten. Dëst funktionéiert awer och nach net esou laang, just säit 2-3 Joer, wou de Ministère déi Adaptatiounen ugebueden huet. Ech mengen, ech kann et dëst Joer dorop zeréckféieren, dass ab Mee verschidde Precoce-Kanner jo guer net méi an d'Schoul gaange sinn, déi hunn herno an den Zuele gefeelt an doropshi krute mir kee Surplus. Mir haten ee Moment e Surplus virausgesi mat all de Schüler, déi do waren, mee dat war dee Moment nach de Stand vum Mäerz, an dat huet dann herno net méi geklappt. Glécklecherweis krute mir déi véiert Persoun bäi am Accueil, a vun der Direktioun krute mer och nach eng weider Persoun als Ënnerstëtzung fir mat de Kanner um Deich Cours d'Accueil ze halen.

Déi Fro vum Cours de rattrapage am September, wéi vill Schüler hate mir oder ware reell do: Déi Zuelen hunn ech elo net, ech hu probéiert vun der Direktioun nach Zuelen ze kréien, awer wann ech elo d'Auerzäit kucken, dann ass dat e schlechten Zäitpunkt fir eng Äntwert ze kréien. Ech kann also elo net drop äntweren, wéi vill Kanner reell komm si vun deenen, déi geplangt an ugemellt waren. D'Schouldirektioun huet sech ëm déi ganz Organisatioun gekëmmert, dat nach bis an den August eran, well dat zimmlech spéit am Juli vum Ministère lancéiert ginn ass.

Material fir de Coding, jo mir krute schonn déi eng oder aner kleng Ufro. Sou wéi de Ministère et virgesinn huet, ass et ufanks geduecht fir mat ganz wéinege Mëttelen domadder ufänken. Dat muss mol keen informatesch Material sinn, et ass esou, dass mir fir dat nächst Joer e Budget virgesi fir esou Saachen ze kafen, fir de Fall wou Ufroen vun de Schoule kommen. D'Schouldirektioun huet jo den Här Hennico fir d'Direktioun affektéiert kritt, also net fir Diddeleng aleng mä och fir Kayl a Rëmeleng, fir mol dëst Joer am Cycle 4 mam Coding unzefänken. An da waarde mir of wat do fir Ufroen fir Material kommen, fir datt de Coding an de Schoulen natierlech esou gutt wéi méiglech ëmgesat ka ginn.

Déi aner Fro mat der Schoul Lenkeschléi a mam Ressort: Also, mir hate schonn, wéi mir virun engem gudde Joer ugefaangen hunn, gekuckt wéi eng Kanner mir kéinten an déi Schoul schécken. Do hu mir natierlech opgepasst, dass et och méiglech ass fir kleng Geschwëster kënnen nozeschécken. Dofir hu mir d'Opdeeling schonn esou gemaach, dass mir herno net a Schwiereregkeete komme wa mir en neit Schouljoer ufänken an dann ebe kleng Geschwëster nokommen. Mir hunn nach ëmmer probéiert d'Kanner aus enger Famill wa méiglech an ee Schoulgebai ze kréien. Brill a Baltzing, do ass dat net ëmmer gaangen, mee wann et den Eltere wierklech schwéiergefall ass fir dat hinzekréien, dann hu mir natierlech ëmmer e Wee fonnt fir ze erméiglechen, datt Kanner zesumme scolariséiert kënnen ginn. Hei fir Lenkeschléi hu mir et och am A behalen, mee et bleift natierlech och ëmmer d'Fro, wéi vill Kanner kommen dann elo nach reell no a wéi gesäit d'Situatioun d'nächst Joer aus. Bis elo ass et mat Neizougäng roueg bliwwen, mee et kann nach villes änneren an de Méint, déi elo kommen.

Beim Homeschooling, déi 5 Kanner, déi mir do dran hunn dat si keng vulnerabel Kanner, dat si Kanner, déi aus 2 Famillje kommen an do war et d'Demande vun den Eltere fir Homeschooling ze maachen, och well déi Elteren zimmlech oft am Ausland schaffen, dat heescht, den Homeschooling geschitt net aleng heiheem zu Diddeleng mee dann ebe grad op där Plaz wou se hir Aarbecht hunn. Et ass awer elo esou, dass d'Direktioun iwwerpréift ob déi Kanner de Programm geléiert kréien, deen se och missten duerchzéien. Et ass de Ministère, deen sech dorëms këmmert a suivéiert, dass do och wierklech eppes bei deene Kanner geschitt.

Isolatioun, mir hate bis elo 9 Klassen, déi an d'Isolatioun gesat gi sinn, dat heescht, dass déi Klasse kee Kontakt mat anere Schüler aus dem Gebai sollen hunn. Dat war praktesch och an all Gebai, wou mir déi eng oder aner Klass an Isolatioun haten, ech menge just Butschebuerg bis elo nach net. Déi Klasse sollen also kee Kontakt mat anere Klassen hunn, déi Kanner ginn zäitversat eraus, zäitversat eran an hir Paus sinn och zäitversat, dat heescht, hir Paus ass dee Moment wou keng aner Kanner an der Paus sinn. Mir hunn natierlech an eise Schoule bal néierens Säll, déi grouss genuch wiere fir déi Klassen nach extra isoléiert ënnerzebréngen. De Brill ass déi eenzeg Schoul, déi dat huet, si hunn am Sous-sol 3 Säll zur Verfügung. All déi aner Schoulen hunn déi Méiglechkeet net, also mussen si op de Wee goe fir d'Isolatioun zäitversat ze assuréieren. Mir haten och bis elo eng Klass, déi ass komplett a Quarantän gesat ginn, eng Spillschoulsklass aus dem Wolkeschdall. Déi hunn déi dräi lescht Deeg virun der Allerhellegevakanz missen doheem bleiwe well méi wéi ee Kand positiv getest gouf.

D'Hausaufgabenhëllef wäert sech och dëst Joer méi schwiereg gestalte fir déi organiséiert ze kréien. Soss hate mir d'Kanner vum Cycle 3 a vum Cycle 4 ëmmer gemëscht, do misste mir dëst Joer aner Weeër virgesi fir do d'Gruppen net ze mëschen. Dann ass och d'Fro wéi vill Leit kréie mir elo fir déi Coursen? Vun deenen 8-9 Chargéé waren och 3-4 Enseignanten dobäi, maachen



déi dëst Joer iwwerhaapt nach mat? Well da ginn se erëm nees mat engem anere Grupp schaffen wéi mat de Kanner aus hirer Klass. Ech gesinn de Problem mat de Leit, déi mir kréie kënne fir d'Hausaufgabenhëllef uerdentlech organiséiert ze kréien.

An da misste mir eis villäicht op de Cycle 4 konzentréieren, dat bleift also à voir. Soss hu mir et esou gemaach, dass mir d'Enseignantë gefrot hunn, wéi eng Kanner a Fro kommen, si hunn d'Elteren ugeschriwwen fir hinnen déi Propos ze ginn an dann hu mir vun de Schoule matgedeelt kritt wéi vill Kanner a Fro kommen. Op Grond vun de Persounen, déi mir zur Verfügung hate fir de Cours ze halen, hunn si dann och entspriechend vill Kanner dohinner geschéckt kritt. A wann da Kanner net komm sinn, da sinn déi ersat ginn. Déi ganz Prozedur leeft elo eréischt un, well mir ofgewart hunn, wat de Ministère op d'Bee bréngt. Do musse mer ofwaarde fir ze gesi wat mir dëst Joer kënne maachen. Et ass esou, dass de Patrick Schmit vu Butschebuerg déi Saach nach koordinéiert, hien huet 5 Stonnen Decharge an organiséiert de Feieralarm an aner Aktivitéiten an de Schoulen. Ob mir dann d'nächst Joer erëm eng Coupe scolaire organiséiere kënnen, dat gesi mir dann. Déi ass jo dëst Joer ausgefall.

Bewegte Schule, jo, mir hu jo eise Service des Sports, deen e Programm opgestallt huet, eis Schoule wëssen dat och a kënne dann och Kontakt mat eisem Service des Sports ophuelen, wann se Iddien a villäicht och Material brauche fir dat kënne ëmzesetzen. Ech denken, ech hätt alles beäntwert. Voilà, dat wier et fir de Moment vu mir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Erni Ferrari fir déi Erklärungen. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Merci, ech ginn dann op de Rescht an, deen den Erni Ferrari net scho gesot huet. Rattrapage, d'Zuele vum Rattrapage, d'Simone Gaffinet këmmert sech dorëms, hatt huet déi lescht a schéckt mir déi och zou, hatt huet awer net e genauen Detail gehat dovunner well si maachen am Moment den Tracing. Ech weess net ob Dir wësst wat dat heescht, dat ass extrem opwenneg, mee esoubal hatt mir se zougeschéckt huet, wäert ech se weiderschécken.

Dann hate mir den Timing Lenkeschléi, ech wollt dozou soen, déi gi fäerdeg, do ginn d'nächst Woch déi éischt Abnahme gemaach, dann hu mir e Mount Zäit a Mëtt Dezember kréie mir dann de Schlëssel. Dat eenzeg wat ass, si hunn net all d'Klassesäll fäerdeg, et ka sinn, dass am Bewegungsraum nach weider geschafft muss ginn, mee reng theoretesch ass d'Schoul fäerdeg, et ka Schoul gehale ginn an et mussen eben awer nach Aarbechte weidergefouert ginn, déi awer net stéierend si fir d'Schoul. Kunst am Bau, do kann de Loris Spina villäicht kuerz drop agoen.

Pedibus hate mir nach, dat ass e ganzt Konzept, do hänkt vill drun, mir sinn den Tour opgetréppelt dës Woch an et gëtt vill drop opgepasst, dass ëmmer nëmmen

een Iwwergang iwwer d'Strooss ass, mir hu wierklech gekuckt, wou kënne d'Kanner am séchersten eriwuer. Et gëtt e Panneau mat Féiss um Bueden. Mir hunn eis do elo eemol getraff an och d'Schëlter si preparéiert, dat ass alles fäerdeg, mir sensibiliséieren och d'Elteren dozou, dass se d'Kanner op Plaze kënne goe loossen, wou et da wierklech sécher ass, dass se net méi mam Auto bei d'Schoul kommen. D'Monique Heinen hat gesot, zu Kayl funktionéiert dat gutt, ech wëll just hei lech soen, mir hunn hei 7 Ressort-scolairen, mir hunn 12 Schoulgebaier, aleng fir deen Trajet ze maache moies ass et e lichte Ennerscheed, et ass immens schwierig ze koordinéieren. Reng fir Butschebuerg brauche mir 6-7 Leit an da muss een eng ganz Gestiouen vun de Leit maachen. Ech muss awer soen, ech sinn de Moment ganz frou, dass mir genuch Leit an de Maison Relais hunn, well och dat ass schwierig. Wann elo moies och nach muss e Pedibus gemaach ginn, gëtt et knapp. De Moment ass d'Situatioun ganz schlëmm an ech denken, dass et och esou geet, ech denken, dass d'Kanner sech treffen op Plazen an dann zesummen an d'Schoul ginn. Dat funktionéiert wierklech gutt. Mir waren och schonn zu Butschebuerg, och do ware mir e bëssen ënnerwee, mir hunn zwar nach keen Trajet, mee och do maache mir de Point de rassemblement, wou se sech treffen an da vun do aus dann zesummen an d'Schoul ginn. Mir hunn net ganz Butschebuerg, mir hu just hannert der Schoul probéiert de Verkéier an de Grëff ze kréien.

Schoolbus war och nach eng Fro, jo effektiv mir haten dat ugekënnegt an am Budget stoen, mir haten awer Kontakt zu der Firma, déi déi Busser hierstellt mir hunn do awer ni méi eng Äntwert kritt. Et ass awer elo sou, dass de Sales-Lenz Start-up, déi zu Péiteng sinn, e Bus entwéckelt hunn, déi kommen natierlech net op Diddeleng a soen "Hei mir hunn eng Iddi", déi ginn als éischt bei hir Gemeng, déi sinn awer nach net zougeloo bis elo, also et ass nach näischt wat op der Strooss dierf fieren. Mir hunn awer do eisen Interessi schonn ugemellt, dass och mir un esou engem Bus interesséiert sinn. Weider Informatiounen hunn ech nach net.

Da war nach d'Demande, wéi vill Kanner waren an der Maison Relais während der Vakanz? Et waren der 200 ugemellt an et war knapps een Drëttel do. Dat heescht, d'Leit hunn d'Tendenz, hir Kanner doheem ze halen. Et huet awer och gutt funktionéiert op deenen dräi Sitten, et huet och d'Personal entlaascht, et war eng gutt Ambiance, et huet gutt geklappt.

Dann de PEP, firwat hu mir keen Detail, firwat hutt Dir deen esou spéit kritt? Ech entschëllege mech dofir, mee leider hunn ech net ëmmer en Impakt op d'Personal, Dir wësst wéi d'Situatioun war an de leschte Méint, wa Leit fortginn, de Laurent Kranz huet säi Bescht gemaach, wat en och nëmme konnt, mir wäerten lech dat am Detail virstellen. D'Gesetz gesäit souwiso vir, dass mir de PEP an der Schoulorganisatioun dran hunn, weider Detailer kritt Dir selbstverständlech.

Dann nach eng lescht Saach, déi ech wëll soen, wat ëmmer mam Konzept Crèche hin an hir a wat hutt Dir a wien huet wat gesot. Mir haten déi lescht Kéier do-



riwwer jo rieds, dass mir net no esou engem Konzept géife funktionéieren. Ech hu mir deen Artikel och zoukomme gelooss an do steet dran, dass mir no engem oppene Konzept an der Crèche funktionéieren, sou wéi Montessori an elo kann een dat esou gesinn, wéi ee wëll, dat sicht een sech ëmmer eraus, mee ech muss soen, hei huet keen e Feeler gemaach an et ass ganz kloer esou, dass déi Crèchë verschidde gutt Saachen do erausgeholl hunn, awer net reng no esou enger Schinn funktionéieren, mee gitt eis och do eng Chance, mir sinn do amgaangen, nei Leit anzustellen, da wäerte mir dat do schéi propper wéi gewinnt maachen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries, da kënnt nach de Loris Spina iwwer Kunst am Bau.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Jo, dat maachen ech, d'Fro ass opkomm, Kunst am Bau, wéi mir do dru sinn. Mir hunn do eng Kommissioun aberuff, déi besteet aus dem Josiane Di Bartolomeo-Ries a mir, wou de Schäfferot vertrieben an d'Stad-Architektin Cathy Mambourg ass do mat derbäi, als Sekretärin, aus dem Service technique d'Elisabeth Polidonio ass och dobäi an d'Marlène Kreins wou de Volet Konscht wäert ofdecken an deem Gremium a mir loossen eis do begleede vun der nationaler Kommissioun déi Dammen Hemmer a Schmit, wéi och den Här Mühlen, déi sinn do mat dobäi fir déi éischt lokal a kommunal Kommissioun an deem dote Kader a Stand ze setzen, well dat ass eng Neiheet, am Fong geholl e Pilotprojet wéi déi dat vum Ministère gesot hunn, dat gëtt et bis elo nach net a si si ganz frou, dass endlech eng Gemeng mat op dee Wee geet. Aktuell ware mir zwee Sitte kucken, déi amgaang sinn, gebaut ze ginn, d'Crèche Italien, notament a beziehungsweise och ware am Komplex Lenkeschléi fir en Etat des lieux ze maachen, fir ze kucken, wou géif sech dat ubidde fir herno eben esou en Oproff ze maachen.

An enger éischter Phase maache mir eng Ausschreiwung, wou Artisten sech kënne mellen niewent dem nationale Pool, deem et gëtt fir bei esou Wierker a Baute kënne matzeschaffen als Kënschtler, gëtt et hei e lokale Pool, dee muss constituéiert ginn, wou Kritäre mussen erfëllt ginn, fir dass een sech do ka mellen an dass do eng gewësse Qualitéit assuréiert ass well et ass net einfach, einfach e Bild oder eng Skulptur ze maachen, mee do muss een e ganze Projet virgesinn niewent dem kënschtlereschen Aspekt an et muss een et kënnen herno am Gebai integréieren, fir dass dat passt an de Sécherheetsmesuren, dofir ass do e relativen Opwand néideg a wann dee Pool da bis existéiert, da gëtt definiert an där Kommissioun, wéi d'Ausschreiwung ausgesäit, ob mir eppes Funktionelles virgesinn oder eppes siche fir opzehänken oder an den Alentouren an da sollen

déi Leit sech mellen an déi Kommissioun kënnt dann zesumme fir festzehalen, wien den Optrag kritt. De Ministère huet dat e puer Mol erwähnt, vill Gemengen halen sech do wäit ewech vun deem dote a mir Diddelenger hatten dat souwisou an elo nach eng Kommissioun ze maachen, also si si ganz zefriden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Loris Spina dofir, domadder hu mir den Tour gemaach a ginn eriwwe op déi definitiv Schoulorganisatioun. Wien ass domadder averstane wéi se hei presentéiert gouf? **Déi ass unanime.** Merci villmools

7. APPROBATION VUN DE NEIE STATUTE VUM REGIONALE GEMENGESYNDIKAT FIR D'PROMOTION AN D'ENTWÉCKLUNG VUN DER SÜDREGION PRO-SUD

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Dat ass d'Approbation vun den neie Statute vum Gemengesyndikat fir d'Entwécklung vun der Südregion ënner dem Sigle PRO-SUD. Et ass esou wéi bei all Gemengesyndikat, deem en tant que tel als éischt d'Modifikatioun vun de Statuten approuvéiert, da mussen natierlech alleguerten d'Gemenge goen, déi Member vun deem Syndikat sinn, dat sinn der hei 11, mir sinn déi éischt Gemeng, déi elo mol d'Statuten hei virleien huet, déi aner Gemenge wäerte sécherlech nozéien an da gëtt en Arrêté geholl wat d'Publikatioun vun deenen neie Statuten ugeet. Ech soen och hei dem Erni Ferrari hei nach Merci dofir, dass hien de Moien hei war fir déi néideg Erklärungen ze ginn. Sou dass de Comité vum PRO-SUD hei unanime déi Statuten den 8. Oktober guttgeheescht huet a par rapport zu den ale Statuten, do sinn eng Rei Modifikatiounen gemaach ginn, déi der Realitéit vun haut Rechnung droen.

Mir hatten och dem Gemengerot de Courier bäigeluecht, wou och déi néideg Erklärungen dra sinn, wat d'Change-menter sinn, well mir jo hei Statuten hunn déi nach a Kraaft ware säit de PRO-SUD gegrënnt gouf am Joer 2004. Heidra fënnt een erëm, dass d'Gemenge Bascharage a Clemency an der Tëschenzäit fusionéiert sinn an hei dann d'Gemeng Käerjeng dra gesat gëtt, dass de Programme d'aménagement du territoire net méi dee vun 99 ass mee dee vun 2003 an dass de Volet vun de Regionalpläng erausgeholl ginn, respektiv éischter dragesat gëtt, dass mir Promotioun an Développement vun der Süd-Region op eng strategesch Aart a Weis wëlle weiderdreien an dass d'Strategies intercommunales frontalières dra sinn. Dat huet och domadder ze



dinn, dass mir viru kuerzem mat der Unesco de Label Man and the Biosphere kritt hunn.

Weider Modifikatiounen, déi gemaach goufen, ass de Sëtz, dee war jo ëmmer zu Esch, respektiv zu Belval, deen ass awer elo am Ellergronn, deem hu mir och Rechnung gedroen. Dann, wat och geännert gouf, an den aktuelle Statute steet dran, dass een sech op de Recensement soll baséieren, deen all 10 Joer mat de Volkszählungen ausgedroe gëtt och mat STATEC. Hei gräife mir dann op dat zeréck wat och mat Cotisatiounen an Unzuel vun de Mëmberegemenge betrëfft vun 2011 zeréck. Sou dass d'Awunnerzuel zwar eng komplett aner ass wéi déi wou mir elo zu Diddeleng hunn an an den anere Gemengen, dat heescht, mir hunn deem Rechnung gedroen, dass mir do all Kéier d'Joer zeréck kucken an och déi Unzuel zur Rechnung hält, wat natierlech och en Impakt huet op de Budget, respektiv d'Cotisatioun vun de Gemengen, dat sinn a graffen Zich déi Haaptmodifikatiounen, déi gemaach goufen, déi goufen och unanime vum Comité guttgeheescht an hunn net fir weider Diskussiounen gesuergt an droen hei ganz kloer der Realitéit vum Syndikat Rechnung. Madamm Goergen?

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, ech erlabe mir am Numm vun de Gréngen e puer Wieder zu der Statutenännerung ze soen. PRO-SUD ass souzesoen eng Interessengemeinschaft vun de Gemengen aus dem Süde vum Land, dorunner ännert sech och näischt mat den neie Statuten. Et muss ee soen, et ass de Syndikat vun all eise Gemengesyndikater, deen déi meeschte Schwierigkeiten hat mat konkreten Aktiounen an der Effentlechkeet bekannt ze ginn. Seng Ziler waren e bëssen abstrakt, mat Schlagwierder wéi Zesummenaarbecht, Identitéit vum Süden an nohalteg Entwécklung aleng konnt een net iwwerzeegen. Et gouf Beispiller vu gemeinsamen Aktiounen, mee dës Syndikat huet eng ganz nei Bedeitung kritt wou op d'Zil higeschafft ginn ass am Kader vun der UNESCO-Programm Man and the Biosphere unerkannt ze ginn. Ronderëm dës grouse Projet ass et du gelongen, eng gemeinsam Richtung ze ginn an där d'Südgemengen sech erëmfonnt hunn. Sait deem leschten 28. Oktober ass de Süden elo vun der UNESCO als Réserve de Biosphère unerkannt an d'Aarbecht vu PRO-SUD kann ënnert dësem vifältege Moto weidergoen. Un de Statuten ännert sech näischt wesentlech, et ginn e puer Ëmformuléierungen, woubäi d'Zesummenaarbecht iwwer d'Grenzen ewech ervingestrach gëtt, et gëtt och kloergestallt wéi d'Partizipatioun vun de Gemenge gereegelt gëtt a ganz kuerz, mir sinn averstane mat der Ofännerung vun dësen Statuten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir d'Zoustëmmung.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci, ech hu just eng kleng Fro, ech wollt eigentlech wëssen, déi Participatioun wéi se elo gerechent gëtt, wat mécht dat konkret aus fir d'Gemeng Diddeleng am Syndikat PRO-SUD?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech mengen, dass dat ëm déi 60 000 Euro sinn, ech hunn de Budget elo net bei Hand mee ech denken et misst dorëmmer sinn. Et sinn 3 Euro pro Awunner fir 2020, mir hunn, wéi gesot, e Comité de Mëtteg wou mir de Budget stëmmen, an 2021 maache mir eng liicht Adaptatioun, mee wa mir déi heite Statute stëmmen an déi och a Kraaft trieden, de Budget vum PRO-SUD, de Budget 21 gëtt nach no den ale Statute gemaach an dann de Budget 22 gëtt no den neie Statute gemaach, sou dass et e bëssen zäitversat ass, mee do kann een der reeller Unzuel vun de Leit, déi hei am Süde liewen, och Rechnung droen, wat am Moment nach net de Fall ass. Ass de Gemengerot mat de Statuten averstane? **Dat ass unanime.** Merci.

8. APPROBATION VUN ÄNNERUNGEN AN DER ZESUMMENSETZUNG VUN DE KONSULTATIVE KOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Bei dësem Punkt komme mir op déi konsultativ Gemengekommissiounen, do sinn eng Rei Modifikatiounen a Remplacementen. An der Commission de l'égalité des chances et de la non-discrimination ersetzt den Här Alain Clement d'Madamm Martine Kohn als President, den Här Joël Reisdorf d'Madamm Bracaj, den Här Alain Klein den Här Ivan Cacao an den Här Thierry Winkel d'Madamm Aline Pacheco. An der Sécherheetskommissioun ersetzt den Här Romain Zuang den Här Henri Glesener, den Här Glesener ersetzt als President den Här Conny Theobald. An der Kommissioun vum Jumelage an Tourismus ersetzt den Här Henri Glesener den Här Conny Theobald. An der Subsidekommissioun ersetzt Madamm Anne-Marie Dentzer d'Madamm Aline Pacheco an d'Madamm Nadia Schubert-Bologna ersetzt den Här Ivan Cacao. An der Kulturkommissioun ersetzt den Här Eric Antoine den Här François Klein. An der Circulations- a Mobilitéitskommissioun ersetzt den Här Claude Zieger d'Madamm Tanja Schmit-Benassutti. An de Pool de remplacement kommen nach d'Madamm Claudia Steffen an den Här Francois Klein. Dat waren hei déi Modifikatiounen wat déi konsultativ Kommissiounen ugeet.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, ech huelen elo bëssen aus:



Am éischte Gemengerot den 23. November 2017 steet an der Schäfferotserklärung "restant ouvert aux suggestions et critiques formulées par les membres du Conseil communal". Et hat 2017 och effektiv gutt ugefaangen, ech zitieren den Här Buergermeeschter "als Majoritéit wëlle mir eng Ouverture maache par rapport zu de Membere vun der Oppositoun, sou dass mir hinne géifen Delegierten zur Verfügung stellen a verschidde Syndikater." Bei 3 Diddelenger Delegierte war deen drëtte Delegierte fir d'Oppositoun virgesinn, wat bei deem knappe Walresultat – d'LSAP 50,3% an d'Oppositoun 49,7% – wat jo och eng demokratesch gesinn obligatoresch Ouverture war. Wei mir am Dezember 2017 sollten en zousätzleche Member am Minettkompost sollten definieren, war et schonn erëm eriwwer mat der Ouverture, d'Oppositoun gouf virun de Fait accompli gesat, dass am Minettkompost kee Representant vun den Oppositounsparteie géing dobäi nominéiert ginn, mee en drëtten LSAP-Conseiller. D'Oppositoun hat sech doropshi bei deem Vote enthalten. Wat d'Kommissionen ubelaangt, gouf festgehalten, dass jeeeweils siwe Majoritéitsverrieder a sechs Verrieder vun der Oppositoun Member géife ginn. D'Oppositoun war frou, dass se méi Membere konnt an d'Kommissionen schécken an huet Enn 2017 d'Zesummesetzung vun de Kommissionen och matgestëmmt. Dat ass unanime. Elo hu mir hei eng Propos virleie mat 4 Demissionen vu Presidente vu Kommissionen. D'LSAP mécht hei d'Propos fir Presidenten an de Kommissionen duerch aner LSAP-Conseilleren, respektiv Schaffen ze ersetzen.

Ganz kokass ass d'Formulatioun vun der LSAP, dass den Alain Clement "reprendra en tant que nouveau Conseiller communal la présidence d'une telle commission en remplacement de Madame Bodry". Si suggerieren och, dass just de Fait, dass ee praktesch als neie Conseiller d'Recht huet – ech huelen un als neien LSAP-Conseiller – direkt eng Presidence vun enger Kommission ze iwwerhuelen. Här Clement, dëst ass selbstverständlech keng perséinlech Attack géint lech an Är Persoun, mir schätzen lech an Är Kompetenz als erfollegräiche President vum Geschäftsverband natierlech, mee hei geet et ëm d'Saach well mir hunn eis am Mäerz 2018 en neien Règlement d'ordre intérieur du Conseil communal ginn. Do ass ganz kloer festgehalen ginn, dass d'Nominatioun vun de Presidente vun de Kommissionen duerch de Gemengerot muss votéiert ginn. Et steet net dran, dass nëmme Conseillere vun enger Majoritéitspartei dierfen op dës Poste kommen, et steet just dran, dass e Conseiller muss President si vun de Kommissionen, dat heescht, de President muss e Member vum Gemengerot sinn. Ech hat och bei deem Vote zum Règlement d'ordre intérieur en Appell un de Schäfferot lancéiert eng Ouverture ze maachen, fir dass d'Oppositoun ka Conseillere proposéiere fir eng Presidence vun enger Kommission ze iwwerhuelen en vue vun de Walresultater 2017 – ech rappellieren, LSAP 50,3 % an Oppositoun 49,7% – do fanne mir, dass dat eng demokratesch, obligatoresch Decisioun wier. Lo ass meng Fro firwat gi mir net op de Wee d'Presidence parteilech ze besetzen? Mir hu 16 fakultativ Kommissionen, 4 obligatorescher kommen der dobäi, firwat maache mir do keng Paritéit,

zum Beispill d'Propos vun eis, 9 Kommissionen mat LSAP-Presidence a 7 fir d'Oppositoun an ech maachen e waarmen Appell, dass Dir mat op dee Wee gitt a wann net, musst Dir elo mol argumentéieren, firwat Dir dat net gutt fannt. Mir proposéieren, dass mir dëse Punkt haut vum Ordre du jour huelen an dass de Schäfferot sech iwwerleet wéi en d'Presidence vun de Kommissionen wëll opdeelen, eventuell eng Interfraktional Sitzung aberriff, mir zesummen e Modus vivendi ausschaffen, dass mir am nächste Gemengerot heiriwwer ofstëmme, well ech gesinn och net an, wéisou verschidde Conseilleren zwou Presidenzen hunn, well ech denken, eng geet duer an den Engagement wier villäicht da bei ville besser. Ech muss dann awer dozou soen, mir hu ganz vill dynamesch Presidenten, ech muss soen, déi flott Projekte wéi de Buerfousswee oder d'Poesie am Park, déi sinn op d'Bee gesat ginn duerch dynamesch Kommissionen mat dynamesche Presidenten. Mee och d'Oppositoun huet dynamesch Conseilleren, déi ech gutt als fäeg Presidente vun enger Kommission gesinn, zum Beispill héiere mir herno d'Monique Heinen... Zum Beispill héiere mir herno, dass d'Monique Heinen geéiert gëtt, dat zënter 20 Joer engagéiert ass a verschiddene Kommissionen an hatt hätt och déi néideg Erfahrung a Backgroundwëssen a sécher och flott Iddie fir eng Presidence ze iwwerhuelen. Et ass just ee Beispill. Ech ginn och d'Beispill vun der Ouverture vis-à-vis vun Oppositounspolitiker an anere Gemengen. Zu Beetebuerg war no de leschte Wale 2017 e komplette Revirement, d'LSAP ass an d'Oppositoun gaangen, mee d'CSV, d'DP an déi Gréng, de Schäfferot huet dem fréiere Buergermeeschter selbstverständlech d'Presidence iwwerlooss vum Syndikat SICONA West, dat waren Oppositounspolitiker dee Moment.

Dir Dammen an Dir Hären, als Zeeche vun enger konstruktiver Zesummenaarbecht mat alle Leit hei an der Gemeng, proposéiere mir éischters d'Opmaache vun de Presidence vun de Kommissionen fir all d'Parteien an zweetens eng transparent Opdeelung vun de Presidenzen ënnert de Parteien hei am Sall an dass een dat an der Wahrung vun der Konformitéit vum Règlement d'ordre intérieur dann och esou mécht. Voilà, dat war eng Remarque, déi ech nach ze maachen hat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci par rapport zu Är Remarque. Gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Mir fänken net un, en cours de route, Parameteren ze änneren, déi mir no de Gemengewalen hei festgehalen hunn. Et dierf een och net Äppel mat Biere vergläichen, e Gemengesyndikat, e Syndicat intercommunal, wou effektiv d'Logik erëm spigelt vun deenen anere Gemengen, huet eng ganz aner Funktiounsaart a -weis wéi déi konsultativ Kommission vun enger Gemeng. E Gemengesyndikat huet e Bureau an och e Comité, also en Exécutif an e Comité, dee kontrolléiert eng Commission consultative vun enger Gemeng, déi huet e konsultative Charakter, et kann een déi zwee net matenee vergläichen, dat heescht d'Denklogik ass hei mengere Meinung no ganz kloer déi falsch. Mir kënnen och Gemengekommissionen net fir all Parteien opmaachen. D'Gemengekommission oder Kommissionen spigelen déi



Parteien an hirer Konsultatioun erëm, déi mat an d'Wale gaange sinn, dat ass awer dat Elementaart sou wéi och d'Gemeengegesetz et virgesäit, dat géif jo heeschen, mir géifen hei Parteie mat eranhuelen, déi hei zu Diddeleng nach ni mat an d'Wale gaange sinn.

D'Gemeengegesetz gëtt dat och net vir. Liest d'Gemeengegesetz, wat do dra steet, wéi d'Kompositioun ass vun de Gemeengekommissiounen, dat ass kloer an däitlech. Dofir, mengen ech, sinn déi politesch Parteien, déi och hei mat an d'Wale gaange sinn an och gewielt goufen, effektiv hei an de Kommissiounen mat dran. Wat d'Architektur, dofir soen ech en cours de route fänke mir net un Donnéeën ze changéieren, well wat d'Architektur vun der Kompositioun vun de Kommissiounen ugeet, déi hu mir hei zesumme bestëmmt. D'Kompositioun, déi numeresch Kompositioun, un där ännere mir näischt en cours de route well déi Daten erëmspigele wat déi numeresch Kompositioun vum Gemengerot ass a mir hunn dat och unanime hei festgehalen. Dat par rapport zu der Kompositioun vun de Kommissiounen. Dann, wat haut hei virgeholl ginn ass, dat ass par analogie just e Wiessel um Niveau vun der Presidence, dofir soen ech, et kann een net Äppel mat Biere vergläichen.

D'Logik vun engem Syndicat intercommunal ass eng aner Logik wéi déi vun enger Gemeengekommissioun an ech weess genau, schwätzt mat Ären CSV-Kolleegen an deenen anere Gemengen, wou se d'Majoritéit oder an der Koalitioun sinn, wien do Presidence vun de Kommissiounen huet, et ass net d'Oppositioun, dat heescht Dir sidd do schlecht placéiert fir hei Leçonnen dëser Majoritéit ze ginn, mir hunn no de Wale 2017 generell, einfach ware mir der Meenung, dass mir sollten eng Ouverture maache par rapport zu de Gemengesyndikater, dat war an de Jore virdrun net de Fall, do sinn elo eng ganz Rei Gemengen, déi dat gemaach hunn, souwuel fir d'Majoritéit wéi awer och fir d'Oppositioun, mir hunn och kee Problem domadder fir dat ze maachen, mee en cours de route Donnéeën ze changéieren, dat maache mir net well dat e Modus ass, dee mir zesummen hei initialement festgehalen hunn. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir nach eemol d'Wuert, éischters hunn ech net gesot, mir sollen Hippches an Haapches mat an eng Kommissioun huelen...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dir sot dach all Partei?! All Partei hei zu Diddeleng.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Neen, all Partei hei am Gemengerot...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nee Nee, dofir hunn ech jo drop reagiert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat ass dach selbstverständlech, mir schwätze vun deene Leit, déi heibanne sëtzen. 50% an e puer sëtze bei der LSAP a 48% an e puer sëtzen op deenen anere Bänken. Dann d'Kompositioun vun der Zesummesetzung, wann Dir richteg nogelauschtert hutt, hunn ech dat gesot well an

der Kommissioun gouf festgehalen, dass jeeweils 7 Verrieder vun der Oppositioun géife Member ginn, dat hu mir och matgestëmmt. Dat hunn ech net a Fro gestallt. Dann awer elo; hei geet et ëm d'Presidenten an Dir sot en cours de route, e President ass jo awer deen, deen d'Kommissioun zesummerift, de President mécht den Ordre du jour, de President huet awer wichteg Chargen, firwat changéiert Dir dann en cours de route Är Presidencen? An dann ass jo awer och d'Fro: Firwat wëllt Dir do net eng Ouverture maachen? Ech hat jo scho mat där doter Äntwert gerechent an ech hunn och e puer Saache virgeschriwwen. Da komme mir zu eiser Conclusioun. Ären Neen ouni kloer Begrënnung léisst e batteren Nogeschmaach. Firwat muss e fuschneie Conseiller, dee bis elo nach ni an enger Kommissioun tätig war, direkt eng Presidence kréien? Firwat kréie verschidden LSAP-Conseillere e puer Presidencen a bei verschiddene Presidenten huet een och e Fachwëssen an Engagement vermësst, woubäi och déi eemoleg Reunoun fir verschidde Kommissiounen am Laf vun engem Joer och genuch Beweis ass. Firwat wëllt Dir da keng Oppositioungemeengeconseillere als President? Hutt Dir eppes ze verstoppem? Zum Beispill, ginn d'Budgete vun de Kommissiounen net kloer ofgerechent? A gëtt do villäicht en Hin-an-hir gemauschelt.? Ären Nee misst all méiglech Plaz ...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Bonjour de Populismus.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Är Wieder strofen lech Ligen, wann Dir sot, mir sichen den Dialog mat de Bierger, och mir si Bierger. Mee Ären Nee wonnert eis net, bei der Diskussioun vum Delegéierte vum Syndikat Minettkompost sot den Här Buegermeeschter, wéi d'Oppositioun de Vote vum drëtten LSAP-Delegéierten net matgedroen huet, all Ouverture huet hir Grenzen an hir gesond Limitten, dont acte, mee Dir hutt et och net besser gemaach an de leschte Joren. D'CSV stëmmt dat heite jiddefalls net mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat steet lech ganz fräi. Madamm Kohn.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, ech wëll awer och elo nach e puer Remarques op déi populistesch Interventione vun der CSV ginn, well wat hei passéiert dat ass e Changement an der Zesummesetzung vum Gemengerot an der LSAP-Fraktioun, dat heescht, mir hunn en neie Member kritt, et ass Beweegung dra komm an iergendwann ware mir alleguerten nei, iergendwann hu mir all hei eng Kéier ugefaangen an och ech war nei wéi et ugaangen ass. Ech hunn awer keng sou eng Bemierkung gesot kritt, dat heescht, iergendwann hu mir den éischten Dag ugefaangen eng Presidenschaft ze iwwerhuele vun enger Kommissioun an et ass ganz legitim. Mir hu fonnt, mir hunn elo en neie Member an eis Fraktioun kritt, den Här Clement an och hie soll als Mandataire hei Verantwortung iwwerhuelen an dat mécht hien an ech zweifelen zu kengem Moment u senger Kompetenz an Dir hutt him jo selwer hei Zocker ronderëm de Mond geschmiert, also zweifelt Dir och net dorunner also geet et lech net dorëms, et geet lech nëmmen



drëms, dass Dir hei eppes a Fro stellt, wat net a Fro ze stellen ass.

Mir hunn d'Majoritéit hei an dësem Gemengerot a mir iwwerhuelen dofir och d'Presidentschaft vun de Kommissiounen an dëser Gemeng an d'Kommissiounen sinn an der Paritéit, esou wéi mir gewielt gi sinn, opgedeelt ginn. Dat Ganzt hu mir och alleguete fir guttgehalen an zwar interfraktional, wéi et ugaangen ass an dofir ass dat heiten nëmmen – wéi soll een dat nennen` - eng Animatioun, eng Animatioun an och Populismus well et geet lech net ëm de gudden Fonctionnement vun de Kommissiounen, mir hunn an der Mëtt hei eemol gedréint fir dass Beweegung dra kënnt, souguer an der Zesummesetzung vun der Fraktioun an dofir hu mir profitéiert fir eise Memberen an der... also wannechgelift, ech schwätzen elo och gären aus.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also, wann Dir gär Respekt vun deenen aneren hätt, da musst Dir dat selwecht och weisen, Madamm Kayser.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Jo genau! Voilà, et ass Beweegung dra komm, mir sinn an der Halschent vun eiser Legislaturperiod, mir hunn den Här Alain Clement bäikritt, an dofir hu mir och profitéiert fir och anere Memberen, déi sech engagéieren an an de Kommissiounen gemellt hunn, eng Plaz ze ginn an dofir hu mir dat haut op den Ordre du jour bruecht. Méi ass et net. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, ech géif proposéieren, dass mir zum Vote iwwerginn, wou mir par analogie dat maachen, sou wéi mir et festgehalen hunn, sou wéi mir dat ugangs an no de Gemengewale gemaach hunn.

Wien ass mat der Ëmännerung, sou wéi mir se an den Dokumenter virleien hunn, averstanen? Dat ass d'LSAP an den onofhängege Member. Wien ass dogéint? Dat ass d'CSV. A wien enthält sech? Déi Lénk an déi Gréng. Merci villmools.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt just begrënnen, dass mir als Déi Gréng der CSV hire Virschlag ganz gutt fannen an dat wëlle mir ausdrécken duerch déi Enthaltung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo Här Thill?

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Ech wollt eis Enthaltung och begrënnen, et ass ganz kloer, dass et bis elo ëmmer gemaach ginn ass bei alle Parteien, wéi d'LSAP et och virschléit, mir hunn och näischt géint déi Leit, déi do

virgeschloe sinn, et wier awer méi demokratesch an dynamesch wann och mol aus den Oppositionsparteie verschidde Leit kéinte Kommissiounen leeden. Dofir eist Enthalen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, ech huelen all déi Suggestiounen mat bei d'Kollegen, an ech weess scho wat se mir soen. Mee bon, Merci op alle Fall fir Är Begrënnungen, schwätzt villäicht eemol mat hinnen, déi soen lech eppes ganz anescht. Ceci dit, gi mir op deen nächste Punkt.

9. PERSONALFROEN

9.1. APPROBATION VUN DER LËSCHT VUN DE LEIT, DÉI ENG AUER ALS KADDO FIR 20 JOER TREI DÉNGSCHTER KRÉIEN, AN DER LËSCHT VU LEIT, DÉI EN AKAFSBONG FIR HIR PENSION GESCHENKT KRÉIEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Bei dësem Punkt vum Ordre du jour geet et ëm d'Approbatoun vun der Lëscht vun de Leit, déi eng Auer als Kadde fir 20 Joer trei Déngschter kréien, an der Lëscht vu Leit, déi en Akafsbong fir hir Pension geschenkt kréien. An dat ass eis Mataarbechterin an eis Mataarbechter, déi fir hir 20 Joer loyal a gutt Déngschter, déi si an der Gemeng gelescht hunn, respektiv fir hiren Depart an d'Pension, wou se eng Auer, respektiv e Bong kréien. Et ass jo normalerweis esou dass dat heite gekoppelt ass mat engem traditionelle Moment, wou mir hinnen och déi Auer iwwerreechen, dass mir awer am Kader vun de Budgetdiskussiounen, wou mir si gesinn, wou de Gemengerot hinnen dat heiten iwwerreecht, dat fällt aus, dat reportéiere mer op 2021, vu dass eben haut d'Situatioun esou ass wéi mir se erëmfannen, och mat deene ganze Restriktiounen am Horesca-Beräich, well hei eng ganz Rëtsch a Fro kommen,

Also, fir 20 Joer Déngschter op der Gemeng, engersäits an de konsultative Kommissiounen an dann awer och vum Personal, dat sinn den Hubert Braquet, de Jean Engel, d'Monique Heinen, de Raymond Schmit, de René Schubert, d'Viviane Serughetti, den Nico Steffen, d'Chantal Steffen-Lahure, d'Tanja Gaasch, d'Manuela Barone, de Pierre Christen, de Jean-Marie Cirelli, de Laurent Felten, d'Corinne Gerend, d'Manon Haag, de Guy Plein, de Patrick Schmit, den Albert Spina, de Jean-Marie Stemper, d'Tammy Theobald, d'Martine Bemtgen, d'Myriam Dury, d'Caroline Ourth, de Cliff Schroeder, d'Nadine Thill, de Gilles Loes, de Bernard Deorazio. Wéi gesot, dat si Leit, déi 20 Joer am Déngscht vun der Gemeng sinn, sief et als Member vun enger konsultativer Kommissioun, sief et als Léierpersonal, sief et als administratiiv Perso-



nal, sief et als Salarié, an dann hu mir Leit, déi 2020 an d'Pensioun gaange sinn d'Joëlle Adler, d'Doris Barone, de Romain Barthelmy, d'Danielle Bausch, d'Sonja Blang, de Carlo Bodry, d'Zulmira Carneiro, de Pierre Christen, de Georges Facchinetti, de Pascal Goetzinger, d'Romaine Jung, d'Angèle Klein, de Marco Kowa, de Richard Marx, d'Françoise Marzadori, d'Josiane Origer, d'Monique Petesch, de Gilbert Schaack, de Claude Schaal, den Aldo Spina, d'Antonia Tinelli, de Mario Urso, de Claude Zieger, d'Chantal Bertrang, d'Elisabeth Hilgert, an d'Chantal Lehmeier. Dat sinn déi Leit, déi hei zu Éiere kommen, respektiv an hir wuel verdéngte Pensioun kënnen goen.

Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech dem Gemengerot villmools Merci. Da géife mir iwwergoen op d'Personal.

9.2. SCHAFE VUN ENGEM GEMENGEMPLOYÉS-POSTEN, INDEMNITÉITSGRUPP A1 (SERVICE KOMMUNIKATIOUN A MEDIENARBECHT)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Énner dësem Punkt geet et drëms e Poste vun engem Employé communal ze kreéieren, am Grupp A1 Sous-groupe administratif fir de Service Communication et Relations presse. Mir hunn dee selwechte Punkt herno am Huis-clos, wou mer proposéieren, déi Persoun do anzustellen. Et ass esou, dass déi Persoun, déi am Service ass, zënter 2004 an deem Service schafft, si huet am Schouljoer 2008-2009 e Master nogemaacht, och an deem dote Beräich, a wéi bei ville Leit freet se do en cours de route, also 11 Joer duerno, eng Unerkennung vun hirem Diplom un an effektiv ass jo och déi concernéiert Persoun och Chef vun deem Service, em deen et hei geet an dofir wollte mir hei proposéieren, eng Créatioun de poste ze maache fir deem Master an deem A1-Grad kënnen Rechnung ze droen. Voilà. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech denken awer, datt et hei net einfach eng Unerkennung vun engem Diplom ass, mee hei kreéiere mir en neie Poste a mir hunn e bëssen e Problem domadder. Et geet absolut net em déi Persounen, net dass dat erëm falsch ausgeluecht gëtt, mee mir sinn der Meenung, dass mir keng Poste solle sur mesure maachen an ech denken, wann een en cours de route eng Formatoun mécht, ënnert enger anerer Premiss agestallt ass, da kann een net erwaarden, dass dann d'Gemeng him e Poste sur mesure mécht, an dat fanne mir net glécklech an dofir géife mir eis op dësem Punkt enthalten, well ech denken, ech soen ëmmer d'Beispill vum Claude Martini, deen ass Infirmier, wann deen nach zousätzlech Formatioun mécht fir Chef de hei oder do ze ginn, da kann hien net einfach zum Chef am Spidol soen, lauschter mir maachen elo e Poste sur mesure, well ech elo méi Formatioun gemaach hunn.

Dat geet net an dat ass e bëssen onglécklech an ech wëll och drun erënneren, et steet an der Schäfferotserklärung dran, mir maachen eng "Politique du personnel prudente" an ech denken, dat heiten ass erëm eppes, mir hate schonn esou Fäll, dat gëtt e Präzedenzfall an dat gëtt bëssen onglécklech.

Dofir - absolut näischt géint déi Persoun - mee mir géifen eis bei dëser Créatioun de poste enthalten, en plus wann ech liesen hei "Vu la réorganisation du service communication et relation presse et constatant que les tâches dudit service ne cessent d'augmenter", et ass jo awer elo och net esou wéi wann dee Service alles aleng mécht, mee mir outsourcen och vill, grad an der Kommunikatioun, wann ech kucken et si vill Publikatiounen, déi awer och iwwer extern Firme gemaach ginn, notament eng Firma, déi an eisem Cube Concet Store sëtzt, déi vill fir d'Gemeng mécht. Dat heescht, et ass net wéi wann elo e Méi un Aarbecht direkt géif ufalen, dofir fanne mir dat heiten e bëssen douteux a fannen dat net esou ganz glécklech. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci, ech hunn eng Verständnesfro well hei steet vu Créatioun vun engem Poste A1, also mat engem Changement de poste, mat enger Émwandlung vun engem A2 an en A1, do hätte mir kee Problem gehat. Heescht dat elo, dass e Poste bäikënnt? Well, wann ech mech richtig erënneren, war an där Presentatioun vun de Gemengeservicer, déi mir gemaach kritt hunn, wou e Screening gemaach ginn ass vu sämtleche Gemengeservicer, do war zu deem Moment, ausser meng Erënnerung ass falsch, keng rieds vun deem Service Communication et Presse, fir deen opzestocken. Wéi gesot, mam Punkt 12.8 hunn ech kee Problem, ech wëll dat kloer soen, mee firwat keng Émwandlung vum Poste?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach aner weider Stellungnamen? Neen, da ginn ech op déi eenzel Punkten an. Also éischtens emol, mir schafen zwar e Poste, mee et kënnt keen neie Poste en tant que tel bāi well dee Poste, deen hei ze schafen ass, well déi Persoun grad do ass am Service, dass déi e soll kënnen besetzen, dofir hu mir de Huis clos. Dat zu der Präzisioun, et ass net, dass en zousätzlech Poste fir dee Service geschaf gëtt. Hei ze soen, dass e Poste sur mesure geschaf gouf, dat ass net richtig, wann ee weess, dass déi concernéiert Persoun säit gutt 2004 fir d'Gemeng schafft, dass se 2008 de Master gemaach huet an 2020, also 11 Joer duerno, d'Demande stellt fir dass hire Master fir d'A1 Carrière unerkannt gëtt, ass dat net e "sur mesure". Mir hätten déi heiten Diskussioun kéinte féieren, wann déi Persoun 2004 agestallt gi wier oder 2008 nodeems se hir Demande gestallt hätt a mir hätten 1 Joer duerno driwwer geschwat, dann hätt ee kéinte soen, et ass e Poste sur mesure. Op där anerer Säit muss ee soen, déi Persoun huet e Master gemaach a mir hunn och e Benefice dovunner als Service public gehat als Administration communale an der Ausrichtung vun der Aarbecht an och vum Service Communication et Relations publiques, dat dierf een net vergiessen an ech mengen, dass et awer och mat engem gewëssen Zäitofstand, an esou gëtt et beim Staat gemaach, bei der Gemeng, esouguer kierzlech hu mir dat gemaach an do ass et net a Fro gestallt ginn, wou mir eng Persoun an en A1-Poste gesat hunn, do ass déi Diskussioun net gefouert ginn an



do war d'Zäitschinn komplett anescht.

Dofir denken ech zu de Proposen, déi d'CSV hei huet, dat ass op alle Fall am Dephasage vun deem wat mir virun e puer Méint hei matgedroen hunn. Mee ech mengen, dat ass Är Decisioun, déi respektéieren ech, et kënnt jo herno zum Vote, op alle Fall hei e Posten ëmzewandelen no 11 Joer, fir dass déi Persoun dee ka kréien ass de très loin sur mesure.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG) : Just eng Verständnesfro, wann hei eng Création de poste ass an déi selwecht Persoun bleift dann, da muss jo och e Posten iergendwou geschafe ginn oder ass et awer esou, dass en ëmgewandelt gëtt?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Neen, dat kann een ee Mol virhuelen, dass een dee Posten, deen se elo besetzt ofschaaft, mir kënnen awer elo dee Posten net ofschaffen, si besetzt en nach déi gutt Madamm. Dat kënne mir elo net maachen. Mir kënnen net schonn un hirem Aascht seeë während si um Poste sëtz, bildlech virgestallt, mir mussen hei verschidden Etappen respektéieren. Mir mussen dee Poste kreéieren an duerno... dat ass eng Prozedur.

Domat géife mir zum Vote kommen, wien ass domadder averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun de Gréngen, LSAP, déi Lenk an dem onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV. Merci.

9.3. SCHAFE VUN ENGEM SALARIÉSPOSTE FIR E LAANGZÄITARBECHTSLOSEN ANZESTELLEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Da komme mir op d'Creatioun vun engem Posten "Chômeur de longue durée", de Virlaf hate mir virdrun am Kader vun Restanten, wou deementspriedend mir gesot hunn, dass mir eis wëlte verstärken, well mir do och schonn d'Fangeren ausgestreckt hunn, wann een do muss mat der ADEM zesummeschaffen, wou een hei och wëll kloer ee recrutéieren, respektiv deen do ass, dee mir als Salarié agestallt hunn an de Ministère de l'Intérieur eis matgedeelt huet, dass mir mussen eng Création de poste maachen als Agent administratif an net als Salarié fir senger Aarbecht kënne Rechnung ze droen. Mee et geet virun allem dorëms, dass déi Persoun eis de néidege Support gëtt fir de Renfort ze maachen an der Recette fir de Restanten anzedreiwen. Jo, Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK) : Zu deem Punkt hunn ech och eng technesch Fro: Hei am Intitulé vun der Ofstëmmung steet kloer "en vue d'engager un Chômeur de longue durée", dat steet net am Text vum Déngen, do ass nëmme rieds vu "Création d'un poste d'agent administratif". Wann deen Här an d'Pensioun geet, ass da geduecht fir dee Posten iergendwéi fräizehale fir e Chômeur de longue durée? Dat ass meng Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Dat kann, mee dat muss net de Fall sinn, hei geet et an déi Richtung ganz spezifesch fir een ze hunn, deen an

deem Domaine sech auskennt. Mir hu jo déi Fakultéit, Poste vum Chômeur de longue durée do ze schafe wou eng gewëssen Necessitéit ass, wou och eng nei Aufgab op déi Persoun duerkënnt. Et ass also net geduecht fir een ze ersetzen, en tant que tel. Ech denken, dass mir hei an déi Richtung gi fir dee Service zousätzlech ze besetze fir de Restanten opzeschaffen, wat jo weiderhin eng Necessitéit bleift, och wann déi Persoun an d'Pensioun geet, nach ass se wäit dovunner ewech, elo an d'Pensioun ze goen, och wann se Chômeur de longue durée ass an iwwer 50 Joer huet, wäerte mir sécherlech dat doten als e feste Bestanddeel hale well et wichteg ass en A op de Restanten ze halen.

Jo, Madame Kayser?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) : Ech wollt just froen a wéi enger Carrière ass déi Persoun, hei steet elo guer näischt. Oder muss een dat do net spezifizéieren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) : Dat heien ass d'Carrière vum Redakter, also ugelehnt, do brauc een datz net ze spezifizéieren, mir hunn dat mam Interieur ofgekläert, also dat Jo. Ass de Gemen-gerot mat der Creatioun averstanen? **Dat ass unanime, Merci.**



IO. FROEN UN DE BUERGER-MEESCHTER A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER) :

Da komme Froen un de Gemengerot, do ass eng Fro vun den Dammen Heinen a Goergen, vun de Gréngen, wat d'Juegd an d'Juegdlousen ugeet, si freet hei de Schäfferot: Ass et richtig, dass d'Gemeng Diddeleng am Kader vun der Neiverdeelung vun de Juegdlouse gesteet huet? Am Fall wou et esou wier, wat ass d'Motivatioun vum Schäfferot, eng Juegd ze steeën? De Käschtépunkt, a wéi ee Budget fällt dat, gedenkt d'Gemeng op engem Juegdlous eng Juegd auszeüben? Wéi gëtt et duerchgefouert a soll op deem Juegdlous an Zukunft guer net gejoet ginn?

Dat sinn déi Froen, déi Dir stellt, déi ech effektiv dann hei och esou erëm ginn, wéi Är Fro och ausgeriicht ass. Par rapport zu Ärer éischter Fro, Neen, d'Gemeng huet kee Juegdlous gesteet, mee wat awer d'Bestriewen ass an esou wéi d'Gesetz et och virgesäit ass esou, dass et am ganze Land jo eng nei Stëmmung gouf ronderëm d'Juegdlousen an dat huet och en Impakt op Diddeleng a mir hu wëlles, am Kader och vum Gesetz, de Juegdlous 605 am Intérêt général ze huelen a wa mir deen och wëllen huelen, ass keng Stee virgesinn, mir sinn also de Moment net Locataire, et gëtt och keng Adjudication publique an deem Fall gemaach.


Firwat wëlle mir den Intérêt général invoquéiere beim Lous 605? Well dat e Lous ass, dat ronn 670 Hektar huet an et ass esou gutt wéi um ganzen Territoire vun der Stad Diddeleng am urbane Raum an et ass am Fong just en Deel ronderëm d'Näerzenger Strooss a laanscht Biereng, wou och Kompensatiounsmoosname geholl ginn am Kader vun CFL Multimodal wou am Fong kéint Juegd bedriwwen ginn, allgemengt Recht ass mat couvréiert am urbanen Deel vun der Stad Diddeleng den hei deementspriedend ass, dat muss een och kënne begrënnen a mir hunn hei den Intérêt général, dee mir wëllen invoquéieren, well an deem Lous 605 de Park Le'h ass, déi ganz Trëppelweeër, d'Waldschoul, SIPA, Opfänkstatioun fir déi wëll Déieren, eis Kleng Déierenzüchter-Anlag, d'Renovatioun ronderëm d'Diddelenger Baach an natierlech all Diddelenger Quartieren an de Centre vun der Stad Diddeleng, déi fannen sech an deem Lous 605. Et ass am Endeffekt jo och d'Ëmweltministesch wou entscheet ob den Intérêt général zeréckbehale gëtt.

Ech muss awer och soen, dass mir net déi eenzeg Gemeng sinn hei am Land, déi wëll den Intérêt général invoquéieren, well och aner Gemengen aus deene selwechte Consideratioune eraus wëllen an déi Richtung goen.

Dat par rapport zu Ärer éischter Fro. Dann, par rapport zu Ärer zweeter Fro: Dat Lous wat mir hei wëllen huelen d'Lous Nummer 605, ass esou wéi ech lech och sot wou mir den Intérêt général invoquéiere fir d'Juegd selwer en tant que tel net vill wäert. Mir hunn och als Gemeng de Syndikat gesi fir dat dote Juegdlous, mir wëllen och an déi Richtung goe wou mir Member si vun deem Syndikat a mir wäerten och - wat de finanziellen Deel ugeet - ofwaarden, wat sech am Ëmkrees deet, ronderëm déi aner Steeën an deenen aner Gemengen oder och déi Lousen, déi den Diddelenger Territoire wéi och déi aner Nopeschgemenge concernéieren an et muss een och wëssen, wann een hei bei der Juegd ass, dass dat meeschtens eng Durée vun 9 Joer huet. Mir hunn och e Budget virgesinn, mir hunn am Gemengebudget e Volet wou Pêche et Chasse heescht, dat wäert iwwer dee lafen.

Mir wäerten als Gemeng gedenken, keng aktiv Juegd hei duerchzeféieren, mir wëllen eis hei och keen Ofschossplang imposéiere loossen, aus de Grënn wou ech virdu genannt hu par rapport zu der Äntwert op Är éischt Fro. Engersäits ass wéineg Wëld do, wa Wëldschied sinn, kënne mir dofir opkommen, et si wéineg Schwäin do, wéi gesot, et gëtt wéineg Mais do ugebaut. Natierlech, wa mir intervenéieren, wier et éischter aus Grënn vun der Surveillance well Wëld krank ass, verletzt ass a well et muss geschoss ginn. Wann am Bestand eng Surpopulatioun ass, dann intervenéiere mir, oder wa sanitär Mesuren oder Moosname musse geholl ginn, wann d'Schwéngspesch bis op Diddeleng géif kommen, da misste mir intervenéieren, dat heescht et geet éischter ëm eng Surveillance wéi dorëms elo hei aktiv Juegd ze maachen. Dat ass d'Ausrichtung, déi mir hei wëllen huelen, well de Juegdlous, virun allem de Juegdlous 605 déi Ausrichtung huet, déi en an der neier Kompositioun huet.

Dëst gesot sinn ech ausféierlech op Är 2 Demanden agaangen. Domat si mir och mat der Séance publique fäerdeg a mir ginn an de Huis-clos iwwer.



CITYAPP

CITY APP DUDELANGE

DUDELANGE EN UN COUP D'ŒIL !

Restez informé 24h/24 où que vous soyez sur :

- les derniers événements de la ville
- le shopping et la gastronomie
- les trajets de bus et l'arrêt le plus proche
- les stations Vél'OK
- le ramassage des déchets

Notifications : recevez les informations sur les chantiers, le trafic et le ramassage des déchets dans votre rue.

Report-it : signalez-nous un problème sur la voie publique. Le service concerné s'en occupe !

Installez gratuitement l'application sur votre smartphone (Android ou iOS).

DÜDELINGEN AUF EINEN BLICK!

Seien Sie zu jeder Zeit und überall informiert über:

- aktuelle Geschehnisse in Ihrer Stadt
- Shopping und Gastronomie in Düdelingen
- Busfahrplan und nächstgelegene Bushaltestellen
- Vél'OK Stationen
- Müllabfuhr

Push-Benachrichtigungen: Erhalten Sie Infos betreffend Baustellen, Verkehrsinformationen und die Abfallsammlung in Ihrer Straße.

Report-it: Melden Sie uns ein Problem im öffentlichen Raum. Die zuständigen Dienststellen kümmern sich darum.

Installieren Sie die City App kostenlos auf Ihrem Smartphone (Android und iOS).

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollegium

Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister

Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange
T 516121-1 /// ville@dudelage.lu
website: www.dudelage.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

f /villededudelage @ @villededudelage

